

	23^e séance	Présidence
	Mercredi 13 décembre 2000	M. Jean Spautz , Président M. Willy Bourg , Vice-Président

Ordre du jour

Projet de loi 4700 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'Etat pour l'exercice 2001 (*Discussion générale - Suite*)

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre; MM. Luc Frieden et Carlo Wagner, Ministres; MM. Joseph Schaack et Eugène Berger, Secrétaires d'Etat.

(Début de la séance publique à 14.30 heures)

M. le Président.- D'Sitzung ass op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?
(*Négation*)

Mir fuere weider mat der Diskussioun iwwert de Stats-budget fir 2001. D'Wuert huet den Här Lucien Lux.

Projet de loi 4700 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'Etat pour l'exercice 2001

Discussion générale (Suite)

M. Lucien Lux (LSAP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleeginnen a Kolleegen. Et ass net onbedéngt eise Stil, fir d'Aarbecht vun engem Kolleeg Deputéierten hei am Haus esou ze skizzéieren, wéi dat virun enger Zäit am Lëtzebuurger Wort gemaach ginn ass aus der Fieder vun engem fréiere Mataarbechter aus der CSV-Fraktioun, a wéi den Här Rippinger vergiess hat och nach ze soen, engem fréiere Fraktiounssekretär vun der Fraktioun vun der Demokratescher Partei, deem d'Aarbecht vum Kolleeg Gusty Graas...

M. Jean-Paul Rippinger (DP).- Mir haten dat scho längstens vergiess.

M. Lucien Lux (LSAP).- ... dee leider nach net heibannen ass, fir ze héieren, dass e mat Plituden, eidle Sätz, wéineg iwwerzeegend an ënnert der Iwwerschrëft „Contre-performance“ ...

M. Lucien Weiler (CSV).- Fir d'éischt sot Der, Dir géift dat net hei maachen, an dann zitéiert Dir mat Genoss nach eng Kéier dat, wat an deem Artikel stong. Ganz korrekt ass dat do net!

(*Interruptions diverses*)

Ech dærf jo awer protestéieren, Dir hutt dat jo och gëschter gemaach.

M. Lucien Lux (LSAP).- Mir mengen, dass esou eng Definitioun e peinlechen Ausrutscher ass, well en eng perséinlech Attack ass an och ongerechtferlegt ass. Mir mengen am Géigendeel, an de Kolleeg Alex Bodry

huet dat de Muere schonn ugedeit, dass dee Rapport excellent ass, well e ganz deckungsgläich ass mat där Politik, déi e beschreift. Mat Banaliteiten a Plitudë beschreift een eng Politik, déi banal a platt ass, an deementspriedend ass dat schonn e Rapport, dee gutt erëmgëtt, wat déi vill Säiten Zuelematerial, déi mir kritt hunn, u Mangel u Visiounen un Opbrochstëmmung erëmginn.

Et gëtt effektiv virun allem an deem sozialpoliteschen Deel, deem ech wëll kommentéieren, keng Iddien, et gëtt keng matrëssend Projeté fir d'Zukunft. Et gëtt vill ugesot, viles an déi falsch Richtung. Déi inhaltlech Sakgaass, an där d'Regierung sech schonn am zweete Joer vun hirer Mandatsperiod befënnt, gëtt effektiv d'Geleeënheet mat esou ofgedräschene Floskelen ze schaffe wéi e-Lëtzebuerg, „new Lëtzebuerg“, muer wäerte mer vu „pretty Lëtzebuerg“ a „modern Lëtzebuerg“ schwätzen. D'Haaptsaach et klängt modern a cool. A Wierklechkeet verstoppt et nëmmen déi eidel Käpp an déi intellektuell Aarmutt, fir d'Problemer beim Numm ze nennen an iwwert déi makro-ekonomesch Euphorie eraus d'Mënschen nach ze gesinn, hir Problemer ze erkennen a Léisungsvirschléi ze maachen.

Ech wëllt dat un Hand vun dräi Beispiller nach eng Kéier skizzéieren. Engersäits d'Steierreform, déi mir elo maachen, an d'Ëmverdeelung, déi domat misst verbonne sinn. Dir wësst, dass eis Fraktioun eng Proposition de loi am Oktober abruecht huet, fir begleitend zu der Steuerreform beim Mindestloun an och beim Kannergeld Moosnamen ze ergräifen, déi deem Paquet wéinegstens déi noutwendeg sozialgerecht Oder géife ginn, a mir géifen eis domat och befannen an der Logik vun 1991, op déi ech net nach eng Kéier zrëckkommen. D'nächst Woch wäerte mer Geleeënheet kréie bei der Mindestloundebatt, dat nach eng Kéier ze diskutéieren.

Ech mengen och, dass wann ee gëschter de Rieden nogelauschtert huet vun deenen zwee Fraktiounscheffen aus der Majoritéit, da si si sech net ganz eens, wéi se sech par rapport zu deene Propositione sollen artikuléieren. De Kolleeg Rippinger huet gemengt,

d'LSAP géif sech op enger Stee befannen, typesch sozialistesche Ëmverdeelung maachen, Sue scho verdeelen, déi nach guer net do wäeren. Op där anerer Säit huet den Här Weiler eis am Prinzip als Message ginn, „Gedaamt, gedaamt, léif Kolleegen aus der LSAP, alles dat wat Der do proposéiert ass sympathesch, just et kënnt eréischt am Fréijor oder den 1. Januar 2002“. Et ass also noutwendeg, dass Der Är Violonen emol versicht uneneen unzepassen, fir klor ze maachen, ob dann all déi Iddië wierklech sympathesch sinn, ob se verréckt sinn, oder ob se d'nächst Joer mat Verspéidung kommen.

Et ass gewosst, dass déi Steuerreform bekanntlech am Summer esou eng Sponti-Aktioun war, an et natierlech net méiglech war, fir an där Zäit och derfir ze suergen, dass dat e Paquet géif duerstellen, deen dobaussen och d'Akzeptanz vun alle Leit an der Bevëlkerung géif kréien, an deen eng politesch Lisibilitéit géng duerstellen, déi et géif klor maachen, ze gesinn, a wat fir eng Richtung dës Regierung wëllt goen.

Tatsaach ass, dass d'Regierung an d'Majoritéit déi Virschléi beim Mindestloun, beim Kannergeld an anerem refuséiert hunn, den Här Weiler dat gëschter an och scho virun zwou Wochen hei op der Chambertribün awer ganz sympathesch fonnt huet. Et ass nun awer esou, och wann d'Diere bei der CSV op sinn, an dat hu mer elo schonn e puermol gesot kritt, dass een awer feststellt, dass all Kéier dann, wann Décisiounen ze huele sinn, hei oder an de Kommissiounen, e Refus kënnt. Et weess een net, ob et Zynismus war, oder ob et einfach Amateurismus war, dass am Projet de loi iwwert d'Erhéijung vum Mindestloun vun der Regierung, wou a sech just de Retard vun der Lounentwécklung vun 1997 an 1998 gemaach gëtt mat 3,1 %, an deem Exposé des motifs stong: „Le relèvement du salaire social minimum est aussi à percevoir comme mesure d'accompagnement sociale à la réforme fiscale des années 2001 et 2002 et ce en faveur des contribuables à faible salaire.“

Dat war a sech klor gesot, dass déi Propositionen, déi d'LSAP gemaach huet, richtig sinn. Allerdings fanne mer dat net an den Décisiounen, déi beim Relèvement vum Mindestloun gemaach ginn, erëm, an ech wëll hei ganz seriö soen, dass mer haut de Mueren an där betreffender Kommissioun an deem Rapport, deen ugeholl ginn ass, klor gesot hunn, dass dat, wat am Exposé des motifs vun der Regierung steet, Quatsch ass - dat kann ee jo esou soen, Här President vun där Kommissioun -, op där anerer Säit awer och d'Majoritéit an där Kommissioun an hirem Rapport eppes acceptéiert huet, wat ech lech wëll virlesen, an Dir kënnt sécher sinn, dass mir lech an deenen nächste Méint méi oft wäerten dorun erënneren, nämlech dass d'Kommissioun „s'est exprimée en faveur d'un réexamen de la proposition de loi Lux dans le cadre de la réforme fiscale de 2001“.

Ech wëll soen, an et wär virun allem gutt, wann den Här Lucien Weiler géng nolauschten, well dee mat mir doriwwer ëmmer streit, dass et déi Relatioun tëschent der Steuerreform an dem Mindestloun jo anscheinend net gëtt. Si gouf et anscheinend 1991 net. Si gouf et 2000 net. De Mueren huet d'Majoritéit vun där Kommissioun, also och d'CSV an d'DP e Rapport gestëmmt, wou éischens déi Relatioun ganz präzis hiergestallt gëtt, a wou klor gesot gëtt, mir kommen am Laf vun dem nächste Joer, wa mer d'Steuerreform vum 1. Januar 2002 diskutéieren - déi vun de Betriber virun allem, well et ass jo haapt-sächlech de Corollaire dozou -, op d'Proposition de loi vun der LSAP zréck.

Ech hoffen, dass dat net nëmmen eidel Wieder waren, mä dass mer an den Décisiounen, déi d'nächst Joer ze huele sinn, eis dorun erënneren. Jiddefalls bleift et dobäi an eiser Analys, dass dat, wat haut virläit u Steuerpaquet, dass deem Paquet dat Essentiell feelt, nämlech de Gerechtegkeetsprinzip, de Prinzip vun der sozialer Gerechtegkeet, déi Ëmverdeelung vun de Friichten, déi mer hei virhuele mat deene ville Milliarden, déi dës Stat amgaang ass, eranzehuelen. Déi Friichte sinn hiergestallt a produzéiert gi vun alle Leit dobaussen, a mir mengen, dass an der Ëmverdeelung och all déi Leit, déi dobaussen dodru bedeelegt waren, missten un deene Friichte bedeelegt ginn.

An da kommen ech zréck zu enger Rei vun Aussoen, wou et da wichteg gëtt, feststellen, ob dat Aussoe sinn, déi vläicht net ganz iwwerluegt sinn, oder ob dat wierklech d'Essenz vun der Politik vun dëser Majoritéit erëmgëtt. De Kolleeg Gusty Graas, Budgetsrapporteur, seet dann am Lëtzebuerger Wort a sengem Interview de 5. Dezember: „Vorab sei festgehalten, dass steuerliche Massnahmen nicht dazu führen dürfen, dass der Graben zwischen Arm und Reich größer wird.“

Ech muss soen, dat ass eng gewote Behauptung, wann een dat seet, an et gehéiert een enger Majoritéit un, déi an deene leschte Wochen net midd ginn ass, fir all sozial Begleitmoossnamen, déi ebe just deem do Zil, wat de Gusty Graas hei genannt huet, gerecht ginn, ofgelehnt huet, well et bleift dobäi, dass wann eng Famill mat zwee Kanner e Revenu huet vun 2 Milliounen, da profitéiert se mat 200.000 Frang méi Kafkraaft. Déiselwecht Famill mat och zwee Kanner an 1 Millioun profitéiert guer net dovun, esou dass déi Behauptung, déi do virdu gemaach ginn ass, dass de Gruef tëschent Räich an Aarm net méi grouss däerf ginn, inherent ass zu engem Steiersenkungspaket wéi deem do, deen net begleet ass, dass de Gruef tëschent Aarm a Räich ebe just klorerweis, logescherweis, konsequenterweis méi grouss gëtt. Dat Zitat ass entweder falsch par rapport zu deem, wat mer elo maachen, oder wéi gesot, et gouf net bis zu Enn geduecht.

Och am Constat vun der Ried vum Budgetsrapporteur huet de „Journal“ an engem Tëschentitel Lëtzebuerg skizzéiert als „reich und unglücklich“. Do kann ee sech froen, wat wëllt déi Botschaft eis soen, well et gëtt bestëmmt vill Leit hei am Land, déi räich a glécklech sinn. An et gëtt vläicht souguer och Leit, déi aarm an awer och glécklech sinn, an anerer sinn onglécklech. Ech mengen, dat ass net der Politik hir Aufgab, fir dat Cas par cas ze analyséieren, awer trotzdem mengen ech, muss een, wa mir heiandsdo eise Statsbudget kucken, eise PIB kucken, eis Produktivitéit kucken, och kucken, wat fir sozial Realitéiten an dësem Land sech hannert där Feststellung do verstoppen.

Ech hu mech dofir, ech wëllt net soen ameséiert, mä mer d'Zäit geholl, fir am Office social vun der Gemeng Beetebuerg emol eng Rei vu präzise Fäll erauszehuelen an emol ze kucken: Wat heeschen eis Rieden, déi mir alleguer hei halen, konkret fir d'Leit dobaussen?

Ech huelen e Fall, dee reell existéiert, eng Fra, déi zu Beetebuerg wunnt. Den Här Graas huet se scho vläicht begéint am Laf vun de leschte Joren. Si ass elengerzéiend. Si huet ee Kand vun aacht Joer. Si schafft 40 Stonnen d'Woch als Hëllefsméiesch. Si verdéngt dofir 53.760 Frang. Dat mécht en Netto vu 46.384 Frang. Si kritt e Kannergeld vu 6.218 Frang. Dat mécht insgesamt 52.602 Frang. Si kritt keng Alimenter. Den RMG ass net méiglech, well se do net ënnert d'Palierë fält. Si huet en Appartement mat zwou Schlofkummeren a bezillt e Loyer vu 26.000 Frang. Si huet Chargé vun 8.000 Frang a se huet e Solde vun 18.600 Frang. Si gëtt hiert Kand an eng Garde, well se schafft, mat enger Hausaufgabenhëllef derbäi, fir ze kucken, dass d'Kand d'Schoul och gutt packt, a bezillt dofir 10.000 Frang de Mount. Et bleiwen 8.600 Frang pro Mount. Wat bleift, ass en zweeten Job unzehuelen als Botzfra, a si geet dann nach all owens, fënnf Mol an der Woch, vu 5 Auer bis 9 Auer owens schaffen, a kritt dofir e Brutto vun 22.419 Frang, wat en Netto mécht vun 19.347 Frang, a féiert dozou, dass déi Fra en disponibele Kafkraaftrevenu am Mount huet vun 28.000 Frang bei zwou Persounen; dat si 460 Frang pro Dag op de Kapp bei 250 Stonnen, déi d'Fra am Mount schaffe geet.

Elo rífft de Budgetsrapporteur am Lëtzebuenger Wort op zu méi Eegeverantwortung a méi Pflichtgefill vun deem Eenzelnen. Dat mag sécherlech esou in globo kënnen ënnerschiwwen ginn. Et muss een allerdings soen...

M. Gusty Graas (DP), rapporteur. - Dir hutt a fofzég Joer nach näischt fir déi Fra gemaach!

M. Lucien Lux (LSAP). - Wann Der nach dräi Minutte waart, dann äntweren ech lech op déi do Bemierkung.

Wann een also d'Situatioun dovun gesäit, da gesäit een, dass an der Diskussioun iwwert de Mindestloun an iwwert d'Definitioun, wat de Wäert ass vum Mindestloun an der Gesellschaft, a mir hunn dat de Muere jo

och diskutéiert, et eng Noutwendegkeet ass, fir dee Mindestloun, all Kéiers da wa mer eng Emverdeelungsronn an dësem Land maachen, eropzehiewen.

Elo wësse mer, dass mer eis an der politescher Zeen, och an där Regierung virdrun, all Kéiers schweiergemaach hunn, fir voluntaristesche iwwer eleng de Kafkraaftverloscht opgrond vun der Lounentwécklung vun deenen zwee Joer virdrun, erauszegoen. Mir hunn 1991 en Hoff dozou gemaach. Mir hunn och an deene leschte Joren ëmmer versicht do nozekommen, mä et stellt ee fest, an Här Bettendorf, ech hunn et virdu gesot, dat gëllt fir all eis Rieden, déi mir hei maachen, dass mer, wa mer iwwert de Mindestloun, iwwert d'Kannergeld an iwwer sozial Begleitmoosnamen zu enger Steuerreform schwätzen, eis da musse bewosst ginn, dozou bäizedroen, dass jiddfereen un deem Verdeelungspak bedeelegt ass, well mer soss de Gruef tëschen Räich an Aarm méi grouss maachen, am Géigendeel zu deem, wat Dir am Lëtzebuenger Wort behaupt hutt.

An de Fall vun där Fra, deen ech genannt hunn, weist jo, dass et nieft de makro-ekonomeschen, euphorischen Date vun dësem Land dobausse sozial Realitéite gëtt, déi eis dozou bréngen, fir dat bei sou enger Ronn, wéi mer elo eng dréien, enger grousser Ronn, ze maachen. Et ass jo dat, wat mer an deene leschte Woche versicht hunn, lech bäizebréngen!

Et ass also sou, dass déi virgeschloe Steiersenkungen - an de Kolleege Jeannot Krecké huet dat jo gëschter scho gesot - largement geschélt waren, iwwerfällég wären, mä ebe just de Gruef tëscht Räich an Aarm méi grouss maachen, an och dat, Här Bettendorf, konnt een an deene leschte 15 Joer feststellen. Wann een dem CEPS seng Analysen, déi virun e puer Deeg komm sinn, kuckt, da gesäit een, dass 1998 50 % vun den Haushalter bei engem Niveau de vie - Niveau de vie heescht bei Berücksichtigung vun der Composition vum Ménage - vun ënner 74.000 Frang lounen!

Wann een dat méi genau kuckt, da gesäit een, dass 10 % vun deenen ënneschten Akommesbezéier, déi ënner 41.800 Frang leien, insgesamt 4,1 % vun der gesamter Masse vun alle Revenuen ausmaachen. Wann een déi 10 % kuckt vun deenen héchste Revenuen, déi iwwer 137.700 leien, da stellen déi méi wéi 20 % vun der gesamter Masse duer, an et gesäit een, dass, wann een dat kuckt, wat d'Spezialisten nennen de „rapport interdécile“, tëscht der éischter an där ningtong Décile, deen haut bei 3,3 läit, also och d'Tendenz huet, méi inegalitär ze ginn.

Ech mengen, dass mer bei all deem, wat mer - 10 Milliarden elo, 15 Milliarden d'nächst Joer - emverdeelen, déi Instrumenter, déi mer hunn, fir eng méi gerecht Verdeelung ze maachen, net däerfen aus den Ae verléieren. Déi Proposition de loi, déi mer gemaach hunn, geet ebe just an déi Richtung, awer si gëtt vun

der Majoritéit ofgelehnt, vun der CSV, wéi gesot, mat Sympathie beduecht, ...

(Interruption)

...mä vun der DP „typesch sozialistesche Ëmverdeelung“ genannt. Mä dat do sinn d'Realiteiten, op déi mer och eng Äntwert musse ginn, a wann een dat am Lëtzebuerger Wort eng Käier noliest, dann hätt dee sozial gerechten Usaz do, wa mer e Gesamtpak gemaach hätten, „für eine bessere Umverteilung gesorgt, bei der nicht nur viele, sondern alle Bürger mit am Tisch sässen, wenn geteilt wird“. Dat ass en Zitat aus dem Lëtzebuerger Wort als Kommentar zu där Steuerreform, déi hei gemaach gëtt.

Wann ech dann nach en anert Zitat vum Kollege Gusti Graas eraushuelen, wat ech dann awer schonn e bëssen e staarkt Stéck fonnt hunn, dat ass dann erëm eng Käier a sengem Interview am Lëtzebuerger Wort, beim Appel fir eng vernünfteg Gehälterpolitik - d'Beispiel aus dem öffentliche Dingscht hu mer jo nach vu virun e puer Wochen an Erënnung -: ...

(Hilarité)

Une voix.- Dir hutt et awer mat gestëmmt!

(Interruptions)

M. Lucien Lux (LSAP).- Ech hunn et jo och elo net negativ kommentéiert!

(Interruptions diverses)

Ech fanne just, Här Graas: ...

Une voix.- „Pacta sunt servanda!“

(Hilarité)

M. Lucien Lux (LSAP).- ... Wann dat do d'Iwwerzeegung vun der Demokratescher Partei ass, ...

(Interruption)

...da soen ech lech, dass et e staarkt Stéck ass - Här Bettendorf, lauschtert no -, fir e puer Méint nom Accord salarial an der Fonction publique am Lëtzebuerger Wort Folgendes ze soen: „Bei den anstehenden Gehälterverhandlungen müssen die Steuerreform und die Indexierung berücksichtigt werden!“

Elo wëll ech net streiden iwwert d'Noutwendegkeet oder net, d'Indexéierung mat ze berücksichtegen! Mat Bléck op d'Tarifautonomie kéint ee jo mol soen „de quoi je me mêle“, fir hei un d'Sozialpartner sou Saachen ze adresséieren, mä dat heescht am Kloertext: Wann d'Steuerreform muss berücksichtegt gi bei den angehende Gehälterverhandlungen - et ass jo dat, wat textuell hei gesot gëtt -, dann heescht dat fir déi kleng Akommesbezieher an d'Leit, déi kleng Léin hunn, dass déi Leit weder vun der Steuerreform profitéieren, nach Begleitmoossname kréien, well Der déi refuséiert, an dann nach musse Mooss hale bei de Gehälterverhandlungen fir eppes, wouvu si iwwerhaupt net profitéieren.

Dat ass scho bal eng pervers Logik, déi hei de Leit dobaussen ugekënnegt gëtt! Wann dat d'Iwwerzeegung vun der Demokratescher Partei ass, dann huele mer zur Kenntnis, dass dat déi ass, mä jiddefalls ass dat eng sozial ongerecht Attitude, déi sech largement vun deem ofwennt, wat mer an deene leschte 15 Joer an der Koalitioun mat der CSV gemaach hunn!

(Interruption)

Wann am Exposé des motifs vun der Regierung steet zum Mindestlohn - an ech hunn dat virdru scho gesot -, dass de Mindestlohn do soll sinn, fir jidderengem et ze erlaben „de vivre grâce au travail dans une certaine dignité“, dann heescht dat, dass de Palier vum Mindestlohn fir eis eppes ass, wat et wichteg ass, de Leit ze ginn, fir et domat dignement a besser ze maache wéi fir déi Fra, déi ech virdru genannt hunn, well dat ass sécherlech ganz schwiereg!

Dass dat do, Här Rippinger, keng verdréchent Iddien aus der Klamottenkiste vun e puer lénken Traditionallisten sinn, hunn ech e Samschen nach eng Käier gemierkt, wéi ech am Lëtzebuerger Wort - Dir gesitt, ech hu gutt Zeitungen, déi ech mer d'Zäit huelen ze liesen - ...

(Interruption)

...eng ganz laang...

(Hilarité)

...Stellungnam - lauschtert gutt no a laacht net zevill haart, wann ech dat soen - vun de Bëschofskonferenzen vun der Europäescher Unioun gelies hunn.

(Brouhaha)

M. Lucien Weiler (CSV).- Très bien!

M. Lucien Lux (LSAP).- Ech stelle just fest - an ech soen lech dat, Här Weiler, ...

(Interruption)

...fir dass Der lech an deenen nächste Méint drun erënnert -, dass d'Bëscheef aus der Europäescher Unioun plaidéiere fir méi Bedeelegungsgerechtigkeit, fir méi staatlech Ausgleichsmoossnamen „zur Abfederung von sozialen Ungleichheiten“. Dat heescht, och si maachen en Appel dofir, dass mer net nëmmen einfach sollten um fiskale Plang verdeelen - well dat ass ëmmer eng ongerecht Verdeelung -, mä dofir Suerg sollen droen, dass mer dat méi gerecht maachen!

(Interruption)

Ech hu jiddefalls festgestallt - an ech mengen, dass de Kollege Bausch dat scho bei enger anerer Geleeënheet hei gesot huet -: Mir hunn eis an deene leschte Wochen an der politescher Diskussioun hei zu Lëtzebuerg vill méi llicht gedoen, fir mat engem Fiederstréch ze decidéieren, de Spëtzezteiersaz ëm 8 % erof ze setzen, fir d'Betriebsbesteuerung an der Moyenne ëm

7 % erof ze setzen, wéi de Mindestloun op där anerer Säit ëm 7 % an d'Luucht ze setzen!

Do feelt dann heiansdo d'Gefill fir d'sozial Realitéiten a fir déi Eenzelfäll, déi ech virdu skizzéiert hunn. Dat anert schéngt op alle Fall vill méi schnell ze goen, an ech mengen, dass dat dobausse bei de Leit, och bei der Akzeptanz, déi se fir sou e Pak hunn, ganz vill Problemer schaaft, well d'sozial Akzeptanz feelt. Dat gëtt net nëmmen am Wort gesot, dat soen net nëmmen d'Bëscheef, mä et soen och vill Leit dobaussen, dass déi Ëmverdeelung um Niveau vun de Steiere gutt ass. Den LCGB huet jo Rechnunge gemaach, déi dozou féieren, dass 40 % vun den Haushalter net vun dëser Steuerreform profitéieren, dass also dozou bäigedroe gëtt, fir de Gruef tëscht Räich an Aarm méi grouss ze maachen!

M. le Président.- Här Lux, Dir musst zum Schluss kommen! Är Zäit ass schonn dépasséiert, an et sinn nach zwee vun Äre Kolleegen agedroen!

(Interruption)

M. Lucien Lux (LSAP).- Ech wëll nach zwou Bemerkunge maachen,...

(Interruptions)

... zum Ofschloss, Här President,...

M. le Président.- Et deet mer Leed, mä et geet op Käschte vu senge Kolleegen!

M. Lucien Lux (LSAP).- ... zu de Krankekeesen.

(Interruptions diverses)

M. Jean-Paul Rippinger (DP).- Et ass ee vun de beschte vun de Sozialisten, dee schwätzt!

(Interruptions)

M. Lucien Lux (LSAP).- Ech wëll zu de Krankekeesen...

(Interruptions)

Jo, mä wann et sou ass!

M. le Président.- Neen, soubal Der ënnerbrach gitt, steet d'Auer!

(Hilarité)

Et gëtt ëmmer gestoppt!

M. Lucien Lux (LSAP).- ... an zum Plan hospitalier, well de Sozialminister...

(Interruption)

... de Mëtten hei bei eis ass, eppes soen.

(Interruption)

Da lauschtert elo eng Minutt no, da si mer och direkt fäerdeg!

Ech wëll zu de Krankekeese soen, dass ee bei där Diskussioun, déi mer virun enger Zäit hei hate bei der Interpellatioun Di Bartolomeo, vläicht muss verstoen,

Här Minister, dass et net nëmmen ëm déi 322 Milliounen un zousätzlecher Bedeelegung geet. Et geet och ëm déi, mä et geet ëm vill méi an der Diskussioun dobaussen, nämlech dass d'Leit ganz gutt verstinn, dass dee Laaschtenausgläich, deen do proposéiert ass, en ongerechten Ausgläich ass, dass net jidderee vun deenen, déi Acteur sinn am Defizit vun de Krankekeesen, gerechterweis um Laaschtenausgläich bedeelegt gëtt!

Dat ass dat, wat d'Leit spieren! Ech wëll da soen: Et ass ganz staark, dass een, wa mer diskutéieren - waart eng Minutt, Här Wagner,...

M. Carlo Wagner, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.- Jo!

M. Lucien Lux (LSAP).- ...da si mer direkt fäerdeg -, hei an der Interpellatioun, dono Décisiounen am Rahme vun der UCM falen an et vill Opreegung dobausse gëtt - d'Gewerkschafte streiden, d'Doktere streike souguer -, da feststellt, no enger Entrevue, déi de Statsminister mam LCGB huet, dass d'Lëtzebuerger Wort zitéiert, de Statsminister hätt bei där Geleeënheet „seine Bereitschaft bekundet, ein künftiges Finanzierungsmodell auf der Basis sozialer Gerechtigkeit zu definieren.“

Dat schléit allerdéngs dann dem Faass de Buedem aus! Mir diskutéieren hei, Dir lehnt all déi Virschléi, déi gemaach ginn, fir zu enger méi gerechter Verdeelung ze kommen, of, an dann, zwou Wochen dono, kënnt de Statsminister, e leet eng Kéier d'Hand iwwert d'Land a seet: Majo, dat ass kee Problem! Mir maachen elo e Finanzéierungsmodell, dee sozial méi gerecht ass! Dat ass e schwaachen Trouscht, wann dat herno da schlaumeierhaft festgestallt gëtt.

Datselwecht ass beim Plan hospitalier de Fall, wou d'Leit dobausse ganz wéineg Versteesdemech hu fir dee Bettenofbau, dee proposéiert gëtt an engem Moment, wou d'Bevölkerungszuel rapid an d'Luucht geet an d'Leit méi al ginn. Mä et stécht a Wierklechkeet méi dohannert, well d'Leit einfach Angscht hu virun där Politik, déi lues awer sécher, duerch aner Moosnamen, an de Beräich vun der Zwouklassemedezin féiert.

Déi räich Leit fannen herno nach ëmmer eng gutt Geleeënheet an engem private Spidol, fir e Bett ze fannen - wa méiglech e Bett eleng -, an déi aner ginn op de Gäng hin an hier geschubst oder, wéi et engem Kolleeg Deputéierte gaangen ass, ambulant moies eran an owes eraus, wou se besser hätten, si géifen nach zwou Nuechten an deem Spidol bleiwen, fir ordentlech medezinesch betreit ze ginn.

Dat ass gewollte Politik, a souwuel beim Refus, d'Steierreform sozial ze begleeden, wéi och bei där Ronn iwwert d'Finanzéierung vun de Krankekeesen, wéi och beim Plan hospitalier ass de Fuedem, de blo-schwaarze Fuedem, deen doduerch geet, dee vun

enger Politik, déi onausgewogen a sozial ongerecht ass, an dofir wäerte mer mat grousser Iwwerzeegung dëse Budget oflehnen!

Merci.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- Très bien!

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Marc Zanussi un der Rei.

(Interruptions)

M. Marc Zanussi (LSAP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Budgetsrapporteur huet probéiert, säi Budget ënnert den Thema vun der Nohaltegkeet ze stellen. Dee Versuch, géif ech mengen, ass zum gréissten Deel mësslungen, an d'Virriedner vun eiser Fraktioun hu jo och schonn eng Rei vun Aspekter ervirgetrach, déi dat confirméieren.

Ech denken, dass dee Versuch virun allem mësslungen ass, well een net kann e Budget ënnert den Thema vun der Nohaltegkeet stellen, wann een de Beräich Transport sou vernoléisst, wéi hien dat a sengem Rapport gemaach huet! Ganzer zwee Sätz huet een iwwert d'Transportproblematik am Rapport vum Här Graas héieren. Wann een awer weess, dass Lëtzebuerg dat héchst...

(Interruption)

...motoriséiert Land an der Europäescher Gemeinschaft ass, wann ee weess, wéi d'Chifferen évoluieren, da stellt ee fest, dass mer am Joer 1990 220.000 immatrikuléiert Autoen haten a mer der am Joer 2000 321.000 hunn, d.h. an 10 Joer e Plus vun 100.000 Autoen. Wann ee weess,...

(Interruption)

...dass all Joer - a besonnesch am Joer 2000 - 45.000 Autoen nei ugemellt gi sinn, da weess een, op wat fir eng Situatioun dass mer zousteieren!

Sécherlech ass et och begrëssenswäert feststellen, dass d'Zuel vun den Aarbechtsplazen hei zu Lëtzebuerg permanent an d'Luucht geet. Dat huet ouni Zweifel eng ganz Rei vu Virdeeler, mä et muss een awer och wëssen, dass et eng Rei vun Nodeeler huet, besonnesch dann, wann ee mat engem onkontrolléierte Wuesstum konfrontéiert ass a weess, dass dës Regierung keen Instrument an d'Fënster gestallt huet, mat deem se wëllt vun deem onkontrolléierten zu engem kontrolléierte Wuesstum iwwergoen.

Nei Aarbechtsplaze bréngen awer och méi Verkéier, a wann een d'Chiffere kuckt vun de Frontalieren, da gesäit een, a wat fir eng Situatioun dass mer do kommen. Hate mer 1998 nach 71.000 Frontalieren, déi all Dag an d'Land gefuer sinn, sinn et der am Joer 2000 84.000, d.h. e Plus vun 13.000 innerhalb vun zwee Joer. Dat ass eng Augmentatioun vun 18%!

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wann ee gesäit, a wat fir eng Richtung dass d'Verkéiersop-

kommen hei zu Lëtzebuerg geet, da stellt een och fest, dass d'Zuel vun de Leit a vun den Autoen, déi all Dag an d'Stad fueren, aus allen Himmelsrichtungen, permanent amgaangen ass ze wuessen. Wa mer 1994 nach 100.000 Autoen haten, déi all Dag aus allen Himmelsrichtungen an d'Stad gefuer sinn, sou waren et der 1999 145.000, e Plus vu 45.000 Autoen innerhalb vu fënnef Joer.

Vu dass den Här Graas jo zu Beetebuerg am Gemen-gerot ass an ech mer net ka virstellen, dass e frou driwwer ass, dass regelméisseg duerch Beetebuerg souvill Trafic fléisst, wëll ech him just soen, dass op der Route nationale 13, déi vun Diddeleng op Beetebuerg féiert, 1995 8.800 Autoen all Dag gefuer sinn an et der 1999 10.900 waren. Dat ass e Plus vun 2.100 Autoe pro Dag.

Ech denken, wann een dee Problem wëll eeschtaft léisen, datt een dann aner Moosname muss an de Vierdergrond stelle wéi déi, déi bis elo vun der Majoritéit an deem Budget ze fanne sinn.

145.000 Autoen, déi all Dag, wa se schaffe fueren an d'Stad, sief dat vun Diddeleng, vun Esch, aus dem Norden oder aus dem Westen, am Stau stinn, huelen den Zuch net an et muss ee sech froe firwat. Si huele ganz einfach den Zuch net, well den öffentliche Transport haut net an der Lag ass, fir dee Confort ze bidden, deem d'Leit sech wënschen, an deem och méiglech wär.

D'Äntwert vum Rapporteur a vun der Regierung op déi do Problemer ass déi, datt gesot gëtt, et géif e schinnegebonnenen Uschloss gemaach gi vum Kierchbierg, an datt d'Waasserstoffbusser sollen agefouert ginn. Dat ass d'Ausso an d'Perspektiv déi dës Majoritéit vis-à-vis vun de Verkéiersproblemer weist.

Mat deenen do Uspréich, mengen ech, dierf een definitiv keen Usproch un d'Nohaltegkeet stellen, well wann een deem Usproch wëll gerecht ginn, da muss een aner Moosnamen ergräfen.

Déi lescht Regierung huet dem Thema „Nohaltegkeet“ eng grouss Bedeitung geschenkt. Et war ee Schwéierpunkt. Bei dëser Regierung ass et soss näischt wéi ee Schlagwuert.

Et besteet nach ëmmer den Engagement vun der Lëtzeburger Regierung, fir bis d'Joer 2010 eng Reduktioun vun den CO₂-Emissiounen ëm 28% ze realisieren. Mat esou enger Zilsetzung hat déi deemoleg Regierung sech an de Spëtzeloton vun deene Länner katapultéiert, déi eeschtaft eppes zum Klimaschutz hei zu Lëtzebuerg wollt baidroen. Wann ee weess, datt mir hei zu Lëtzebuerg 9,5 Milliounen Tonnen CO₂-Ausstéiss d'Joer hunn, an et weess een, datt 35%, also méi wéi een Drëttel, duerch de motoriséierten Individualverkéier kommen, weess een, datt een en absolute Quantesprung am öffentliche Trans-

port brauch fir deem do Zil och nëmmen usazweis gerecht ze ginn.

Datt de BTB-Projet hei virun e puer Wochen e Begrieffnis mat zwee Hären erlieft huet, dem Här Grethen an dem Här Helminger, war ze erwaarden an dat ass keng Iwwerraschung fir alleguer déi, déi d'Verkéiserspolitik hei zu Lëtzebuerg suivéieren. Donieft muss een awer feststellen, datt am Budget fir d'Joer 2001 keng Accenter dra sinn, déi uweisen a wat fir eng Richtung et muss goe fir d'Verkéisersproblemer hei am Land ze léisen.

Ech froe mech, wou d'Initiativë fir een an der Regierungserklärung opgezeechente Verkéisersverbond sinn. Keng Spur am Budget. Wou sinn d'Zeeche fir déi vun der Regierung an Aussicht gestallte Mobilitéitszentral? Kee Schwéierpunkt ze fannen. Wou bleift de Plan sectoriel du transport, deen den Innenminister de 26. Abrëll 2000 als Alternativ de Gemengen zum BTB-Projet ugekënnegt huet? Wou sinn d'Kreditter am Budget ze fannen, fir déi Realiséierungen, déi d'Null-plus-Léisung sollen duerstellen, ëmzesetzen? Et ass keng Spur vun deenen do Projeten am Budget erëmze-fannen.

D'Regierung huet just de Contraire gemaach. Si huet virun enger Rei vu Méint eng Augmentatioun vu 15 % vun den Tariffer vum öffentlechen Transport dekreteiert. An dat zu enger Zäit wou d'Uelechpräisser amgaange waren - an och nach sinn - ze explodéieren. Wann ee weess, datt d'Einnahmen insgesamt vum öffentlechen Transport am Verhältnis zu den Ausgabe knapp 7 % ausmaachen, dann hätt ee besser gehat sech Gedanken driwwer ze maachen, fir am Beräich vun den Tariffer an d'Richtung vun enger Null- oder Null-plus-Léisung ze goen an net dat ze maachen, wat gemaach ginn ass, nämlech och nach eng Augmentatioun vun den Tariffer, mat där sécherlech näischt un der Attraktivitéit vum öffentlechen Transport geännert huet.

Op der Pressekonferenz virun e puer Wochen hunn, wéi gesot, den Här Grethen an den Här Helminger ganz feierlech hei deklaréiert, datt mat dëser Majoritéit kee BTB-Projet gebaut gëtt. Déi vermeintlech Alternativ ass d'Nullléisung. Normalerweis erwaart ee vun der Demokratescher Partei, datt se, wat de Marketing ubelaangt, jo nawell e bëssche Fantasie huet. Et ass dofir onerklärlech, wéi déi Responsabel an der Demokratescher Partei konnten zouloossen, datt den Adelstitel „Null“ profitéiert ginn ass. Ech ka mir et ganz einfach just domat erklären, datt net opgepasst ginn ass a wierklech déi, déi déi do Definitioun opgestallt hunn, eppes vum Problem kannt hunn, well déi Léisung do ass net méi wäert wéi Null.

De Statsminister huet a senger Erklärung zu der Lag vun der Natioun gesot: „Ech wëll hei kloer soen, datt d'Alternativ zum BTB net kann dora bestoen, datt de BTB net gebaut gëtt.“ Or, elo gëtt de BTB net gebaut

an et ka jo keen an et huet och bis elo nach keen et gewot fir den Usproch ze stellen, datt déi Nullléisung, déi elo virläit, eng Alternativ zum BTB-Projet ass.

Wann ee ganz kuerz kuckt wat déi do Léisung begräift - a mir komme sécherlech nach eng Kéier am Ufank vum Joer bei der Interpellatioun vum Här Bausch am Detail dorop zrëck -, da stellt ee fest, datt d'Alternativ fir d'Verkéisersproblemer hei am Land ze léisen, soll dora bestoen, datt den Hallefstonnentakt verdicht gëtt. Dat heescht, datt d'Lücken opgefëllt ginn, datt d'Dummeldenger Gare ëmgebaut gëtt, esou datt ee ka méi bequem de Bus huelen. Et sollen nei Haltestellen um Kierchbierg gebaut ginn. Et soll en Tunnel an der Avenue de la Liberté gebaut ginn, selbstverständlech fir den Individualverkéier, well et soll jo eppes fir den öffentlechen Transport gemaach ginn. Schlussendlech sollen an de Spëttestonnen an der Stad nach méi Autobussen iwwert d'Stroossennetz fueren.

Wéi net anescht ze erwaarden, huet dës Etüd dann och festgestallt, datt de vollekswirtschaftlechen Notze vun deem Projet nëmmen zu engem minimale Punkt ginn ass, an zwar an deem Moment, wou vun engem Hochmodell ausgaange gëtt. Woubäi een awer weess - an den Alex Bodry huet dat a senger Interventioun scho skizzéiert -, datt déi Parameteren, vun deene bei dësen Etüden 1996 ausgaange gi war, Donnéeën vum STATEC waren.

Haut hu mir schonn eng Rei vun deene Parameter iwwerschratt, wann een eleng kuckt mat wat fir enge Schülerzuelen am Joer 2020 gerechent gëtt. Et ass deemools vun 42.000 Schüler geschwat ginn. Déi sinn am Joer 2010 scho laang iwwerschratt, wéi mir dat och a rezenten Diskussiounen konnte feststellen. Et kann also keen anere Szenario wéi just dee vum Hochmodell applizéiert ginn.

Da muss een awer wëssen, datt de vollekswirtschaftlechen Notze vum BTB an der Luxtraffic-Etüd schonn analyséiert ginn ass. Do ass et zu engem positive Resultat komm, wou ganz kloer vun engem däitsche Modell berechent ginn ass, datt de Wäert 2,6 bedréit, woubäi bei engem Wäert vun 1 Projete wéi déi do vum Bond an Däitschland a vum Stat ënnerstëtzt ginn. Esou datt een hei domat konfrontéiert ass, datt een zwee verschidde Resultater vun Etüden huet. Ech sinn der Iwwerzeegung, datt nach wie vor d'Berechnunge vum Büro vun der deemoleger Luxtraffic-Etüd méi vertrauensvoll sinn, wéi déi vun deem Basler-Büro, deen déi hei elo analyséiert huet.

D'Null-plus-Variant ass eng Variant, déi um Pabeier besteet, an et dierf ee berechtigt Zweifel doriwwer ausdrécken, ob se iwwerhaupt ëmsetzbar ass. A rezente Publikatiounen vum Mouvement écologique konnt een doriwwer méi liesen.

Et muss ee ganz kloer wëssen, datt et e Problem duerstellt wann een nach méi Busse wëll innerhalv kierzester Zäit op deemselwechte Stroossennetz fuere

loossen, well elo schonn d'Stroosse verstoppt sinn. Ech denken, datt et wäert schwéier machbar sinn, nach méi Bussen a kuerzer Zäit iwwert déi Stroossen ze féieren. Dat wäert ganz schwéier méiglech sinn.

Wat d'Ubannung vum Kierchbiereg ubelaangt, muss ee soen, datt dat e Projet war, dee sech och am fréiere BTB-Projet erëmfonnt huet. Allerdéngs nëmmen als lescht Etapp a mat der Ubannung vum Stadzentrum. Et ass relativ schwéier ze verrieden, wann ee wëll e Projet wéi deen do realiséieren an d'Ubannung vum Zentrum net virgesäit, well da ganz einfach d'Käschten am Verhältnis zum Resultat eiser Aschätzung no relativ grouss sinn.

Wat d'Ubannung vum Findel ubelaangt, kann ee sech och sécherlech net dogéint ausschwätzen, mä et muss een awer wësse wat dat heescht, wann ee géng dovun ausgoen, datt déi ganz Charge, déi de Cargo-zenter ofgëtt, eng hallef Millioun Tonnen, géng iwwert d'Eisebunn transportéiert ginn. Bei engem Transport vum nëmmen 18 Milliounen Tonne bei der Eisebunn maachen dat nëmmen 3 % aus. Et ass héchst onëmstridden, datt dee gréissten Deel vun där Fracht iwwert de Cargo-zenter mat der Eisebunn kann transportéiert ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, souguer eng Null-plus-Léisung mat der Ubannung vum Kierchbiereg a vum Findel - wa se machbar ass - stellt keng Alternativ zum BTB-Projet duer. Déi 150.000 oder 145.000 Automobilisten, déi all Dag am Stau stinn op den Autobunnen a Richtung Stad, wäerten och mat der Null-plus-Léisung hiren Auto net stoe loossen. Ganz einfach, well si nach wie vor musse mam Zuch op d'Gare fueren, duerch de Reen op e Busarrêt lafen, an der Keelt waarden an dann an engem iwwerfëllte Bus erop an d'Stad fueren.

Bis haut gëtt et nach keng Alternativ zum BTB-Projet an ech wëllt do nach eng Kéier d'Etüd vum der Fondation Weicker zitéieren, déi virun zwee Joer an hirer Etüd iwwert de Szenario fir d'Joer 2012 geschriwwen huet: „La mise en place d'une infrastructure pour un train-hybride régional, avec accès autour de la Ville de Luxembourg, est à l'ordre du jour devant les instances responsables. Il faut souhaiter qu'un tel projet aboutisse rapidement.“

Leider wäerte mir vun dëser Realisatioun an deenen nächste Joren nach näischt héieren an et ass dann ëmsou méi erstaunlech wann een dann haut de Courrier vun der Union commerciale heem kritt an et liest een doran, datt si wierklech léiwer en Tunnel tëschent der Paräiser Plaz hätten, wéi de BTB-Projet. Da kann ee wierklech nëmmen de Kapp iwwer esou Aussoe rëselen.

De BTB-Projet war an ass e Gesamtkonzept. Mam BTB-Projet wär eng Verbesserung vum gesamten öffentlechen Transport méiglech gewiescht. Dat wär eng Verbesserung net nëmme fir d'Stad Lëtzebuerg,

mä fir d'ganz Land. Den entscheidende Virdeel vun deem Projet vis-à-vis vun allen anere Projeten, déi bis elo virlungen - an dat huet och d'Etüd Basler zouginn -, ass d'Tatsaach, datt een net brauch ëmzeklammen, datt ee bequem, waarm a gemittlech aus verschiddene Richtunge vum Land an den Zentrum vun der Stad kënnt. Dat ass deen entscheidende Virdeel vun deem do Projet.

Wéi een an de Stadzentrum kënnt, ass eng aner Fro, déi duerchaus diskutabel ass. Et läit een Trajet vir. Méiglecherweis gëtt et nach een aneren. Doriwwer soll een nach diskutéieren.

Op alle Fall, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fënnt een an dësem Projet keen Usaz, deen de Verkéiersproblem vun dësem Land kéint léisen. Et fënnt ee souguer och keng Usätz an dësem Budget, déi fir d'Ëmsetzung vun der sougenannter Null- oder Null-plus-Léisung sollten dra sinn. Sou datt ee sech muss d'Fro stellen, wéi eescht déi do Absichten iwwerhaapt sinn.

Dës Regierung huet net de Courage fir Visiounen. Mat dëser Regierung wäerten d'Verkéisersproblemer an dësem Land net geléist ginn, well et brauch een déi zwee fir dat do ze maachen.

(Interruptions)

Mir hate leider en onzouverlässege Koalitiounspartner.

Des voix. - Ah!

M. le Président. - Här Zanussi, den Här Bettendorf wëll lech eng Fro stellen.

M. Niki Bettendorf (DP). - Här President, ech wollt dem Här Zanussi eng Fro stellen. Ech wollt hie froen, wat fir eng sozialistesche Deputéiert dat waren, déi an der Zäit géint de Contournement vun der Stad Lëtzebuerg waren. Wann Dir et net wësst, da soen ech lech et: Dat waren den Här Fayot, den Här Krecké an den Här Kollwelter, a Gott sei Dank huet den Här Schlechter de Contournement vun der Stad Lëtzebuerg gebaut.

(Interruptions)

M. le Président. - Fuert weider, Här Zanussi. Loosst lech net provozéieren!

M. Marc Zanussi (LSAP). - Ech wollt just soen, datt de Politiker, déi am Moment d'Responsabilitéit hunn, de Courage feelt. Dat ass jo offensichtlech. Da wäert d'Entwécklung an d'Zuel vun den Autoen - déi 45.000, déi all Joer nei am Land immatrikuléiert ginn - lech dozou forcéieren, aner Iddien an echt Alternativen op den Dësch ze leeën. Et ass just schued fir d'Lëtzebuurger Land, datt mir dorop musse waarden, an datt et u Courage an u Visiounen bei der aktueller Majoritéit feelt.

Aus deem do Grond, an dat ass ee méi wéi déi vun deene Riedner virdrun, kënnen mir dës Budget selbstverständlech net stëmmen.

M. le Président.- Als nächste Riedner kënnt den Här Laurent Mosar un d'Rei. Den Här Mosar huet d'Wuert.

M. Laurent Mosar (CSV).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Budgetsdebatt gëtt der Chamber all Joers d'Geleeënheet, fir sech Gedanken iwwert d'Zukunft an iwwert déi wirtschaftlech Orientéierung vun eisem Land ze maachen.

Ech wäert a menger Ried zum Budget fir d'Joer 2001 méi genee op de Beräich vun der Informatiouns- a Kommunikatiounsgesellschaft agoen. De Budget vum Joer 2001 steet am Ufank vun engem neie Joerhonnert, wat scho geprägt ass vun enger neier industrieller Revolutioun, déi agelaut gëtt duerch déi rasant Entwécklung vun der Informatiouns- a Kommunikatiounstechnologie.

Dës Entwécklung stellt d'Mënscheit virun nei Herausforderungen am positive mä awer och am negative Sënn. Déi Méiglechkeeten, déi sech fir Europa aus der Entwécklung vun den Informatiounstechnologien erginn, sinn enorm, an et geet dodrëms, dës nei Technologien an engem positive Sënn ze notzen.

Et ass och dës Iwwerleeung, déi an der Recommendation vum Bangemann-Rapport vum Mount Mee 1994 zum Ausdrock kënnt. Ech erlaube mer en Auszuch doraus ze zitieren:

„Toutes les révolutions engendrent des incertitudes, des discontinuités et des opportunités. Celle d'aujourd'hui ne fait pas exception. La manière dont nous allons répondre à ces opportunités et dont nous allons les convertir en bienfaits réels dépendra de la rapidité avec laquelle nous pouvons entrer dans la société de l'information européenne.“

Fir dës europäesch Informatiounsgesellschaft ze realisieren, huet d'EU-Kommissioun an enger éischter Phas mat Aktiounspläng am Kader vun dem Konzept e-Europe reagiert. Duerch Initiativen ewéi e-Europe gëtt op EU-Ebene versicht, de Leit an Europa déi nei Informatiounstechnologie méi no ze bréngen. D'Europäer hunn an dëser Hisiicht ee Retard op d'Amerikaner nozehuelen. Trotz deenen Efforen, déi op EU-Ebene am Beräich vun der Reglementatioun vun der Informatiounsgesellschaft ënnerholl goufen - ech erënneren dobäi un d'Efforen am Telekommunikatiounsberäich, un d'Direktiv iwwert de Commerce électronique oder un d'Reglement iwwert d'Exportlizenze vun Technologien iwwert d'Sécherheet vun der Informatioun -, esou bleiwen dach hei nach Efforen ze maachen.

Am Positiounspabeier, dee vun der EU-Kommissioun iwwert e-Europe fir de Sommet zu Nice ausgeschafft gouf, sinn eng ganz Rei vu Moosnamen opgeléicht, déi nach an dësem Domän ze maache bleiwen. Laut de Konklusione vum Sommet zu Nice soll dee vun

der Kommissioun ausgeschafften Aktiounsplang e-Europe d'nächst Joer eng Suite op der Réunioun zu Stockholm kréien. Hei wier et interessant, vun der Regierung gewuer ze ginn, wat fir eng Moosname genau zu Nice décidéiert a geplangt goufen.

Eisem Land gëtt fir d'nächst Joer vun de Wirtschaftsexpären e Wuesstum vu 6,2 % virausgesot, dee wäit iwwert dem europäeschen Duerchschnitt läit.

D'Zukunft vun eisem Land virbereeden, heescht och, datt mir an Zäiten, geprägt vu wirtschaftlech Opschwung a vun excellente Wuesstumsperspektiven, déi budgetär Moyenen esou asetzen, datt de Leit, déi hei am Land liewen, en Héchstmooss u Wuelstand a Liewensqualitéit erhalen bleift.

Dofir ass et wichteg, datt mir dat bestehend Potential zum Ausbau vun der wirtschaftlicher Aktivitéit vun eisem Land beschuens ausnotzen, an dëst am Sënn vun enger nohalteger Entwécklung.

D'Multimediaëmfeld an d'Ëmfeld am Héichtechologieberäich sinn esou Nischen, wou Lëtzebuerg groussen Interessi dorunner huet, dës Aktivitéiten als zousätzlecht Standbeem vu senger wirtschaftlecher Aktivitéit weider auszebauen, well dëst Aktivitéit sinn, déi souwuel zur Diversifizéierung vun eiser wirtschaftlecher Aktivitéit als och zu engem qualitative Wuesstum kënnen bäidroen, an dëst justement am Sënn vun enger nohalteger Entwécklung.

Dee groussen Atout, deen eist Land am Kommunikatiouns- an am Mediëberäich huet, besteet an der Fäegkeet, d'Reglementéierung an dës Beräicher bannent kierzester Zäit den Tendenze vun der Globaliséierung an Dereglementéierung unzepassen.

Dës Fäegkeet hu mir bewisen, andeems mer als éischt EU-Land déi legal Grondlag fir d'Signature électronique am Gesetz iwwert den e-Commerce geschafen hunn.

Den e-Commerce an den Asaz vum Internet am Handel wäert et eise Betriber à moyen oder à long terme erméiglechen, hir Produkter weltwäit kënnen ze vermaarten an unzëchen, a soumat hir wirtschaftlech Aktivitéiten domat och kënnen auszebauen.

Ech wëll am Laf vu menger kuerzer Interventioun fënnef grondsätzlech Iwwerleeungen zu der Medien- a Kommunikatiounspolitik an eisem Land maachen.

Éischt Iwwerleeung: Et soll ee weder d'„new economy“, den e-Commerce nach den Internet am Allgemengen als dat absolut Wonnermëttel vun enger reüssierter Medien- a Kommunikatiounspolitik gesinn.

Dat wirtschaftlech Potential an dës Beräicher gëtt zur Zäit oft iwwerschat, an déi vill nei Firmen, déi sech an dëser Aktivitéitswelt tummelen, hunn och net ëmmer dee Wäert, dee vun hinne kënnt erwaart ginn. Nach ass dee wirtschaftlech Potential, dee sech aus dem e-Commerce kéint erginn, modest a stécht nach a senger Kannerschong. Dat beschë Beispill dofir gëtt illustréiert

duerch all déi Firmen aus der sougenannter „new economy“, déi besonnesch an de leschte Wochen en dramateschen Ofstieg vun hire Bourse-Wäerter erfuer hunn.

Doniewent soll een och d'Accessibilitéit vun den Utilisateuren zum Internet net iwwerbewäerten.

Och wann eis Regierung amgaang ass, lescht Hand unzeleeën, wat d'Ëmsetzung vum Projet e-Lëtzebuerg ugeet, esou besteet laut ILRES-Ëmfro, wat d'Benotzung vum Internet hei zu Lëtzebuerg ugeet, ee groussen Nohuelbedarf. Och hei wuessen d'Beem net an den Himmel. Wat den Développement vum Internet zu Lëtzebuerg ugeet, mussen nach vill Efforen ënnerholl ginn, fir d'Leit am Ëmgank mat dësen neien Informatiounstechnologien ze familiariséieren, fir datt sech den Internet och hei zu Land esou kann entwéckelen, wéi dat schonn an anere Länner de Fall ass.

Zweet Observatioun: Si betrëfft den Know-how am Informatiouns- an am Kommunikationsberäich. Nëmme wa mir hei um Top sinn, wäert eise Mediësite nach zousätzleche Potential bidden. Zwou Konditiounen schéngen mer hei als absolut noutwendeg.

D'Formatioun vun Aarbechtskräften am Mediëberäich muss ausgebaut ginn, a mir komme sécherlech och net do derlaanscht, wéi mer um Beispill vun anere Länner gesinn, fir eis dat feelend héich qualifizéiert Personal an d'Ausland sichen ze goen.

Eng Demande un héich qualifiziertem Personal besteet zur Zäit schonn am Medien- an am Kommunikationssektor. Engersäits brauche mer Leit, déi déi lescht Informatiounstechnologie beherrschen, an anerersäits wëlle mer zum Beispill jo och eis Filmindustrie ausbauen. Och dat heescht, dass mer méi héich qualifizéiert Personal brauchen, dat mer, zumindest am Moment, hei am Land nach net an deem gewünschte Mooss virfannen.

D'Maîtrise vun der Informatiounstechnologie ass mëttlerweile fir d'Industrienatiounen zu engem zentrale Problem ginn.

Weltwäit feelee 4 Milliounen un héich qualifizéierten Aarbechtskräften, déi dës Informatiounstechnologie maîtriséieren. Dowéinst gëtt versicht, dës Leit aus dem Ausland ze rekrutéieren. An den USA, wou am Moment de Manktum un Informatiker op 350.000 Leit geschätzt gëtt, huet de Kongress enger Extensioun vun de Visaen H-B1, déi de qualifizéierten Aarbechter virbehale sinn, op 600.000 Leit fir déi nächst 3 Joer zougestëmmt. A Frankräich versicht een dem Problem duerch d'Schafung vun enger Filière informatique op der Uni méi no ze kommen. Japan bereet sech am Moment drop vir, fir Dausende vu chinesesche Spezialisten an d'Land eranzehuelen, fir hire Bedarf un Informatiker ze decken.

Och an eisem Land, wéi ech virdru gesot hunn, besti Besoinen, wat déi Gesellschaften ubetrëfft, déi an

dësem Beräich aktiv sinn. Och wa genau Zuelen am Moment net virleien, esou kann een dat awer hei scho mat enger ganz grousser Confirmatioun soen.

Derniewent ass eng zolidd berufflech Formatioun noutwendeg, fir mat där neister Informatiounstechnologie kënnen ëmzegoen an dës gewënnbréngend an engem Betrib kënnen anzesetzen. Och dëst si fundamental Viraussetzungen, fir déi nei Moyenn vum der Héichtechnologie fir eis Wirtschaft kënnen ze notzen.

Am Fall, wou mir dës héich qualifizéiert Aarbechtskräften net bei Hand hunn, geet et eis net anescht wéi deenen anere Länner, an et bleift eis näischt anescht iwwreg, wéi dës Aarbechtskräften aus dem Ausland bei eis eranzehuelen. Ech referéiere mech do op de Rapport vum honorablen Här Graas, deen a sengem Rapport vun där ominöser „green card“ geschwat huet.

Et geet awer net duer, fir feelend héich qualifizéiert Aarbechtskräften aus dem Ausland unzewerben. Och mir musse méi Efforen an de Beräicher vun der Formatioun an der Weiterbildung maachen.

Ech kéint mer virstellen, datt een hei am Land an Zesummenaarbecht mat dem Ausland a besonnesch mat verschiddene Sociéitéiten, déi hei am Land implantiert sinn, um Niveau vum Enseignement supérieur verschidde Cycles de formation de haut niveau am Medien- an am Informatikberäich, esou wéi och am Beräich vun der Recherche an dësen Domäne géif ubidden.

Doriwwer eraus ass et wichteg, datt d'Leit mat där Informatiounstechnologie kënnen ëmgoen an eng entsprechend Formatioun kréien, déi wéinst dem rasanten technologesche Fortschritt an dësem Beräich onbedéngt op liewenslaang Weiterbildung muss ausgeriicht sinn.

Och plädéieren ech fir e weideren Ausbau vun den Ausbildungsmoosssname fir d'Schoulpersonal a fir eis Schüler a Studenten op primärem, postprimärem an universitärem Niveau, déi dorop ausgeriicht sinn, mat dëser Informatiounstechnologie kënnen ëmzegoen.

Drëtt Iwwerleeung: D'Implantatioun vu Betriber am Beräich vun der Informatiounsgesellschaft ass en anert zentraalt Element vun der Entwécklung vu Lëtzebuerg als Standuert vun der Informatiouns- a Kommunikatiounstechnologie.

Déi progressiv Dereguléierung am Medien- a Kommunikationssektor, an déi domat verbonne Suppressioun vum staatleche Monopol, huet de Wee fräi gemaach fir d'Liberaliséierung vum Medien- an Telekommunikationsmaart, an domat fir d'Implantatioun vun de Betriber an dës Secteuren.

Dës Woch ass eng Wirtschaftsmissioun mat Vertrieeder vu Betriber aus der Mediëlandschaft op Prospektiouns- a Promotiounsrees zu New York.

Dës Prospektiounsreese si wichteg, fir deene wichtege wirtschaftlechen Acteuren op der Welt, d'Avantage vum Site Lëtzebuerg als Medienzentrum matzen an Europa duerzeleeën, Partner ze fannen a si dovun ze iwwerzeegen, sech zu Lëtzebuerg niddierzeloossen oder an de Site Lëtzebuerg ze investéieren.

Den amerikanesche Maart ass, wat d'Medienindustrie ugeet, staark ëmkämpft. Mir sinn net déi Eenzeg, déi hei aktiv sinn. Mir stinn an direkter Konkurrenz mat Länner wéi Irland an Holland.

Et ass wichteg, datt mir déi Entreprises, déi sech hei implantéiert hunn, och bäibehalen an deenen hëllefen, hir Aktivitéiten nach auszebauen.

Dëst setzt awer viraus, datt mer niewent der Attraktivitéit vum Site Lëtzebuerg an enger adequater Gesetzgebung, och iwwer entsprechend forméiert Aarbechtskräften a Rechercheméiglechkeete verfügen, an déi noutwendeg Schrëtt ënnerhuelen, fir dës auszebauen.

Et gëllt an dësem Zesammenhank och, fir eng weider Verlagerung vun Aktivitéitsberäicher, zum Beispill wéi déi hei zu Land usässig Aktivitéite vum RTL Group, an d'Ausland ze verhénnere. Hei mussen nach zousätzlech Effort gemaach ginn, fir Firmen aus dem Mediëberäich op Lëtzebuerg ze huelen.

Prospektiounsreese si sécherlech ee vun de Moyenen, fir de Mediëstanduert nach weider auszebauen. Si eleng ginn awer net duer, fir d'Attraktivitéit vun eisem Site ze erhalen oder auszebauen.

Doriwwer muss ee sech als Politiker selwer stänneg kritisches hannerfroen, ob den Envrironnement, dee mir hei fir esou Firme schafen, adequat ass, an ob dee bestehende gesetzleche Kader eventuell muss adaptéiert ginn oder net, an ob d'Infrastrukturen, déi mir hei zu Lëtzebuerg hunn, wéi zum Beispill Autobunnen, Zuch- a Flugverbindungen duerginn, oder ob mer och dës Infrastrukturen nach weider kënnen a mussen ausbauen.

Ech sinn der Meenung, datt mir dat steierlecht Ëmfeld am Mediësektor nach méi attraktiv musse gestalten. An dësem Kontext wëll ech zwou Suggestiounen maachen.

- D'Regierung soll studéieren, ob een net kéint um Niveau vum Risikokapital an am Beräich vun den Investitiounsinstrumenter zousätzlech Ureizer, speziell fir de Medien- a Kommunikatiounsberäich, schafen.

- Och wär et eng Iwwerleeung wäert, insofern esou eng Iddi kompatibel mat der europäescher Gesetzgebung wär, duerch e steierleche Mechanismus ähnlech deem vun der Loi Rau, Ureizer ze schafen, datt Entreprises aus der „new economy“ sech hei zu Lëtzebuerg implantéieren. Ech wëll dofir am Numm vun de Majoritéitsfraktiounen an dësem Sënn eng Motioun abréngen.

Motion 16

La Chambre des Députés,

- *considérant qu'il est dans l'intérêt de notre pays de diversifier son économie,*

- *considérant que le secteur des médias est en plein essor et révèle un potentiel économique important,*

- *considérant la progression de l'activité cinématographique,*

- *considérant qu'il est dans l'intérêt de l'économie de mettre à profit le potentiel économique de la „new economy“ en créant des conditions légales favorisant l'investissement dans la société d'information et dans les nouveaux médias,*

- *vu l'intérêt de développer le capital à risque afin de favoriser l'implantation au Grand-Duché de Luxembourg d'entreprises issues de la société d'information invite le Gouvernement*

- *à explorer les moyens permettant de créer un environnement économique et fiscal favorable à l'implantation au Grand-Duché de Luxembourg de nouvelles entreprises dans le secteur des médias et de l'information,*

- *à étudier les possibilités de mettre en place un mécanisme fiscal à l'instar de la „loi du 22 décembre 1993 ayant pour objet la relance de l'investissement dans l'intérêt du développement économique“ et favorisant le développement du capital à risque dans les sociétés de la „new economy“.*

(s.) *Laurent Mosar, Jeannot Belling, Claude Meisch, Patrick Santer, Marco Schank.*

Domat kommen ech zur véierter Iwwerleeung vu menger Interventioun, der Adaptatioun vum gesetzlechen Ëmfeld un d'Erausforderunge vun der Informatiounsgesellschaft. Et sinn dës Iddien, déi ech schonns a menger Ried ...

M. Jean Asselborn (LSAP).- Dir schwätzt vun där aler Majoritéit.

M. Laurent Mosar (CSV).- Ech schwätzen nëmme vun där neier Majoritéit.

M. Jean Asselborn (LSAP).- Den Här Rippinger weess näischt dervun.

M. Lucien Lux (LSAP).- Dir hutt vergiess dem Här Rippinger Är Motioun virdrun ze weisen.

M. Laurent Mosar (CSV).- Den Här Rippinger weess net ëmmer alles.

M. Lucien Lux (LSAP).- Eis braucht Der se net ze weisen.

Une voix.- Här Rippinger, wat sot Dir dozou?

M. Jean-Paul Rippinger (DP).- Wat den Här Rippinger dozou seet: Den Här Rippinger huet däärs nach vill ze

vill, an dat, wat en net weess, dat geet vëlleg duer, dass en et net weess.

M. Laurent Mosar (CSV).- Mat der fräier Circulatioun vun Donnéeën an Informatiounen iwwert Telefon, Internet oder Satellit stellt sech de Problem vun dem Respekt vun de Fräiheeten an de Grondrechter vun de Leit, notamment dem Schutz vun der Privatsphär vun der eenzelner Persoun. Dofir brauche mer eng adequat Législatioun iwwert de Schutz vun der Persoun géigeniwwer dem Traitement vun Informatiounen.

Duerch den Dépôt vum Gesetzesprojet 4735 gëtt endlech dee scho längst iwwerfällige Schrëtt zur Transpositioun vun der Direktiv 95/46/CE iwwert d'Protection des personnes physiques à l'égard du traitement des données à caractère personnel et à la libre circulation de ces données ageleet an déi néideg Schrëtt zu enger moderner Datschutzgesetzgebung ënnerholl.

Doriwwer eraus brauche mir e modernt Pressegesetz, dat heescht, eng modern Gesetzgebung, déi enger verännerter Presselandschaft Rechnung dréit, besonnesch awer och d'Jurisprudence respektéiert, wéi se an deene leschte Méint vum Geriichtshaff vun de Mënschenrechter zu Stroossbuerg geholl gi sinn.

Schlussendlech brauche mir en neit Gesetz iwwert d'Médias électroniques, dat och der Evolutioun am Beräich vun der elektronischer Mediëlandschaft Rechnung dréit.

Als leschte Punkt vu ménger Interventioun kommen ech zu engem Problem, deen de fräien Zougank vum Bierger zu der Informatioun am Allgemengen a besonnesch den Zougank zu grouse Sports- a Kulturévénementen betrëfft.

Mir hunn an eisem Land deen héchste Prozentsaz u Kabelnetzungen an Europa. Méi wéi 90 % vun den Haushalter sinn un de Kabel ugeschloss. Dës Situatioun misst eis eigentlich e grouse Potential u fräiem Choix vun Televisiounsprogrammer erméiglechen. Dës ass awer an der Realitéit leider net de Fall.

Sou sinn eng Rei vu Programmer, déi zum Beispill exklusiv Sportsévénementen iwwerdroen, hei zu Lëtzebuerg net an eise Kabelnetzer accessibel. Ee Beispill heivunner ass Premiere. Wann een déi maartwirtschaftlech Tendenzen am Allgemengen um Niveau vum Iwwerdroe vu grouse Sportsévénementen feststellt an d'Evolutioun vun de Pay-TV-Programmer hei am Land kuckt, dann ass d'Gefor grouss, dass eng ganz Rei vun internationalen Événementen de Lëtzebuerger Spectateure wäerte virenthale ginn.

Hei geet et ëm e Problem vun Autorerechter, déi dës Programmubidder aus renger wirtschaftlecher Consideratioun fir Lëtzebuerg net kënnen oder wëlle bezuelen, well de Lëtzebuerger Maart hinnen ze kleng ass.

Op där anerer Säit hu mir zu Lëtzebuerg verschidde Kategorië vun Téléspectateuren, déi eng, déi un engem Kabelnetz ugeschloss sinn, anerer déi un engem aneren ugeschloss sinn a schlussendlech déi, déi e Parabolspigel hunn. Dës Situatioun schéngt mer net méi zäitgeméis ze sinn, well hei besonnesch um Niveau vun de Kabeloperateureng Monopolsituatioun besteet. Den Endverbraucher muss den Zougank zu all dëse Programmer erméiglecht kréien, ouni en zousätzlechen Investissement mussen ze täten. Hei soll e fräie Choix tëschent all de Programmer kënnen hunn, esou wéi dat och an där europäescher Direktiv virgesinn ass.

Den Téléspectateur zu Lëtzebuerg huet e fundamentaalt Recht op Informatioun, besonnesch awer op grouss international Sports- a Kulturévénementen, déi iwwert déi verschidden Televisiounsprogrammer iwwerdroe ginn.

Schlussfolgernd wëll ech soen, dass d'Regierung an deene leschte Méint substantiell Effort gemaach huet, besonnesch wat de Medien- a Kommunikationsberäich ugeet. Dës Effort ginn awer net duer. Well wa mir wëlle Lëtzebuerg zu engem ganz grouse Mediëstanduert ausbauen an dës Mediëstanduert zu engem zousätzlechen Standbeen vun eiser Wirtschaft eruwuesse loossen, da mussen mer dës Effort nach intensivéieren, wa mer wëlle mat der Konkurrenz am Ausland standhalen.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Claude Meisch agedroen. Den Här Meisch huet d'Wuert.

M. Claude Meisch (DP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Den „Examen des performances environnementales“ vun der OECD bescheinigt dem Grand-Duché Stärkten, awer och Schwächen wat d'Fortschreter a Saachen Ëmweltpolitik ubelaangt.

M. Camille Gira (DÉI GRÉNG).- Wou hutt Dir dann eppes vu Stärken gelies?

M. Claude Meisch (DP).- Ech hu vill vu Stärken gelies doranner!

M. Camille Gira (DÉI GRÉNG).- Dann hutt Dir en aneren Exemple wéi ech!

M. le Président.- Loosst dach de Riedner schwätzen!

M. Claude Meisch (DP).- Positiv ass, dass besonnesch déi industriell Produktioun sech méttlerweile duerch eng effizient Energienotzung an e verbesserte Recyclage auszeechent. Esou konnt festgestallt ginn, dass während den 90er Jore grad den industrielle Sektour zu enger Reduzéierung vun der Ëmweltbelastung bäigedroen huet. Och lueft d'OECD d'Effort fir d'Entwécklungshëllef, en Domän also, wou d'Regierung jo ugekënnegt huet d'Dépensen op 1 % vum PIB

auszweiten, sou datt Lëtzebuerg hei eng Virreiderroll wäert iwwerhuelen.

Par contre huet d'Augmentatioun vun der Populatioun e géigendeelegen Effet bruecht, well d'Pollutioun duerch den Transport, d'Offallproduktioun an de Landverbrauch eropgaangen ass.

Gläichzäiteg weist de Rapport awer nach eng Rei vu Pisten op, déi Lëtzebuerg mëttel- bis laangfristeg soll suivéieren. Déi insgesamt 41 konkret Mesurë konzentriert sech op den Transportsektor an d'Landwirtschaft. Speziell misste mer iwwert d'Aféierung vun Ökosteieren nodenken, fir esou dem Prinzip „pollueur-payeur“ méi gerecht ze ginn.

Ouni der Debatt vun en Donneschdeg iwwert eng Ökologiséierung vun der Fiskalitéit virzepräfen, wëll ech nach eng Kéier drun erënneren, dass d'Demokratesch Partei déi éischt war, déi konkret Propositionen fir eng Ökosteier gemaach huet.

(Hilarité)

M. Camille Gira (DÉI GRÉNG).- Dat war wéi Dir nach net op der Welt waart!

M. Claude Meisch (DP).- Neen, dat war am Walprogramm vun 1989. Do war ech souguer scho groussjäreg, Här Gira.

Dat allerdéngs ënnert der Bedéngung, datt se akommesneutral ass, dat heescht, d'Betriber an d'Verbraucher insgesamt net méi belaaßt wéi dat haut de Fall ass. Par contre sollt den Eenzelnen d'Méiglechkeet hunn, seng Steuerlaascht duerch ökologescht Verhalen ze reduzéieren.

En éischte Schratt a Richtung Ökosteier ass iwwregens schonn zënter der Aféierung vun enger Stroumtax geschitt, där hir Recetten zum Deel an d'Fleegeversécherung fléissen. Grad wann d'OECD proposéiert, Lëtzebuerg sollt sengem Steuersystem méi en ökologeschen Ustrach ginn, sollten déi Iwwerleeungen eescht geholl gin, ass d'OECD jo net grad eng Organisatioun vu weltfriemen Utopisten.

De Koalitiounsaccord schwätzt sech dann och fir de Prinzip vun der Ökosteier aus. Grad well d'Aféierung vun enger Ökosteier hei am Land schonn eng Kéier gescheitert ass, proposéiert d'OECD ökologesche Elementer nëmmen am Kader vun enger gréisserer Steuerreform anzeféieren.

E weidere wichtege Punkt gräift d'OECD op andeem se fuerdert, en ëmweltpolitescht Denken an Handeln net nëmmen op ee Ministère ze beschränken, mä villméi op sämtlech Ressourcen auszedehnen. Dës Forderung misst grad d'Iwwerschaffung an d'Ëmsetzung vum Plan national pour un développement durable gerecht ginn, gëtt eng nohalteg Entwécklung jo net nëmmen op ökologeschem Plang, mä doriwwer eraus och op wirtschaftlech a sozialem Gebitt ugestriift.

An deem Zesammenhang bleift ze erwähnen, dass d'Ëmweltkommissioun vun der Chamber am Januar e groussen Hearing organiséiert, fir esou déi konzerneiert Kreesser unzehéieren an en Débat an der Chamber iwwert den Développement durable ze preparéieren.

Well de Rapport vun der OECD sech op den Zäitraum tëschent 1990 an 1999 beschränkt, dréit en enger Rei vun ëmweltpoliteschen Erfolleg, déi zënter deem erziilt gi sinn, nach net Rechnung:

D'Reduktioun vun den CO₂-Emissiounen vu 34 % par rapport zu 1990, d'Opstellen an d'Ëmsetzung vum engem CO₂-Reduktiounsplang, d'Ausweitung vun den Naturschutzgebitter vu 6,5 op elo 14 % vun eiser Gesamtfläch. Och déi bevirtehend Ëmsetzung vun der Habitat-Direktiv an d'Verabschiedung vum Offallwirtschaftsplan si Beispiller dofir, wéi et déi Responsabel am Ëmweltministère fäerdeg bruecht hunn, der Ëmweltpolitik innerhalb vu kuerzer Zäit nei Impulser ze ginn.

Wat den Naturschutz ubelaangt, esou schaaft d'Ëmsetzung vun der Habitat-Direktiv eng Basis, op där déi verschidden Acteuren an deem Domän kënnen operéieren. Et wär ze begreisse wann de Stat an deem Kader deenen eenzelnen Acteuren, wat jo Gemengen kënnen a solle sinn, bei hiren Investitiounen géinge bäistoen, fir zum Beispill Terrainen ze kafen, respektiv Gestionspläng opzestellen an ze exekutéieren.

Am Statsbudget fir d'Joer 2001 schloe sech eng ganz Rei vun ëmweltpoliteschen Initiativen nidder. Nodeem en Transfert vun der Kompetenze fir erneierbar Energien tëschent dem Wirtschafts- an dem Ëmweltministère stattfonnt huet, sinn éischt Mesuren aus dem nationale Strategieplang fir d'Reduzéierung vun den CO₂-Emissiounen ëmgesat ginn. Erlaabt mer, dass ech bei där Geleeënheet nach eng Kéier meng Satisfactioun zum Ausdrock bréngen, datt d'Regierung bei dësen Moosnamen d'Propositionen vun der Ëmweltkommissioun vun der Chamber, déi se an deene jeeeweiligen Aviën gemaach huet, wäitgehendst matbezuung huet. Dobäi ginn ab dem 1. Januar 2001 substantiell Subside bei der Installatioun vun Anlagen fir déi rationell Notzung vun der Energie, wéi och fir d'Notzung vun alternativen Energiequellen ausbezueelt. Et stinn dofir eng Millioun Euro am Budget bereet.

Besonnenesch d'Solarenergie wäert vun dëser Ënnerstëtzung profitéieren, well eng thermesch Solaranlage gëtt mat 40 % subsidiéiert, eng photovoltaesch souguer mat 50 %.

Nach eng Kéier, op eng hallef Millioun Euro beleeft sech de Kredit fir d'Aféierung vun enger Prime d'encouragement fir Stroum, deen aus Wandenergie, Waasserkraaft, der Sonn oder mat Biomass produzéiert ginn ass. Och hei ass d'Solarenergie den Hauptprofiteur, well fir de produzéierte Stroum während 20 Joer eng Primm vun 0,55 Euro pro kWh garantéiert gëtt.

Doniewent bezillt de Wirtschaftsministère nach en zousätzlechen Aspeisungstarif vun dräi Frang.

D'Ëmweltkommissioun félicitéiert dann och an hirem Avis zum Budget fir d'Joer 2001 d'Regierung fir dës innovativ Mesuren, mat deene Lëtzebuerg europawäit all Verglach ka standhalen.

Et ass elo ze hoffen, datt vun dëse Moosnamen déi néideg Impulser ausginn, fir datt zumools d'Solar-energie méi zum Asaz kënnt, wouduerch eng kritesch Mass bei der Produktioun erreecht gëtt an domat ëmmer méi rentabel gëtt.

Eng ähnlech Evolutioun hu mer zënter Jore bei der Wandkraaft erlieft, wou d'Subside schonn däitlech gekierzt konnte ginn, well déi nei Installatiounen wäit aus méi performant an och méi bëlle sinn.

Doriwwer eraus kann ee sech virstellen, dass dës Moosnamen souwuel de Produzente wéi och den Installateure vun esou enger Technik wäerten zegutt kommen an doduerch lues a lues d'Ëmwelttechnologie méi eng wichteg Roll fir eis Ekonomie kënne spillen.

D'Kommissioun huet an hirem Avis zum Budget awer och nach eng Rei vu Froen opgeworf, déi am Zesummenhank mat der Prime d'encouragement, respektiv der Subventioun um Investissement nach ze kläre bleiwen. Et ass natierlech ze begreissen, dass d'Dispositiounen vum PECC-Programm duerch de Mechanismus vum Ëmweltfong ersat gi sinn, wouduerch d'Gemengen elo tëscht 25 a 50 % vum Investissement an erneierbar Energie bäigeluegt kréien, wougéint de PEEC-Programm e Maximum vu 25 % virgesinn huet.

D'Kommissioun bedauert et awer, dass d'Gemengen net vun enger Prime d'encouragement kënne profitéieren. Gläichzäiteg proposéiert d'Kommissioun d'Subventioun um Investissement och den Entrepreneuren zoukommen ze loossen, respektiv vum Wirtschaftsministère ausbezuelen ze loossen, woubäi mer allerdéngs wëssen, dass Europa an deem Domän nëmmen e ganz restriktive Kader zouléisst.

Et ginn awer zum Beispill Sociéitéiten, déi als eenzegen Objektiv hunn, Installatiounen fir erneierbar Energien ze bedreiwen. Obschonn dës an deene meeschte Fäll kee kommerzielle But verfolge, kënne se net vun deenen Hëllef profitéieren.

Och wëll ech nach eng Kéier un déi Motiounen erënnern, déi hei am Kader vun der Debatt iwwert d'Liberaliséierung vum Stroummaart gestëmmt gi sinn. Eng betrëfft d'Redefinitioun vun den Aufgaben vun der Agence de l'Energie. D'Agence soll an Zukunft kënne d'Promotioun vun alternativen Energien, wéi och vu Spuermoosnamen bedreiwen, ouni an en Intersektionskonflikt mat aneren Objektiven ze kommen.

D'Regierung ass ze félicitéieren, well se mat den Amendements gouvernementaux en zousätzleche

Kredit vu 50.000 Euro geschafen huet, fir dass grad d'Agence de l'Energie deenen zousätzleche Missiounen gerecht ka ginn. Desweidere misst d'Agence de l'Energie awer och punktuell méi enk mat de Gemengen kënne zesumme schaffen.

An enger weiderer Motioun war proposéiert ginn, e sougenannten „tarif vert“ anzeféieren, deen et engem Verbraucher erméigleche soll, iwwer e speziellen Tarif Stroom aus alternativen Energiequellen ze bezéien.

Niewent der Promotioun vun alternativen Energien däerfe mer awer dat enormt Aspuepotential net vergiessen, dat déi thermesch Isolatioun vu bestehende Gebaier bitt. Schätzungsweis kann duerch géeegeent Moosnamen an deem Beräich de Verbrauch ëm 30 % reduzéiert ginn.

De Moment verfügen zwee verschidde Ministere iwwert diesbezüglich Kredite: de Ministère de l'Environnement an de Ministère du Logement. Et bleift ze hoffen, datt et trotz allem méiglech ass, eng kohärent a koordinéiert Politik duerch d'Ëmsetzung vu Renovationsaarbechten ze bedreiwen.

Ech wëll an deem Zesummenhank nach eng Kéier un d'Propos vun engem Energiepass erënnern, en Dokument, dat verschidde Renovationsmoosnamen fir e Gebai festhält, déi doropshi finanziell kënne ënnerstëtzt ginn.

D'Ëmweltkommissioun huet awer missen unerkennen, datt dës Budget och an ökologeschem Sënn richtungsweisend ass. Speziell déi massiv Ënnerstëtzung vun alternativen Energie weist, datt Lëtzebuerg seng international Engagementer a Saache Klimaschutz eescht hält. Dës Ustengunge musse mer awer elo viruféieren an ausbauen, well et gëtt kee Grund, fir elo op halwer Streck stoen ze bleiwen.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Robert Mehlen agedroen. Den Här Mehlen huet d'Wuert.

M. Robert Mehlen (ADR).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll fir unzefänken dem honorable Rapporteur merci soe fir déi vill Méi, déi e sech gemaach huet, fir sengen 59 Kollegen de Budget ze explizéieren, och wann d'Aart a Weis, wéi en dat gemaach huet, net iwwerall op voll Zoustëmmung getraff ass.

Ech wëll hei - ech mengen, mäi Fraktiounschef huet sech dozou geäussert, ech hunn deem näischt méi bäizefügen - ...

(Hilarité et interruptions)

... un dat uknäppen, wat mäi Kolleg Gast Gibéryen gëschet gesot huet. Wa mer d'finanziell Situatioun vum Lëtzebuerger Stat kucken - an dorëms dréit et sech jo zu engem groussen Deel bei dëser Diskussioun iwwert de Budget -, da muss ee soen, datt - jiddefalls

soulaang wéi ech hei derbäi sinn - d'Situatioun gesond ass, bal ze vill gesond ass. Et gëtt gesot: D'Eckwäerter stëmmen; mir hunn eng Statsschold, déi ganz kleng ass; mir hu Reserven, déi beachtlech sinn an nach amgaange sinn, am Laf vun dësem Joer op eng beachtlech Aart a Weis erop ze goen.

Mir hunn nach ni an deene leschte Joeren e Problem gehat, och dës Kéier net, fir de Budget am Equilibre ze behalen. Ob en dann elo dës Kéier méi der Wourecht entsprécht oder méi no un d'Wourecht an d'Realitéit erukënnt wéi déi Jore virdrun, dat wësse mer eréischt an engem oder annerhalwem Joer. Tout court: Eis finanziell Situatioun ass gutt, mä do muss een d'Fro hannendrun hängen: Kënne mer all d'Problemer, déi mer hei am Land hunn, mat Geld léisen? D'Äntwert ass neen, well soss dierfte mer eigentlech keng Suergen hei am Land hunn.

Domat wëll ech d'Fro stelle vun der Effizienz, mat där mer d'Steiergelder, déi mer de Leit an den Entreprises dobaussen ofknäppen, am Stat asetzen. Mir si beim ADR der Meenung, datt et hei ganz gewaltig hapert. Zum Beispill - an ech mengen, dat ass eent vun deenen erschreckendste Beispiller - beim Enseignement: Lëtzebuerg huet mat Ofstand deen deiersten Enseignement, pro Kapp gekuckt, wäit a breet, méiglecherweis op der ganzer Welt, awer eng schrecklech geréng Leeschtung, déi hannen eraus kënnt.

Ech verschounen lech elo virun all deenen Zitater, déi ech mer erausgesicht hat, well et soss ze laang gëtt. Mä et ass effektiv eng Feststellung, déi ëmmer erëm vu Fachleit gemaach gëtt an och vun internationalen Organisatiounen, datt bei eis d'Leeschtung am Enseignement a kengem Rapport steet zu deem, wat dran investéiert gëtt.

D'Bildungsreform, Här President, muss awer an Zukunft hei am Land Prioritéit behalen. Mir si frou ze gesinn, dass grouss Investissementen an d'Schoulinfrastruktur geplangt sinn an amgaange sinn, realiséiert ze ginn, och wa sech de loin net ëmmer un d'Devisen gehale gëtt. Dat ass awer en anert Thema. Mä och mat der Schafung vun deene schéinsten Infrastrukture geet et bei wäitem net duer. Wat mir brauchen an eisem Schoulsystem si Reformen, déi an d'Déift, op de Fong ginn.

Wann een d'Demokratesch Partei kuckt, déi elo an der Regierung setzt an déi lescht Walcampagne zu engem groussen Deel mat hirer DP-Bildungsoffensiv geschloen huet, da muss een awer mat deem, wat ee bis elo gesinn huet, bal zur Konklusioun kommen, datt se an hirem éischten Ulaaf bei der Gehälterreform an der Fonction publique, déi jo och natierlech den Enseignanten zegutt komm ass, a bei der Aféierung vun fräie Samschdeg stieche bliwwen ass. Esou kann et net mat där Bildungsoffensiv viru goen oder, wann dat alles war, dann ass et jiddefalls kee Bewäis dofir, dass d'DP capabel wier, dee Problem do ze léisen, oder dee

Misère, dee vun hire Virgänger am Unterrichtsministerium ugeriicht ginn ass, aus der Welt ze schafen.

Domat wëll ech d'Fro ganz allgemeng stelle vun der Effizienz vun eisem Service public. Frot d'Leit emol dobaussen, wat se vum öffentliche Déngscht, vum Service halen, dee se vun eisem öffentlichen Déngscht ugebuede kréien!

(Interruption)

D'Äntwert, déi Der...

M. Jean Huss (DÉI GRÉNG).- Da frot och emol no den Déngschtleeschunge vum Handwierk, wat do gebuede gëtt!

M. Robert Mehlen (ADR).- Här President, den Här Huss freet hei, wéi et mat den Déngschtleeschunge vum Handwierk wär. Ech mengen, dat ass Privatsektor. Wann et Leit...

(Interruptions)

...gëtt, déi mat där enger oder anerer Entreprise net zefridde sinn,...

(Interruptions)

...da kënne se sech eng aner eraussichen.

(Interruptions et coups de cloche de la Présidence)

Eisen öffentliche Déngscht, Här President, kënne mer eis net eraussichen, mat deem musse mer auskommen. Vu datt e jo och vun öffentleche Gelder bezuelt gëtt, hu mer och legitimerweis den Usproch, datt e soll au service du contribuable sinn, an dat sou gutt wéi et nëmmen iergendwéi méiglech ass.

Frot emol eisen Här Statsminister! Et ass nach net laang hier, datt e sech hei batter beklot huet, datt d'Regierung zwar frou wär, wa se e bessere Service public hätt, eng Verwaltung, déi méi effikass a méi biergerfrëndlech wär, mä datt d'Regierungsmembere praktesch keng Emprise dorop hätten. En huet hei - wann déi, déi deemools derbäi waren, sech nach erënnere kënnen - verlaangt, et misst e Ministergesetz kommen. Mir hunn alleguer deemools d'Ouere gespëtz a gesot: „Oh, là, là! Elo kënnt eppes Neits, elo passéiert eppes!“ Dat war hei gesot ginn, an dono huet een ni méi eppes dovun héieren.

(Interruptions)

Ech weess net, ob den Här Juncker sou e kuerzt Gediechtnes huet oder ob et him nodréiglech u Courage gefeelt huet, fir dat Ministergesetz do an Opdrag ze ginn...

(Interruptions)

...an et hei an der Chamber anzebréngen.

Wësst Der, Här Budgetsminister, en hat och grouss hei ugekënnegt, e kéim all Woch hei an d'Chamber, fir d'Deputéiert ze interpelléieren am ëmgekéierte Sënn.

Mir waarden nach ëmmer op déi historesch Stonnen, déi sech dann hei sollen ofwéckelen.

M. Luc Frieden, *Ministre du Trésor et du Budget*.- Gitt him eng Chance, da kënnt en!

M. Lucien Weiler (CSV).- D'Demokratesch Partei war deemools net d'accord domadder.

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Haut ass se nach manner domat d'accord!

(Hilarité)

M. Robert Mehlen (ADR).- Hutt Der se nach net iwwerzeegt kritt, fir mat op dee Wee ze goen?

Une voix.- Neen!

(Interruptions)

M. Robert Mehlen (ADR).- Mir froe jiddefalls, Här President: Wou ass déi Verwaltungsreform, déi well x-mol sou grouss ugekënnegt ginn ass?

(Interruptions)

Mir wëssen, datt den Här Schaack amgaangen ass drun ze wudderen, mä eis schalt alleguer nach dat grousst Wuert „pancta sunt servanda“ an den Oueren. Ech wëll lech do, Här Statssekretär - well Der schonn hei sidd -, soen, datt dat sech net ganz gutt mat grondleeënde Reforme verdréit. Wann ee wëllt déi Saach vun ënnen erop reforméieren, da muss een och bereet sinn, déi eng oder aner helleg Kou ze schluechten, och wa se kee BSE huet.

(Interruptions)

Här President, wa mer vu Verwaltungsreform schwätzen, da muss een hei eng Kränkt uschwätzen, déi et hei zu Lëtzebuerg gëtt. Dat huet sech viru kuerzem erëm bewisen a mir haten hei souguer eng hefteg Diskussioun tëschent Vertrieeder vun der LSAP an der DP iwwert d'Aart a Weis, wéi sech d'Regierung do hirer Verantwortung stellt, notament wa Leit op véier Poste genannt ginn. Ech zitieren hei den Alex Bodry, deen den 31. Januar 2000 op hirem Kongress gesot huet - an ech zitieren d'Lëtzebuerger Wort, da muss et jo bal richtig sinn -: ...

(Interruptions)

Ech hunn den 31. hei stoen, wann et den 30. war, dann ass et awer nach ëmmer richtig.

... „An die Adresse der Liberalen meinte der Redner, die LSAP als Oppositionspartei müsse deren Maske herunter reißen. Dahinter verstecke sich eine Fratze von Favoritismus und Opportunismus, wie an den politisch motivierten Nominierungen in den Ministerien und Verwaltungen deutlich werde, durch die man eine parteipolitische Kontrolle ausüben wolle.“ Dat ass op Däitsch de Résumé vun deem, wat den Här Bodry deemools gesot hat.

Här President, wann dat sollt esou sinn, dann ass et ganz schlëmm, well domat motivéiert een natierlech

net d'Leit an de Betriber. Wann ee wëllt eng Verwaltungsreform maachen, wou een op Motivatioun wëllt hischaffen - a wann ech soe Motivatioun, da bedéngt dat jo och Effizienz hannendrun -, dann dierf een net op déi Manéier do virgoen.

Här President, de Rapporteur huet hei eng Kéier méi d'Fro vun de Froen hei am Land gestallt an zwar: Wëlle mir dee Wuesstum esou weiderdreiwen, wéi dat bis elo de Fall war? Wëlle mir an en etlech Joren e Stat mat 700.000 Awunner? Wëllen d'Leit am Land dat iwwerhaapt? Mä, wéi sou dacks, hu mer vu Säite vun der Regierung keng Äntwert kritt.

Et geet awer, Här Rapporteur, net duer, fir déi Fro ëmmer erëm opzewerfen, dat geschitt well laang genuch. Mir froen: Wou ass vu Säite vun der Regierungsparteien d'Äntwert? Wou ass d'Visioun vun der Majoritéit fir d'Zukunft vun eisem Land? Ech erënnere un dat, wat den Här Statsminister hei gesot huet bei der Deklaratioun vum Etat de la Nation, wou e mat däitleche Wieder gesot huet - dat ka jiddferen noliessen -, datt dee Räichtum, deen duerch dee Wuesstum geschafe gëtt, just géif duergoen, fir d'Folgekäschten, déi dat provoziert, ze decken.

Da muss ee sech selbstverständlech direkt d'Fro vum Sënn vun deem iwwerdriwwene Wuesstum stellen. Do brauch een net laang no enger Äntwert ze sichen, ob mer dat och an Zukunft weider esou wëllen. Mir si jiddefalls als ADR dergéint, datt deen Tempo an Zukunft soll weider gefuer ginn, datt déi enorm Immigratioun an och Zouwanderung vun Aarbechtskräften iwwert d'Grenzen a Form vu Frontalieren an deem Mooss soll weider gefouert gi wéi bis elo.

(Interruption)

Jo, ech kommen nach dorop!

Wann ee seet 700.000, da kann een natierlech 10 Joer hannendrun och d'Fro vun enger Millioun oder annerhalwer Millioun stellen. Ech mengen, et ass eng Diskussioun, wou ech hoffen - an ech kommen herno nach drop zrëck -, datt mer am Kader vum Débat iwwert d'Nohaltegkeet, wou ech mer eng lieweg Debatt erwaarden, zu enger Äntwert an och zu enger globaler Strategie hei am Land fannen.

M. Ben Fayot (LSAP).- Wann et alt weinstens eng Strategie wär, global muss se net onbedéngt sinn!

M. Robert Mehlen (ADR).- O.K. Dat Globaalt huet et net ëmmer bruecht, do sinn ech mat lech eens, Här Fayot.

Mir sinn der Meenung, datt d'Liewensqualitéit hei am Land op jidde Fall muss virun engem iwwerdriwwenen oder extreme Wirtschaftswuesstum kommen. Wirtschaftswuesstum, jo, mä mat Mooss a mat Verstand!

Da seet den Här Weiler mat Recht: Wéi solle mer dat dann elo maachen? Mir sinn amgaangen - ech kann dat och novollzéien - d'Steieren erof ze setzen, all

Mënsch ass domat d'accord, dat ass eng gutt Saach. Mir maachen eis Betriber méi kompetitiv a mir lackelen erëm aner Betriber hei an d'Land a mat deene Betriber lackele mer erëm Aarbechtskräften an d'Land a sou weider a sou fort.

Dat ass eng Diskussioun, déi och nach am Detail ze féieren ass, wa mer eis iwwert d'Zilsetzung eens sinn. Mir hu bis elo nach keen anert Instrument fonnt, mä mir sinn awer gäre bereet, eis vun anerer Säit och nach beléieren ze loossen. D'Genehmegungs- an d'Baupolitik hei am Land wär eent vun de Mëttelen, wou een op d'mannst kéint eng gewëssen Influenz op déi Entwécklung huelen.

Ech hunn elo grad gesot, mir freeën eis op déi Diskussioun iwwert d'Nohaltegkeet, wou mer hoffen, datt dann e rouden oder bloen oder e swaarze Fuedem zum Virschäi kënnt vun der Regierungspolitik a wou mer méi eng däitlech Äntwert op eis Zukunftsfroer kréien. Froen, déi Theme betreffe wéi - ech hunn et elo grad schonn deelweis genannt - Immigratioun, Bebauungspolitik, Schafe vun neien Aarbechtsplazen a virun allem dem Émgank mat eisen natierleche Ressourcen. Oder, wéi ech hei vu menger rietser Säit héieren, gétt dat och vläicht erëm nëmmen eng Alibi-debatt an da geet et alt erëm weider wéi virun?

(Interruption)

Här President, wann een an deem Budget no Akzenter sicht, fënnt een...

M. Lucien Weiler (CSV).- Här Mehlen, Dir hutt awer elo nach ëmmer keng Äntwert ginn op Är Undeutung, wéi Dir lech dat da géift virstellen...

M. Robert Mehlen (ADR).- Majo dach! Ech hu jo hei mol een Agregat genannt, dat ee kéint asetzen!

M. Lucien Weiler (CSV).- ...mat de Bebauungspläng, wou ee kéint eng Rei Saache maachen.

M. Robert Mehlen (ADR).- Ech hunn awer, Här Weiler, och vu Säite vun der Regierung bis elo nach näischt héieren an déi Richtung.

(Interruption)

Et geet net duer, datt de Rapporteur, dee jo awer hei Spriecher ass vun der Majoritéit vun der Budgets- a Finanzkommissioun, heihinner kënnt an d'Fro opwerft. Mir erwaarden och vun lech eng Äntwert!

(Interruptions)

M. Lucien Weiler (CSV).- Jiddferee muss hei säin Apport bréngen.

M. Robert Mehlen (ADR).- Selbstverständlech! Ech hunn lech elo mol eng Schinn ugedeit, vun Ärer Säit hunn ech nach näischt héieren an déi Richtung.

(Interruption)

M. Nico Loes (CSV).- Et ass awer net gutt, wa mer eis do drop stellen!

M. Lucien Weiler (CSV).- Wësst Der, déiselwecht Schinn hat ech d'lescht Joer beim Etat de la Nation och ugedeit.

M. Robert Mehlen (ADR).- Här President, dës Budget huet als ee vun deene weinegen Akzenter, wann een dono siche geet, datt an der Energiepolitik sech eppes soll bewegen. Do sinn ech mat deem engen oder anere vu menge Virriedner d'accord: Mir kënnen där Politik absolut eis Zoustëmmung ginn, mä mir stellen d'Fro awer och hannendrun: Ginn d'Engagementer vu Kyoto dann iwwerall mat där néideger Konsequenz duerchgezunn?

Ech mengen, et geet net duer, datt mer hei erneierbar Energië mat staatleche Mëttele fördern, an op där anerer Säit - ech huelen dat nëmmen als Beispill - baue mer am Süden eng risegrouss TGV-Zentral a mir sinn awer net bereet - souwäit mä leschte Wësstensstand ass -, konsequent drop ze goen, fir e Fernwärmenetz auszebauen an déi Offallenergie, déi Abwärme, déi do ufält, déi jo quasi gratis ass, optimal ze notzen.

Ech mengen, an engem Land, wou d'Geld quasi keng Roll spillt, d'Finanze quasi keng Roll spillen, kann dat net sinn, an et dierf och net d'Argument kommen, et wär ze deier, wéi mer et vum viregten Energieminister ëmmer erëm ze héiere kritt hunn. Och beim Energiesparen - a wahrscheinlech läit do dat gréisst Potential - müssen nei Akzenter gesat ginn, am Wunningsbau, bei der Sanéierung vun den ale Wunnege virun allem, awer och beim rigorosen Anhalen vun den Normen beim Bau vun neie Wunnen.

Här President, ech kéim zum Schluss zum Kapitel Landwirtschaft a Wäibau, wat leschten Enns och mat der Nohaltegkeet ze dinn huet, an ech muss mat grousser Bedauere feststellen, wat ech déi Deeg hei scho gesot hunn, datt d'Agrargesetz, obscho mer zënter zwee Méint den Accord vu Bréissel hunn, ëmmer nach op sech waarde léisst!

Virun zwee...

(Interruption)

Dat ass eng aner Diskussioun, Här Loes! Ech weess och, datt den Här Minister gesot huet: Wann ech dat do gewosst hätt, hätte mer dat aalt nach weider lafe gelooss! Mä ëmmerhin: Mir hu virun zwee Méint gring Luucht vu Bréissel kritt,...

M. Nico Loes (CSV).- Mir krute vun de Bauere gesot, datt mer d'Agrargesetz nach sollen zrëckhalen, fir eventuell ofzewarten, fir datt et...

M. Camille Gira (DÉI GRÉNG).- Dat ass awer scho sechs Méint hier!

M. Robert Mehlen (ADR).- Här President,...

M. Nico Loes (CSV).- Et ass elo sou wäit fäerdeg!

M. Robert Mehlen (ADR).- ...den Här Minister huet sech - oder ee vun den Haaptleit aus sengem Ministère - an der Agrarkommissioun virun zwee Méint dozou engagéiert, a 14 Deeg wär den Entworf do! Elo sinn zwee Méint erëm: Et ass nach ëmmer näischt ze gesinn! Mir jiddefalls soen, datt do keng Entschëllung méi valabel ass!

Déi Texter hätte kënnen, well d'Regierung permanent mat Bréissel a Kontakt an a Verhandlung stoung iwwer eng Partie Moosnamen, déi ëmstridde waren, am Laf vun den Négociatiounen au fur et à mesure vun der Regierung préparéiert a fäerdeg gestallt ginn, soudatt se quasi à même gewiescht wär, dee Moment, wéi de Feu vert komm ass, direkt de Projet de loi virzeleeën! Elo si schonn erëm zwee Méint an d'Land gezunn, a mat grousssem Optimismus kann een hoffen, datt et virun der nächster grousser Vakanz gestëmmt gëtt, an da feelen d'Reglementer ënner Ëmstänn nach!

Här President, all Dag, dee verluer geet, entsteet der Landwirtschaft e grouss Schued, e Schued, deen net méi gutt ze maachen ass! Et si Leit, déi investéiert hunn, déi laang, vill ze vill laang op hir Investitiounshëllef mussen waarden! Här Loes, dat kascht deier Zësen, dese Moment, wou d'Zësen net ganz déif sinn, wéi mer alleguer wëssen! Anerer hunn Investitiounen zrëck gestallt. Domat leiden hir Betriber a bleiwe stoen! Wee stoe bleift, dee fält awer zrëck!

En anert Kapitel am Kader vun der Agrarpolitik ass dat vun der Akerbauschoul. Do schéngt et jo elo endlech zu enger Décisioun komm ze sinn. Ech géif se nennen „déi kleng Solutioun“, mä et ass keng schlecht Décisioun! Den Ausbau ass décidéiert, an zwar soll keen Haff gebaut ginn, mä et soll zesumme mat Bauerebetriber geschafft ginn, fir déi praktesch Ausbildung ze maachen. Dat ass eng Solutioun, e Wee, dee mir absolut mat droen, deen eise Virstellungen entsprécht.

Et kann nëmme sou sinn, datt déi jonk Leit an de Betriber fäerdeg forméiert ginn. All dat anert, e Modellhaff, dee vu Professere gefouert gëtt: Do, muss ech éierlech soen, hu mir vun Ufank u kee Vertrauen dra gehat! Dat hätt de Stat vill Geld kascht, an et hätt wahrscheinlech net vill bruecht!

D'Iwwerliewe vun eise Betriber hänkt méi wéi jee vun der Kompetenz vun de Betribsinhaber of, an dofir muss hei, wéi och a villen anere Secteuren, an Zukunft all Ustrengung ënnerholl ginn, fir d'Formatioun, d'Basis- an och d'Weiderformatioun, nach ze verbessern. Dat ass keng Fro vum Geld, mä eng Fro vun Organisatioun a vu Motivatioun vun deene Leit, déi dat solle maachen; et ass eng Fro vu System, deen ee muss an dat Ganzt erabréngen. Do geschitt zwar vill, mä...

(Interruption)

Et kënnt leschten Enns - an dat fanne mer an der Landwirtschaft op Schratt an Tratt - drop un, datt ee bei de klengen Entscheedungen, déi ze treffen sinn, probéiert, alles ze optiméieren. Do ass nach enorm vill Sputt dran!

Da kommen ech zu engem leidege Kapitel, wat déi lescht Zäit ëmmer méi am Land fir Diskussiounen suergt. Dat ass de Remembrement.

De Remembrement war laang Zäit an ass och sécher haut nach op enger Partie Plazen eng positiv Saach, mä mir erliewen déi lescht Zäit ëmmer méi, datt bei de Propriétaires an och bei de Baueren - déi, déi op den Terraine schaffen - ëmmer méi Oppositioun dogéint kënnt. Dat erkläert sech och, well mer ëmmer manner Betriber hunn an eigentlech d'Noutwendegkeet, fir d'Stécker zesummen ze leeën, net méi sou grouss ass, wéi et nach viru 25 Joer de Fall war.

Mir erliewen, Här President, déi lescht Zäit - ech hunn dat gëschter nach an der Zeitung gelies -, datt d'Gemegebëscher ëmmer méi als Mehrheitsbeschaffer mat an de Remembrement, wat e Remembrement agricole ass, era gezu ginn. Dat ass eng Prozedur, déi am héchste Mooss bedenklech ass, déi menger Meenung no souguer net legal ass, well d'Gesetz seet, datt all d'Bëscher, déi iwwer en Hektar grouss sinn, misste mam Accord préalable vun den - sou ass et jiddefalls ze interpretéieren - Propriétaires mat erageholl ginn! Hei gi se awer direkt au départ mat erageholl, an da gëtt gesot: Majo, d'Leit kënnen jo dogéint stëmmen, wa se net domat d'accord sinn!

Dat ass menger Meenung no géint de Geescht a géint de Buschtaf vum Gesetz, wat seet, am Artikel 1, datt de Remembrement am „intérêt économique de l'agriculture“ gemaach gëtt, d.h. vun deenen, déi an der Landwirtschaft schaffen. Wann hei aner Intérète sollte mat eraspillen - dofir verstinn ech och, datt den Här Gira sech hei gelegentlech zu Wuert mellte -, mengetwegen déi, fir...

(Interruption)

Ech hunn lech elo grad héieren, neen?

M. Camille Gira (DÉI GRÉNG).- Well Der falsch Saachen zielt, well et net ëm d'Gemegebëscher geet, mä ëm d'Bëscher alleguer! Dir stellt et duer, wéi wann d'Gemegebëscher géifen erageholl ginn! Et geet drëm,...

M. Robert Mehlen (ADR).- Ech hu gëschter gelies, datt bei engem Remembrement vun 1.250 ha e Gemengerot decidéiert huet, datt 250 ha do mat...

(Interruption)

Dat ass 1/5 vun engem Remembrement agricole! Dat huet mat der Landwirtschaft näischt ze dinn, d'autant plus wou d'Leit...

(Interruption)

...an der ganzer Géigend net domat d'accord sinn! Dat ass op der Musel och an engem Fall geschitt, wou 8 ha Bësch an de Wéngertsremembrement mat erageholl gi sinn, fir einfach eng Majoritéit ze kréien!

Une voix.- Oh!

M. Robert Mehlen (ADR).- Här President, ech fannen, dass een, wann aner Intérêten do sinn, wa Gemengen Intérêten hunn, wann Naturschutzintérêten do sinn, d'Gesetz soll änneren an dat da soll dra schreiwen! Mä soulaang wéi d'Gesetz seet, ...

(Interruption)

...am Artikel 1, datt et am „intérêt économique de l'agriculture“ ze geschéien hätt, soulaang ...

(Interruptions)

M. Camille Gira (DÉI GRÉNG).- Ween ass da Propriétaire vun de Privatbëscher?

Une voix.- Mir kommen net richtig virun!

M. Robert Mehlen (ADR).- Jo, ech gesinn! Ech dærf mech net méi ënnerbrieche loosse!

(Interruption)

Une voix.- Mir sinn am Bësch!

(Hilarité et interruption)

M. Robert Mehlen (ADR).- Här President, doriwwer eraus geschéien am Remembrement eng Partie Saachen, wou ech der Meenung sinn, datt ee sech och emol eng Kéier misst seriö driwwer ënnerhalen. Et gëtt Wënzer, déi sech driwwer bekloen, datt se quasi Maueren opgezwoenge krite, wou ni virdru Mauere waren. Dat kascht de Lëtzebuerger Steuerzueler vill Geld, an et bréngt leschten Enns net ganz vill an! Dofir hu mir jiddefalls kee Verständnis! Wann z. B. eng Proposition kënnt, datt en Office national du Remembrement an Zukunft net méi dem Contrôle vun der Cour des Comptes soll ënnerleien: Do wäerte mir eis op jidde Fall mat Hänn a Féiss dogéint wieren!

En anert Kapitel an deem Zesammenhang wëll ech kuerz hei uschneiden. Dat ass dat vun der Ernteausfallentschädigung, am Fall wou an de Wéngerten e Remembrement gemaach gëtt, ...

(Interruption)

...wou während Jore keen Ertrag kënnt an déi Leit fir den Ausfall vun hirer Récolte entschiedegt ginn, déi manifestement ze niddreg ass, well do während Joren näischt era kënnt a jo muss an déi nei Wéngerten investéiert ginn!

Ech kéim dann nach am Kader vun der Agriculture zu engem aktuellen Thema, dat mer déi lescht Kéier kuerz hei - fënnf Minutten - diskutéiert hunn, dat vum BSE.

Här President, et geet net duer, datt décidéiert gëtt, datt d'Käschte fir déi Schnelltester, déi solle gemaach

ginn, a fir d'Entsuerung vun alle méiglechen Zorte vu Béischten, déi sollen zu Déieremiel verschafft an dann iergendwou verbrannt ginn, well dat jo net méi weider soll gebraucht ginn, duerch öffentlech Mëttele gedroe gëtt.

D'Landwirtschaft huet an Zukunft - de Moment schonn an och an Zukunft - mat ganz schwéieren Akommesverloschter ze rechnen. Dat trëfft d'Lëtzebuerger Landwirtschaft ëmsou méi haart, well hiert Akommes zu 70 % aus der Randvéizuucht, sief et Mëllech, sief et Fleesch, staamt. Dofir ass d'Lëtzebuerger Landwirtschaft iwwer all Moosse staark belaascht, a mir verlaangen hei, datt an deem Mooss, wéi duerch de Präisverfall an duerch d'Onverkeeflechkeet vu Béischten de Betriber Schued entsteet - do sinn der, déi sinn nëmmen dorop spezialiséiert; déi sinn an enger ganz schwieriger Situatioun, besonnesch déi, déi nei gebaut a vill Schold hunn -, de Stat direkt muss intervenéieren an déi Ausfäll, fir déi déi Leit net kënnen, iwwerhuelen.

D'allgemeng Situatioun an der Landwirtschaft ass contrairement zum Rescht vun der Economie hei am Land weiderhin net gutt. D'Chambre de l'Agriculture weist ganz däitlech op, datt d'Akommesschéier tëscht den aneren Akommen hei am Land an den Akommen an der Landwirtschaft ëmmer méi wäit ausernee geet. Et gëtt 700 Betriber, déi eng ekonomesch Kontabilitéit féieren. Do gëtt ganz genee festgestallt, wéi de Revenu ass a sech entwéckelt huet. Do war '99 eng Perte de revenu par rapport zu '98 vu 6 %, wat scho weist, datt et hannerzech geet.

Et gesäit een och insgesamt wéi gesot, datt den Écart ëmmer méi grouss gëtt zu deenen anere Beruffer. Dëst Joer, 2000, hu mer enorm Käschtesteigerungen op Grond vun der Verdeierung vun der Energie; mä och alles, wat mat Energie produzéiert gëtt, notament am Konschtdénger, ass enorm deier ginn. Elo ginn d'Eiweissträger an d'Luucht, well d'Fleeschmiel jo net méi zougelooss ass. Dat heescht, eis Landwirtschaft an eis Bauerebetriber sinn an enger Situatioun, wou praktesch alles iwwer Mooss méi deier gëtt, wat och deelweis bedéngt ass duerch eng Konjunktur, déi gutt leeft.

Mir wëssen, datt d'Bauen hei vill méi deier ginn an onheemlech séier an d'Luucht gaangen ass, soudatt d'Käschten dauernd steigen, séier steigen, mä d'Revenuë séier zrëck ginn. Ech si gespaant, wat elo, wann d'Ofschlëss virleie fir d'Joer 2000, eraus kënnt, mä dat wäert e ganz décke Minus ginn! Do wäert Der mech kee Ligner fannen! Dat ass natierlech als Perspektiv fir jonk Leit, déi sollen an dee Beruff eragoen, net ganz gutt! Dofir froe mir d'Regierung: Wou ass déi onbedéngt noutwendeg Globalstrategie à longue vue fir d'Landwirtschaft, oder gëtt hei nach just Pilotage à vue gemaach?

Ech kommen nach mat engem Wuert zum Wäibau, Här President.

Mir hu virun, mengen ech, zwee Joer oder sou eng Etüd hei virgeluegt kritt, déi de Lëtzebuerger Stat sechs Milliounen kascht huet, déi sougenannt Etüd „PriceWaterhouse“. Do huet et net um Geld gehaangen! Dat ass luewenswäert! Dat war eng gutt Initiativ vun der Regierung! Ech froen awer hei - leider ass de Landwirtschaftsminister net do -: Wat ass dann elo, zwee Joer dono, d'Resultat vun där Etüd? Et geet jo net duer, datt ee studéiert, Problemer an eventuell och nach Solutiounen opweist! Et muss ee jo awer hei och froen - an de fréiere Bundeskanzler Kohl huet ëmmer gesot: „Wichtig ist, was hinten rauskommt!“ -: Wat ass dann elo dat, wat bei där Saach do hannen erauskomm ass?

M. Lucien Lux (LSAP).- Hat Dir elo keng besser Referenz?

(Interruption)

M. Robert Mehlen (ADR).- Et ass mer elo de Moment keng besser agefall, Här Lux!

M. Lucien Lux (LSAP).- Kuckt, dass Der d'nächst Joer besserer hutt!

M. Robert Mehlen (ADR).- Ech beméie mech!

Et gëtt och am Wäibau eng ganz schlëmm Entwécklung an de Betriber. Mir sinn zwar a Presenz vun enger phantastischer Qualitätssteigerung, wat jidderee kann novollzéien, wann e gesäit, wéi gutt eis Betriber op auslännesche Concourer ofschneide mat hire Wäiner a Crémanten, mä d'Resultat léisst op sech waarden. Et ass manifest, datt et hei un enger Marketingstrategie feelt. Dat war jo och deelweis de Contenu vun der Etüd „PriceWaterhouse“, mä iergendwou feelt déi néideg Konsequenz, fir dat och gewënnbréngend ëmzesetzen.

Dat féiert dozou, datt mer och an eise Wäibetriber e fierchterleche Successiounsproblem hunn, dee wierklech d'Iwwerliewe vum Lëtzebuerger Wäibau a Fro stellt. Och do muss een d'Fuerderung opstellen, datt eng Strategie muss ausgeschafft ginn an et do och net un Hëllefem därfe feelen, virun allem fir eng gutt Marketingstrategie ëmzesetzen.

Här President, ech kéint nach iwwer eng Partie aner Saache schwätzen. Meng Zäit ass scho relativ laang ofgelaf. Ech wëll dann zum Schluss kommen an nach eng Kéier ënnersträichen, datt aus enger Partie Grënn, déi eise Fraktiounschef Gast Gibéryen gëschter hei duergeluegt huet, mir de Budget net kënne stëmmen!

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Jean Asselborn agedroen. Den Här Asselborn huet d'Wuert.

M. Jean Asselborn (LSAP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Fir d'éischt wëll ech dem Här Fred Sunnen merci soen, dass e mech virschwätze léisst. Ech muss de President zu Esch op enger Feierlechkeet vertrieeden.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Ech wëll mech kuerz a menger Ried an ouni Ausflig an d'Déifte vun der Politphilosophie mam Artikel 00.4.11.00 vum Budget befaassen.

Wat ass dat fir en Artikel? Et geet hei ëm d'Paie vun de Regierungsmemberen. Direkt fir Iech ze berouegen, net fir ze froen, dass deen Artikel soll gehéckt oder erofgesat ginn, mä fir ze kucke wéi d'Aarbecht vun der Regierung, fir déi jo vum Lëtzebuerger Steierzueler eng Pai bezuelt gëtt, anzuschätzen ass. Als Repère fir dës Aschätzung huelen ech de Begrëff vun de Konturen an der Politik.

Op Kleeserchesdag dëst Joer nämlech huet ee sech mat de Konturen an der politescher Aarbecht an engem „tageblatt“-Interview beschäftegt. Dat huet mech op d'Iddi bruecht, dës Begrëff ze verdéiwe par rapport zur Aarbecht vun dëser Regierung a vun dëser Koalitioun.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Ënner Konturen an der Politik verstinn ech zwou Saachen:

1. Dass ee weess wat ee wëllt an
2. dass ee weess wéi een et mécht.

Ech hunn dës Debatte bis elo nogelauschtert an och no deem villen Nolauschtere weess ech - an ech si wahrscheinlech net deen Eenzege am Land - ouni ze forcéieren an ouni ze iwwerdreien, dass d'Konture vun dëser Regierung esou staark am Niwwel leien, dass se wéi beim grouse Picasso just imaginär Struktur sinn aus enger schwaarz-bloer Welt.

Wann ee gëschter hei den Här Rippinger héieren huet, da kënnt ee scho bal woen e Verglach mat der Period vun de Cauchemare vum Picasso ze zéien, esou diffus hunn d'Konturen a senger Ried ausgesinn.

Weess dës Regierung wat se wëllt? Weess dës Regierung wéi s'et mécht? Fir dat ze ënnermaueren huelen ech emol ganz einfach e puer Beispiller.

Dat éischt Beispill, mat deem ech ufänken, ass net dat Wichtigst, mä dat Frappantst an eisen Aen: D'Ofschafe vun der Gewerbesteier. Do soutzen am Summer 1999 déi beschte Käpp vun der CSV a vun der DP beieneen a si decidéieren an hire Koalitiounspakt ze schreiwen: d'Gewerbesteier gëtt ofgeschafft.

Déi méi nei Leit hei an der Chamber, och op den DP-Bänken, haten net d'Chance d'Mme Polfer als Oppositionspolitikerin hei ze erliewen, wéi se eis Diasvirtrëg gehalen huet iwwert d'Gemengesteieren an da Parallele gezunn huet tëschent der Gemeng Mompech an der Stad Lëtzebuerg.

All Kéier wann och nëmmen ee Promill vun der Steuer nei verdeelt ginn ass, also emol net ofgeschaaft ginn ass, ass eng Lawin vu geballtem Oppositionspotential iwwert dëst Haus gerullt. An op eemol ass d'DP Demandeur fir d'Gewerbesteier ofzeschaffen, d'Haaptressource, wéi Der wësst, vun de Gemengen am Land. 40 Joer laang schonn hätte se dat gefrot, housch et op eemol aus den DP-Kreesser.

Wat ass zënter August 1999 geschitt? Näischt ass geschitt an näischt wäert geschéien, Dir Dammen an Dir Hären, ausser dass vill Gemenge sech grouss Suerge maachen iwwer hir Zukunftspläng. De Combet, Dir Dammen an Dir Hären, ass allerdéngs, dass elo d'Regierung an hir zwou Parteien vun der Opposition verlaangen, si soll Virschléi maachen, wat ee soll an d'Plaz vun der Gewerbesteier setzen.

Ech hu virun e puer Deeg vun enger Deputéierten, der Mme Maggy Nagel, aus dem Oste vum Land an aus dem Oste vun der DP en Aufsatz gelies am „Journal“ iwwert dëst Thema. D'Konklusioun vun deem Artikel: „Et ass äusserst, äusserst schwieereg eng Alternativ ze fannen zur Gewerbesteier. D'DP begreift den Dialog“ - wéi kënnt et anescht sinn -, „deen och op dësem Punkt vun der Regierung ugebuede gëtt a fuerdert de Syvicol op, Virschléi ze maachen, fir der Regierung als Diskussionsbasis virzeleeën“.

(Interruptions diverses et coups de cloche de la Présidence)

Dat ass, wéi wann am Dialog, selbstverständlech wéi soss, mat de Kanner de Kleesche sollt ofgeschaaft ginn an d'Kanner dann e Virschlag sollte maache wat an d'Plaz vum Kleesche soll kommen.

(Hilarité)

Här President, Dir Dammen an Dir Hären. De Syvicol ass géint d'Ofschaf vum der Gewerbesteier. Liest emol d'Resolutioun vun deenen. All Gemengen, och déi blo an déi schwaarz, Här Bettendorf, sinn dergéint, oder et soll hei ee bloen oder ee schwaarze Buergermeeschter opstoen a soen, ech si fir d'Ofschaf vum der Gewerbesteier. Ech gesi keen opstoen, Här President.

Also, sollt dës Koalitioun wéinegstens déi Kontur hunn, fir de Courage ze hunn an ze soen, dass se sech op deem Punkt ganz schwéier verhoff huet, anstatt Saachen ze verzäpelen un déi se selwer net méi gleeft an nëmmen Onzefriddenheet an de Gemenge provozéiert.

Dat zweet Beispill, Dir Dammen an Dir Hären, de Spidolsplang. Grad wéi bei de Gewerbesteierdebatten hunn ech staark d'Impressioun, wéi wann d'DP um Gebitt vum Spidolswiesen den Drang hat, onbedéngt ze weisen, dass et si an der Regierung géif ginn. Emol ofgesinn dovun, dass hire beschte Mann aus dem Osten net ze schued war, fir de Poste vum Gesondheitsminister missen ze iwwerhuelen, ass an der

Euphorie d'DP amgaange, mam Kapp an d'Mauer ze lafen. Zënter August 1999 gëtt am Spidolswiese gefummelt a getässelt a gebastelt.

D'CSV grinst, d'DP fänkt u Schweess op d'Stir ze kréien. De Spidolsplang, Dir Dammen an Dir Hären, war fäerdeg. E war prett an der Chamber, prett an der Regierung, en hätt nëmme bräichten exekutéiert ze ginn.

(Interruptions diverses et coups de cloche de la Présidence)

Ass dat esou schlëmm wat ech hei soen?

Drei grouss Spideeler am Land, den CHL als Äert Spidol an der Stad, dat grousst Spidol vun Esch an dat zu Ettelbréck am Norden, aner Spideeler mat spezifeschen Aufgaben am Süden an an der Stad, en neit Spidol um Kierchbiereg amplaz vum Sacré-Cœur a vum Park, e Rehazenter op Diddeleng an en neie Labo an d'Stad, dat war e kohärente Pak. Wat ass elo? Zizanie héich zwee.

Mir hunn eng onnëtz Diskussioun iwwer Bettenofbau, déi kee Mënsch am Land versteet. Mir hunn e Stopp vum Bau vu Fleegebetter an et hätt een d'DP emol missten héiere wat se virun de Wale gesot huet.

De Labo soll op Diddeleng kommen, vläicht soll en op Diddeleng kommen.

De Rehazenter soll op de Kierchbiereg kommen oder och net.

Den CHL soll ofgerëscht ginn, de Kierchbiereg soll operéiert ginn. Sinn dat d'Konturen, Dir Dammen an Dir Hären, vun enger seriöser Regierung a Saache Spidolspolitik? Perdant ass de Patient, ass de Steuerzueler, sinn d'Lëtzebuerger.

Beispill 3, d'Sozialpolitik, Renten am Privatsektor. Hei ass et schwéier d'Konturen ze erkenne vun deem wat dës Koalitioun eigentlech am Schëld féiert. D'Regierung kënnt am Mee beim Etat de la Nation eng Table ronde u vun alle Lëtzebuerger Parteien, fir iwwert d'Renten ze schwätzen. Näischt geschitt. Firwat? Op eemol gëtt gesot, et muss eng Studie vum BIT ofgewart ginn. Dat war weder beim Etat de la Nation esou gesot ginn, nach huet et esou geklongen, dass dës Table ronde net soll direkt kënne stattfannen.

Am September, wéi de Budget déposéiert gouf, seet d'Regierung erëm eppes komplett anesches. Si seet, d'Virschléi vu Gewerkschaften a vu Parteien wiere wëllkomm, fir dass se sech eng Iddi maache kënnt.

Ech froe mech wat d'Leit dobauss vum esou engem Getricks halen, zumol déi, déi sech zu Recht eppes erwaarden an et eescht huele wann eng Regierung eng Table ronde am Mee 2000 ukënnt, fir an engem Problem virunzuekommen an also verstännegerweis unhuelen, dass eppes sech beweegt.

Mir hunn e Virschlag gemaach als Sozialisten. 80.000 Frang Joreszoulag fir déi Leit, déi eng voll Rent hunn. Dat ass e machbaren, dat ass e finanzéierbaren, dat ass e realistesch Virschlag, opgebaut op déi héich Reserven am Rentewiesen, opgebaut op déi aktuell Situatioun an der Wirtschaft, awer och opgebaut op d'Perspektiven, déi d'Croissance vum Land jo ausweisen.

An dann, Dir Dammen an Dir Hären, wann ech hei de Budgetsrapporteur Gusty Graas héieren hu mat senger Virsicht, déi en hei verspreecht huet, a wann ech den Här Rippinger geschéit hei héieren hunn, dann huet dat mech awer gefreet, well ech hu geduecht, ech géif geschéit deeselwechten Discours héiere vum Här Rippinger wéi deen, deen e scho gehalen huet bei de Steieren. Freides huet en um Radio gesot: „Mir loosse eis net dreuwe vun der Oppositioun“, a méindes op der Pressekonferenz huet de Statsminister d'Reduktioun bei de Steiere bekannt gemaach.

Dat ass a mengen Aen e gudd Zeeche fir d'Rentner am Land, well wann et geet bei de Rente wéi bei de Steieren, da gëtt just de Géigendeel vun deem gemaach an der Regierung wéi dat wat d'DP hei seet an ech mengen, dat ass eng Chance fir d'Rentner.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, bei de Krankekeesen huet d'CSV-DP-Regierung Konturen. Bezuele mussen nämlech déi, där mer der vill am Land hunn: déi Versécherter.

1979-1984 schéngt ëmmer méi d'Referenzkoalitioun vun där Regierung ze ginn. Och deemools hunn déi zwou selwecht Parteien d'Problemer am Land um Bockel vun der Mass vun de Leit léise wëllen, wéi se den Index op Äis gesat haten.

1984 huet de Wieler dës schwaarz-blo Koalitioun gesprengt, zum Wuel vun der Lëtzeburger Politik an ech sinn iwwerzeegt, dass spéitstens 2004 och dës schwaarz-bloe Pakt nees gesprengt gëtt am Interesse vun eiser Politik am Land.

Grad wéi a Saache Renten hu mer als Sozialisten och bei de Krankekeesen eng kloer Positioun.

M. Lucien Weiler (CSV).- Wat hu mer da falsch gemaach?

M. Jean Asselborn (LSAP).- Zu lech kommen ech nach, Här Weiler!

Mir hunn eis fir d'Suppressioun vun der Erhéijung bei de Participatiounen vun de Versécherter ausgeschwat, eng Moosnam, déi, wa se vun der Regierung verteidegt gi wier, och hätten duerchgesat ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Beispill 4: de BTB.

Ech erlabe mer en Zitat vum 7. Mee 1998 hei ze benotzen a Bezuch op de BTB:

„Fir datt de regionalen Tram Wierklechkeet gëtt, musse mer an deenen nächste Jore supplementar Investitiounen an Héicht vun 9 Milliarde virgesinn a plangen. De regionalen Tram ass eng absolut verkéierspolitesch Noutwendegkeet. D'Regierung ass fest decidéiert, lech an deenen nächste Méint e Gesetzesprojet zoustellen, fir de regionalen Tram op d'Schinnen ze bréngen. D'Viraarbechten zum regionalen Tram si gudd fortgeschritt. Ech wëll hei déi mustergültig Zesummenaarbecht mat der Stad Lëtzebuerg ausdrécklech erwähnen. D'Regierung ass der Opfaassung, datt de regionalen Tram vun der Eisebunn soll exploitéiert ginn. Dat mécht Sënn, well d'Eisebunn kennt sech aus op eise Schinneweeër“.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Deemools hate mer nach e Statsminister mat Visiounen an eng Verkéiersministesch mat Pep a Courage. An haut, wou sinn d'Konturen vun der Verkéierspolitik vun där Regierung? Am beschte schéngt de President vum Geschäftsverband vun der Stad Lëtzebuerg dës Konturen erëm ze ginn.

Als verwente Supporter vun der DP an der Stad sot hien: „Mir kënnen dach net ëmmer Nee soen“. Bei wat huet en dat gesot? Mä beim Bau vun engem Tunnel duerch d'Avenue op der Gare. Et soll en Tunnel gebaut gi vun der Paräiser Plaz bis op d'Diddenewener Strooss, fir den Autosverkéier méi attraktiv ze maachen an der Stad, fir also Zeechen ze setzen, dass d'Autoen nach méi an d'Stad sollen erakommen.

Den Transportminister, den Här Grethen, soll emol eng Woch op Esch wunne goen a moies um 7.30 Auer an d'Stad fueren, dann eng Woch op Stengefort an dann eng Woch op Diddeleng. Da geséich en, dass mat Gebastels a mat Gepléischters, ouni regionaalt Konzept, mer an der Stad riicht an de Chaos era-steieren. D'Stad Lëtzebuerg gesäit an hirer Oppositioun géint de BTB am Fong net terribel wäit, well duerch déi stur Oflehnung mécht se d'Stad mëttelfristeg carrément onattraktiv fir Aarbechtsplazen, fir d'Geschäfte an och fir d'Wunnen, well d'Stad zu engem eenzege Knuet mat Autosschlaange vun alle Säiten hier gëtt.

Ech froe mech, wéi e Premier, wéi en CSV-Regierungsmember, deen 1998 an der Regierung war, sech an de Konturen vun där desastreuser Verkéierspolitik erëmfënnt, nodeem esou eng engagéiert Regierungserklärung 1998 gemaach gouf.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Och wa mer zu Nice an zu Bréissel d'Bankgeheimnis, eis puer Stëmme am Ministerrot, och eise Kommissär an d'Zuel vun den EU-Deputéierte verteidegen, ass dat gudd, mä et kann een awer net, och wann een net Sozialist ass, behaapten, dass d'Regierung innenpolitesch hir Aarbecht esou mécht, wéi een dat vun hir kënnt erwaarden am Interesse vum Land. Villes ass bei där schwaarz-bloer Koalitioun konturlos. Nach ni war et esou einfach eist Land ze regéieren, well nach

ni esou vill finanziell Méttel do waren, well nach ni d'Wirtschaft an der EU ënnert esou gënschtege Bedéngunge gewuess ass.

Nach ni, zënter Krichsenn, hu mir eng Regierung gehat, déi esou mann regéiert huet. Firwat ass dat esou?

(Interruptions)

Här Juncker, ech kommen op lech.

(Hilarité)

M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre d'Etat, Ministre des Finances*.- Ech muss mir hei am Haus scheinbar alles gefale loossen!

M. Jean Asselborn (LSAP).- Engersäits, well d'CSV Angscht huet virun hirem eegene Bild, dat déi meescht Leit hei am Land ëmmer manner un den Allmächtgkeetsprinzip vun där CSV a vun hire classesche Verwuessunge queesch duerch d'Gesellschaft gleewen deet.

D'CSV bleift ee Muechtapparat! Deen nach Potential huet, dat stëmmt, mä dee wéi eng Batterie lues awer sécher u Jus verléiert, well d'Mentalitéiten an eiser Gesellschaft sech ëmmer méi lass léise vum: „Maach wéi d'Leit, da geet et der wéi de Leit“, vum virgefaasste Richtegen, vum Konservativen an engem Wuert.

D'CSV ass politesch verwonndbar. Och si fält eng Kéier, Här Weiler! Si ass am 21. Jorhonnert net méi d'Groussmuecht vun der Lëtzeburger Politik, esou wéi si dat am 20. Jorhonnert war.

Dës Angscht viru sech selwer ass d'Ursach firwat no enger couragéiser, wäitsichteger Politik mat der LSAP an de leschte 15 Joer, wou schwiereg Dossierer ugepaakt an och zu Enn bruecht gi sinn, wou zum Beispill den RMG agefouert gouf, wou d'Fleegeversécherung gebuer gouf, wou eng Steierpolitik a Sozialtransfere mat neien Accenter geschafe goufen, wou also d'Konture vun der Politik ganz kloer ze erkenne waren, elo d'CSV nach just defensiv operéiert, ouni Mumm an ouni Dynamik, a sech ëmmer méi op sech selwer konzentréiert an op d'Verteidigung vun hirem Räich, wat lues awer sécher zerbréckelt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'DP schéngt nom Drëttel vun dëser Legislaturperiod ëmmer méi zum Zentralkomitee vun de Lobbyisten zu Lëtzebuerg ze ginn. Et war nach ëmmer schwéier erauszefannen, firwat d'DP stung an haut nach steet. D'DP, probéiere mer et, ass fir d'Regierung selbstverständlech, fir d'Fräiheetssonn, fir den Dialog, fir d'Transparenz, fir den neie Stil, si ass fir d'Nohaltegkeet, si ass fir de schlanke Stat a si ass fir de President vum Stater Geschäftsverband.

(Hilarité)

D'DP ass géint de BTB, géint den OGB-L, géint den LCGB, well dat jo an hiren Ae Politgewerkschafte sinn, si ass géint de Rehazenter zu Diddeleng, si ass géint d'Gewerbesteier a si war och géint d'Fusioun vu Police a Gendarmerie. Während Joren ass den Här Grethen mat der Mme Polfer am Land opgetrueden a si hunn de Lëtzeburger ageriet, eist Land wär haaptsächlech duerch d'Sozialisten eng Spillwiss fir Gängster. Haut héiert ee weder d'Mme Polfer, nach den Här Grethen sech zu dësem Thema öffentlech äusseren.

Mir verspiere als Sozialisten net den Drang fir mat geféierlechem Populismus Wielerstëmmen ze wannen, och haut net, a speziell haut net. Dont acte, Dir Dammen an Dir Hären vun der Demokratescher Partei!

Dëse Budget ass een Zuelespill, dat labber opgeet, selbstverständlech, mä wou d'Konture vun enger zukunftsorientierter Politik net ze erkenne sinn. Dofir fält et eis net all ze schwéier, dëst Gesetz net ze stëmmen.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass de Fred Sunnen agedroen. Den Här Sunnen huet d'Wuert.

M. Fred Sunnen (CSV).- Här President, ech sinn elo richtig frou, datt ech den Här Asselborn viru mir schwätze gelooss hunn, well seng Ried war e bëssche méi rabié, awer och méi lëschtég, esou datt e vill Reaktiounen bei de Kolleginnen a Kollegen heibanne provoziert huet. Ech ginn och dovun aus, datt se mech vill méi fein schwätze loossen, wéi si dat viru gemaach hunn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll de Budget 2001 aus dem Bléckwénkel vun engem Politiker belichten, deen och Verantwortung um Plang vun der Gemeng ze droen huet.

Am Kader vun engem excellenten ekonomesche Kontext stellen ech fest, datt de Budgetsprojett 2001 de Gemengen eng substantiell Augmentatioun vun de Finanzmëttelen zougesteeet, an dat um Niveau vun der Alimentatioun vum Fonds communal de dotation financière. Insgesamt soll de Stat de Gemengen d'nächst Joer 381.600.000 Euro zur Verfügung stellen. Dat ass eng Progressioun vun 9,4 % am Verglach zum Budgetsjoer 2000.

Ech wëll e puer Moosnamen erausgräifen, wou d'Regierung Effort mécht a muss maachen, fir de Gemengen entgéint ze kommen an hinne finanziell Hëllef zoukommen ze loossen. Wat ganz erfreesch ass an den Ae vun de Gemengevertrieeder, dat ass, datt d'Regierung net gezéckt huet, fir zousätzlech finanziell Effort ze maachen am Kader vum Encadrement péri-et parascolaire um Gemengenterritoire.

Dat wäert d'Gemengefinanzen op dësem Gebitt e bësschen entlaaschten an d'Schäffen- a Gemengeréit dozou animéieren, déi noutwendeg Infrastrukturen ze

schafen. Eng wichteg Measure an dësem Kontext ass de Beräich vun der Prise en charge vun de Schüler ausserhalb vun de Schoulstonnen. D'Zuel vun deenen Elteren, déi zu zwee schaffen an eng entspriechend Demande maachen, gëtt ëmmer méi grouss. Dat ass de Fall fir d'Schoukantinnen, d'Iwwerwaache vun den Hausaufgaben an, fir d'Organisatioun vu sportlechen oder kulturelle Loisiren.

Am Budget sinn hefir zwou Milliounen Euro virgesinn. Par rapport zum Joer 2000 stellt dat eng Progressioun vu 35 % duer. Dat ass vill, mä et ass och batter néideg, aus folgende Grënn:

Wéi ech scho bemierkt hunn, stinn ëmmer méi Eltere gläichzäiteg am Berufsliewen, a si wëlle sécher sinn, datt op Gemengeplang déi Raimlechkeeten an dat kompetent Personal zur Verfügung steet, fir hir Kanner sënnvoll ze begleeten.

Um Niveau vun der Restauratioun muss een hinne Qualitéitsprodukter an de Kantinnen ubidden. Dat ass wichteg fir hir Gesondheet an hire Wuesstum, an dofir däerf hei op kee Fall gespuert ginn. Dat geet awer net duer. Well d'Demande fir Kantinnen an de leschte Joren enorm an d'Luucht gaangen ass, muss ee weider Infrastrukture kréien, fir der Nofro gerecht ze ginn.

Konkret heescht dat awer och, datt bestehend Kantinnen ausgebaut a moderniséiert musse ginn, well se am Laf vun der Zäit ze kleng gi sinn oder de Virschrëfte vun der Santé net méi gerecht waren. Hei wäerten eis Regierung an d'Gemengen an deenen nächste Joren nach staark gefuerdert sinn.

Här President, och um Niveau vun der Fräizäitgestaltung muss een de Kanner eppes bidden. Nieft de sportlechen a kulturellen Aktivitéite kéint een a sollt een och an dësem Kader virgesinn, fir déi nei Technologien anzesetzen a si nieft den eigentleche Schoulstonnen an d'Informatik anzeweisen, fir de Computer zu engem normalen, alldieglechen Instrument ze maachen.

Dat setzt awer och viraus, datt een déi neideg Infrastrukturen, dat noutwendegt Material a genügend qualifizéiert Personal zur Verfügung huet. Och hei wäerten d'Statsfinanzen an Zukunft nach méi gefuerdert sinn.

Mir däerfen och d'Kanner mat Léierschwierigkeeten net am Reen stoe loossen. De Stat participéiert hei mat engem neie Kredit vun 24.700 Euro un de Cours d'appui, e Kredit, deen a mengen Aen net héich genuch ass, fir dës Problemer fachgerecht unzegoen.

Ech zitieren als Beispill de Projet pilote, deen am Intressi vun deene Kanner, déi un Dyslexie leiden, lancéiert gouf. Am Moment ginn do 80 Kanner aus 44 Gemenge betreit. Dëse Projet huet en immensen Zoulaaf an ass effikass. Et sinn awer nach weider 20 Kanner op der Waardelescht, fir betreit ze ginn, an déi e Recht drop hunn, fir gehollet ze kréien.

Ech appelléieren dofir un d'Regierung, fir an deenen nächste Joren op dësem Gebitt nach méi Efforen ze maachen an hir Hëllef auszebauen.

Här President, erlaabt mer, e puer weider Punkten opzewerfen, déi an Zukunft vu gréisster Wichtigkeet fir d'Gemege wäerte sinn.

D'Kommissioun vun den Affaires intérieures hat dem Innenminister am Kader vun hirem Rapport vum 31. Oktober 2000 recommandéiert, eng Circulaire un d'Gemengen ze riichten, déi kloer Erklärungen soll ginn iwwer de Mécanisme d'alimentation, de dotation et de répartition vum Fonds communal de dotation financière.

Déi Froe ginn nach méi kruzial fir d'Gemengen, wann d'Gewerbesteier ofgeschaaft soll ginn. Dofir maachen ech als Member vun där Kommissioun nach e Rappel un den Innenminister, fir déi Circulaire esou séier wéi méiglech un d'Gemengen ze adresséieren.

Här President, ech wollt nach en Thema uschneiden, dat den Här Bisdorff schonn haut de Moie beréiert huet. Eng Rei vu Gemengen haten e gestaffelte Waasserpräis agefouert, nom Prinzip, datt e Verbraucher, deem et egal ass, wéivill Waasser e verpiddelt, och méi bezuele misst. D'Iddi war jo déi, fir d'Waasser, wat e Produit ass, dee geschützt a gespuert muss ginn, net ze verbëtzen an op d'Wichtigkeet vun deem onentbehrlechen Naturprodukt hinczewisen.

Et ass eigentlech onverstandlech, datt dëse Prinzip iwwer Jore vum zoustännege Ministère guttgeheescht gouf, d'Erhéijung mat gedroen an d'Délibératione vun de Gemenge validéiert gi sinn. An op eemol soll dat alles falsch sinn.

D'Begrënnung ass déi, datt de Prinzip géint d'Egalité devant la loi verstoussé soll. Ech muss soen, Här President, datt ech déi Iwwerleeung net novollzéie kann. Et gëtt dann nach där Beispiller, déi géint d'Egalité devant la loi verstoussen. Zum Beispill de Parking résidentiel, deen engem Grupp vu Leit Privilegie gëtt, déi aner net hunn. Eist Steiergesetz ass en aner Beispill. Et weist eng däitlech Progressioun op, an innerhalb vun där Progressioun bezuelen déi eenzel Leit ënnerschiedlech Prozentsätz op hirem Akommen. Wéisou ass de gestaffelte Waasserpräis falsch an ongerecht, an déi aner Beispiller si richteg?

Här President, ech sinn der Meenung, datt d'Aart a Weis, datt een all Bierger innerhalb vun deemselwechte Grupp d'selwecht behandelt, keng Gesetzeswidregkeet duerstellt an och net anti-constitutionnelle ass. An dat ass och richteg fir dee gestaffelte Waasserpräis.

Ech hoffen, Här President, datt mir an dëser Zäit, wou mir esou vill vun Nohaltegkeet schwätzen, wou mir eise Kanner wëlle gutt Beispiller an Iwwerleeungen mat op de Wee ginn, och d'Spuere vu kostbaren Naturprodukter wéi d'Waasser nach en Thema ka sinn.

Ech hunn och dofir am Numm vun der Gemeng Suessem dee Syndikat, deen d'Interesse vun de Gemenge vertritt, also de SYVICOL, beoptraagt, en Avis juridique ausschaffen ze loossen, fir ze klären, ob dee gestaffelte Waasserpräis eng richtig oder falsch Measure ass.

Den nächste Punkt ass, datt d'Experte viraussoen, datt auslännesch Entreprises an deenen nächste Jore ganz massiv wäerten an eisem Land investéieren. Dës Entreprisë versichen, sech majoritär an de Grenzgemeinden ze etabléieren, wa se Terrainen an de Zones industrielles oder fir Activités commerciales ou artisanales fannen.

Dat ass jo erfreenlech, wann ee weider nei Aarbechtsplaze schafft an domat versicht, de Chômage an de Grëff ze kréien. Op där anerer Säit werft et eng ganz Rei Froen op, fir déi de Stat mat de Gemengen zesumme Solutiounen fanne muss.

Well d'Main-d'œuvre rar ginn ass um Lëtzebuerger Aarbechtsmaart, wäerten dës Entreprises haaptsächlech Auslänner beschäftege mussen. Dat huet folgend Konsequenzen:

Den Aflux gëtt stänneg méi héich, an d'Zuel vun de momentan 89.000 Frontaliere wäert nach weider an d'Luucht klammen. Zousätzlech wäert eng grouss Partie vun deenen neien auslänneschen Aarbechter versichen, sech an deene Gemengen niddereeloossen an do ze wunnen, wou se eng Aarbecht fonnt hunn. Dat ass besonnesch de Fall fir d'Gemengen am Süden, déi mat hiren nationalen, regionalen a lokale Zones d'activités e Pôle d'attraction fir vill auslännesch Investitiounen duerstellen.

Dat alles bréngt an deene Gemengen zousätzlech Verkäiersproblemer a supplementar Nuisancë fir d'Ëmwelt duerch en ëmmer méi groussen Autosverkéier mat sech. De Besoin un neie liewenswichtigen Infrastrukturen, wéi zum Beispill Wunnengen a Schoulen, wäert weider klammen.

Fir dës neier Situatioun Meeschter ze ginn, mussen mir massiv investéieren. D'Gemenge sinn awer net en mesure, fir dat eleng ze maachen, an hei ass de Stat gefuerdert, fir hinne finanziell ënnert d'Äerm ze gräifen.

Här President, ech wëll awer bemierken, datt d'Finanzsprëtzen, also d'Hëllefën duerch Geld eleng, net duer ginn. Mir mussen nei Terraine fannen, fir d'Infrastrukturen ze bauen.

A ville vun eise Südgemeinden ass de Mangel u Bauplaze fir Wunnengen a Betriber momentan akut. Dofir mengen ech, datt nei Infrastrukturen prioritär a méiglechst rapid an den Industriebroochen realiséiert solle ginn. An deenen Industriebroochen sinn à court terme 600 Hektar Surface disponibel. Et ass sécher, datt à moyen an à long terme nach weider Surfaces

dobäikommen. Dat ass eng fantastesch Chance, déi mir notze mussen.

Am Kader vun engem Développement durable hu mir hei d'Méiglechkeet, eng Symbios ze fannen tëschent Kultur, ekonomeschen Aktivitéiten, Dezentralisatioun vu Verwaltungen, Fräizäit, Wunnumraum an Naturschutzgebieder.

An der Regierungsdeklaratioun vum 12. August 1999 stoung, datt d'Reconverssioun vun de Friches industrielles am Süde vum Land eng Prioritéit wär. Dat ass awer elo annerhalleft Joer hier, an et huet een d'Gefill, datt et net esou séier geet wéi mir eis et geduecht hunn.

E Grondsteen an eng Viraussetzung vun deem Ganze war de Plan régional Sud, dee mat enger grousser Konferenz am Dezember 1999 agelaut gouf. Dat war awer méi theoretesch, an d'Praxis misst méi séier an effikass ëmgesat ginn. D'Etüd Agiplan, déi am Kader vum GIE-Ersid gemaach gouf, huet prioritär d'Reconverssioun vum Site Belval-Ouest behandelt.

D'Regierung knäppt d'Zukunft vun den Industriebroochen ganz staark un déi vun eisem ganze Land. Dowéinst huet si am Budgetsprojett folgend Dépense virgesinn:

- ee Kredit vun 37.184 Euro als Bedeelegung un der Assistance technique, déi néideg war fir d'Elaboratioun vum Regionalplang;
- den Développement vun de Friches industrielles gëtt am Budget op 7,4 Milliounen Euro évaluéiert.

E weidere Grondsteen an eng Viraussetzung ass d'Grënnung vun der Société de développement Agora duerch de Stat an d'ARBED. Dës Gesellschaft fonctionnéiert ënner privatrechtleche Kritären als Société en commandite simple, mat engem Kapital vu 47,1 Milliounen Euro.

Eent vun den Objektivier ass, déi Terraine vun der ARBED ze kafen, déi innerhalb den Industriebroochen musse viabiliséiert ginn. Hei muss schnellstens e Projet de loi virun d'Chamber kommen, soss kann déi Entwicklungsgesellschaft net aktiv ginn a mat hirer eigentlecher Aarbecht ufänken.

Ech begrëssen den Engagement vum Stat an ech hoffen awer och, dass d'Wënsch, d'Besoinen an d'Iwwerleeunge vun de Gemengen als gläichwäerteg Partner respektéiert ginn.

Eng aner Fro, déi sech stellt, betrëfft d'Kompetenze vun de Gemengen am Kader vun de Regiounen.

D'gesetzlech Basis, fir esou Regiounen ze schafen, ass d'Landesplanungsgesetz vum 21. Mee 1999. D'Regionalplanung, mat dem Instrument vum Regionalplang, soll d'Koordinatioun zwëschen de Realiséierungen op nationalem a lokalem Plang sécherstellen. Dat soll déi nohalteg Entwécklung vun deenen eenzelne Regiounen ënnerstëtzen. D'Intentioun vum Législateur

war an ass, d'Gemenge méi staark an d'Regionalplanung anzebannen. Dat geet scho beim Ausschaffe vun esou engem Plang un.

All concernéiert Gemeng gëtt säin Avis of, an dofir muss de Schäfferot Informatiounsversammlung mat der Populatioun ofhalen a Presenz vun engem Regierungsvertrieeder, fir d'Leit ze sensibiliséieren a si mat an de Prozess anzebannen.

Déi berodend Landesplanungsgremien, wéi zum Beispill de Conseil supérieur an de Comité interministériel, gi befrot. Doropshi mécht d'Regierung eng Deklaratioun iwwert de Projet an der Chamber.

Schlussendlech gëtt de Regionalplang par voie de règlement grand-ducal als rechtsverbindlech erkläert an am Mémorial publizéiert.

Den Innenminister, als Autorité de tutelle vun de Gemengen, gesäit seng Roll doran, d'Ausschaffe vum Regionalplang ze begleeden an ze ënnerstëtzen. D'Ëmsetze vun de Regionalpläng läit an den Hänn vun de Gemengenautoritéiten, an et wier gewünscht, datt esou séier wéi méiglech déi sechs Pläng, déi virgesi sinn, och kéinten ëmgesat ginn.

Wat ass bis elo an deem Dossier geschitt?

Vun deene sechs Planungsregiounen hunn als éischt a bis elo zwielef Südgemengen esou ee Regionalplang zesummen ausgeschafft.

D'Hauptakzenter si Siedlung, Wunnen, Verkéier an Ëmwelt, mä och Kultur, Tourismus, Noerhuelung a regional Identitéit sinn net vergiess ginn.

An dësem Kader sinn déi concernéiert Gemengen derbäi, gemäss dem Artikel 25 vum Landesplanungsgesetz e regionale Gemengesyndikat an d'Liewen ze ruffen.

Trotz dësem Usaz vun Dezentralisatioun muss ee sech awer d'Fro stellen, wéi d'Kompetenze vun de Gemengen op hirem eegenen Territoire an Zukunft wäerten ausgesinn.

Hei schwätzen ech nach eng Kéier déi vun der Regierung geplannten Ofschafung vun der kommunaler Gewerbesteier un. Dës Gewerbesteier war bis elo eng vun de wichtegste Finanzquellen vun de Gemengen.

Den Artikel 107 vun eiser Constitutioun gesäit de Prinzip vun der Autonomie communale vir, an d'Gemengen hale ganz staark op dee Prinzip, dee souwuel eng Autonomie décisionnelle wéi eng Autonomie financière implizéiert. Ech stellen d'Fro: Kënnen dës zwou Forme vun Autonomie nach bestoe bleiwen no der Ofschafung oder dem Ersetze vun der Gewerbesteier? Wäerten eis Gemengen nach weider genuch Ressourcen hunn, fir hir wichteg Missiounen am Interesse vun hire Bierger no dëser Reform ze erfëllen?

Dat si Froen, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, op déi mir alleguer an den nächste Méint a Joren Äntwerte fanne sollen a mussen.

D'Regierung ass ganz sécher drun interesséiert an zitt Notzen draus, datt staark a kompetent Gemengen an de verschiddene Regiounen eng Politik ëmsetzen, déi mat den Awunner a fir d'Awunner geplangt a realiséiert gëtt. An de Räichtum, vun deem eist Land de Moment profitéiert, soll à mesure égale all eise Leit zegutt kommen.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Belling.

M. Jeannot Belling (DP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer, dass ech um Ufank vu menger Interventioun iwwert den Tourismus mech deene villen objektiven Appréciatioun vum Rapport iwwert de Budget 2001 uschlëssen an dem honorablen Här Gusty Graas, trotz e puer plus ou moins subjektiven, virun allem awer enger total déplacierter an domat iwwerflësseger Kritik um Budgetsrapport e grouse Luef aussprieche fir déi anstänneg a luewenswäert Aarbecht, déi hien a seng Équipe geleescht hunn, fir dëse Projet der Chamber a perfekter Ausféierung ze presentéieren.

De Bilan 2000 vum Tourismus zu Lëtzebuerg huet am Allgemengen d'Note satisfaisante erreecht. Mat grousser Zefriddenheet konnt allerdings festgestallt ginn, dass virun allem d'Vir- an d'Nosaison hei am Land ëmmer méi u Bedeitung gewannen, wat op d'Beméiung vum Ministère an dem Office national du Tourisme zréckzeféieren ass. Den Här Minister huet dëst och viru kuerzem op enger Pressekonferenz matgedeelt.

Esou zielt den ONT-Ëmfangsbüro an der Stad Lëtzebuerg bis Enn Oktober 78.139 Visiteuren, dat heescht 4,75 % méi wéi d'lescht Joer. Uechtert d'Land awer sinn an deenen eenzelnen Touristenëmfangsbüroen d'Zuelen insgesamt ëm 4,8 % zréckgaangen. D'Besëtzer vun den Hotellen, de Campingen an och d'Syndicats de tourisme sinn nëmmen zu 50 bis 60 % mat der Hauptsaison 2000 zefridden.

Un Hand vun dëse puer Zuele wëll ech op e ganz wichtige Facteur an der Tourismusbranche ze schwätze kommen, dee leider Gottes Joer fir Joer eisen Tourismus gréisstendeels beaflosst. Dat ass de Facteur Wieder. Am Géigesaz zu villen anere Länner ass eist Land staark saisonofhängeg. Aus deem Grond ass et och fir d'Lëtzebuerger Tourismusbranche, virun allem wat d'Hotellen an d'Campinge betrëfft, net méiglech, op eng lukrativ Wintersaison ze zielen. Den Haapttourismus spillt sech an eise Land am Summer of. Dofir ass et wünschenswäert, dass sech drëms beméit gëtt, fir d'Vir- an d'Nosaison zu Lëtzebuerg ze valoriséieren. Op dës Manéier kéinte mer zum Beispill e verreente Summer méi gezielt kompenséieren.

Mä wéi och ëmmer: E Land, wat net onbedéngt dee grouss Massentourismus unzitt, mä haaptsächlech Kuerzzäittouristen oder eeler Leit, muss virun allem Wäert drop leeën, seng touristesch Aarbecht esou gutt wéi méiglech an esou effizient wéi méiglech ze vermëttelen, an dat op allen Ebenen, esouwuel hei am Land wéi am Ausland, esouwuel bei jonke wéi bei eelere Leit. D'Tourismusaarbecht muss usprieche, well vun eleng kënn keen op de Gedanken, dass mir hei zu Lëtzebuerg zum Beispill eng ganz Rei vun interessante Muséeën, Schlässer a Buergeren iwwert d'ganz Land verdeelt hunn.

An deem Sënn ass et natierlech ze begrëssen, dass eis Regierung Wäert drop leet, fir d'Veermaartung vun eise Land och un d'Leit ze bréngen, an zwar a Form vu Publicitéit, Broschüren an Informatiounsmaterial. De Budget 2001 zielt ënner anerem 320.000 Euro fir dësen Zweck. Fir Participatiounen op Foirë sinn 213.000 Euro virgesinn. Den Office national du Tourisme, mat Sécherheet ee vun deene wichtegsten Acteuren an der Tourismusbranche, kënn op déi stolz Zomm vun 1,574.009 Milliounen Euro.

Ech hunn elo nëmmen e puer Zuelen aus dem Budget genannt. Am grouss Ganze gëtt jo awer esou munches fir eisen Tourismus ënnerholl. Ech géif awer gär d'Geleeënheet vun de Budgetsdebatten notzen, fir op e puer Saachen opmierksam ze maachen, déi, menger Meenung no, derwäert wieren, weider intensiv ausgebaut ze ginn. Do wäeren ënner anerem d'Vakanz um Bauerenhaff, d'Förderung vum Baue vu sougenannte Wellness-Zentren, d'Moderniséierung vun eise Jugendherbergen, de Camping- a virun allem de Camping-car-Tourismus, woubäi all Etapp mat enger Iwweruechtung a selbstverständlech engem lesse verbonne misst sinn, regelméisseg Organisatioun a Förderung vun Open-air-Concerten an esou weider.

Wéi ech schonn zu Ufank vu menger Ried betount hunn, besteet den Tourismus zu Lëtzebuerg gréisstendeels aus Kuerzurlauber, ob dat elo Kongresstourist sinn oder einfach nëmme Leit, déi e klengen Abstecher an eist Ländchen ënnerhuele wëllen. Dobäi kënn, dass laut enger Ëmfro vum ONT aus dem Joer 1998 d'Halschent vun eisen Touristen iwwer 50 Joer al sinn, 17% souguer iwwer 65 Joer. Wat déi jonk Leit betrëfft, läit Lëtzebuerg laut dëser Ëmfro däitlech ënnert dem europäeschen Duerchschnitt.

Niewent dëse Komponente kënn nach derbäi, dass festgestallt gouf, dass de Lëtzebuerger Tourismus relativ enk u grouss Evénementen an eise Land gekoppelt ass. D'Kulturjoer 1995 an och d'Sonnenfests vum 1999 hu vill derzou bäigedroen, dass d'Zuel vun den Touristen an deene Jore substantiell gestigen ass.

Dës Fakte brénge mech zu der Ausso, dass, wa mer bereet sinn, e méi équilibréierten Tourismus ze

fördere, en Tourismus, dee souwuel Al wéi Jonk unzitt an net zevill ofhängeg vu groussen Evénementen ass, mer da musse méi e geziilt Konzept ausschaffen, e Konzept, dat all eenzel Facteuren mat a Betruecht zitt.

An deem Sënn huet d'CSV-DP-Regierung am Koalitionsaccord vum August 1999 eng ganz Rei vu Moossname festgehalen, déi méi geziilt de Kongress- a Geschäftstourismus, de Kultur- an de ländlechen Tourismus solle fördere, mä virun allem ass festgehalleginn, fir sech méi intensiv deenen eenzelnen Zielgruppe wéi Jugendlechen a Familljen, Kanner, sport- a kulturinteresséierte Leit ze widmen.

Wa mer allerdéngs wëssen, dass déi eeler Leit eng Majoritéit vun eise Tourismus ausmaachen, da musse mer och besonnesch Wäert drop leeën, fir hinnen déi Facilitéiten an touristesch Attraktiounen ze bidden, déi hire Wësch a Méiglechkeete gerecht ginn. Si sinn eng vun den Zilgruppen, déi de Lëtzebuerger Tourismus wëllt a virun allem muss usprieche.

Déiselwecht Approche gëllt och fir Touristen, déi handicapéiert sinn. Et geet jo net dréms, fir nëmme verschidden Zilgruppen unzesprieche an anerer einfach ze vergiessen. Mir läit dofir vill drun, am Kader vun dësen Budgetsdebatten op dee spezielle Punkt opmierksam ze maachen.

Hei zu Lëtzebuerg feelt et eis einfach un deenen noutwendegen Infrastrukturen, Facilitéiten a souguer Broschüren, déi spezifesch op déi handicapéiert Leit adaptéiert sinn.

Mir hunn och leider, am Géigesaz zu villen anere Länner an Europa, keen Organismus, dee sech speziell ëm dësen Tourismus bekëmmert. Dat, wat gemaach gëtt, läit haaptsächlech an den Hänn vum Centre national Info-Handicap, deem ech vun dëser Plaz aus meng grouss Unerkennung fir seng Aarbecht aussprieche wëll. Et muss een allerdéngs awer och an deem Kontext feststellen, dass hei zu Lëtzebuerg d'Demande vun den handicapéierten Touristë relativ kleng ass an d'Ubidder sech dofir och net forcéiert fillen, méi accessibel Strukturen ze realiséieren. Dir gesitt, am Beräich vum „Tourisme pour tous“, wéi d'europäesch Institutiounen dat nennen, bleift zu Lëtzebuerg nach esou munches ze dinn.

Onofhängeg dovun, ob et sech ëm jonk, al oder handicapéiert Leit handelt: Fir eisen Tourismus méi équilibréiert an ofgestëmmt op déi eenzel Zilgruppen ze gestalten, musse mer un alleréischter Stell drun denken, fir eng effektiv Zesummenaarbecht tëschent deenen eenzelnen Acteuren aus der Tourismusbranche auszubauen.

Déi vill Eenzelinitiativen, déi een uechtert d'Land esou fënnt, sinn natierlech duerchaus luewenswäert, mä effektiv gesi brénge se wahrscheinlech net dat Resultat, wat ee sech erhofft. Aus eegener Erfahrung

kann ech zum Beispill soen, dass et dem Oste vun eise Land bestëmmt méi géif bréngen, wa sech déi verschidde Gemengen a Syndikater bei verschiddene gezielten Aktiounen zesumme géifen doen, well eng gemeinsam a flott Broschür, déi all wichteg a sehenswäert Attraktiounen aus enger Region opzielt an illustréiert, wär fir den Tourismus méi wäertvoll an informativ wéi zum Beispill eenzel verstreete Publicatiounen.

M. Marco Schank (CSV).- Dat ass richtig.

M. Jeannot Belling (DP).- Merci, Här President vum ONT.

Fir dass dës gutt Aarbecht awer net lues mä sécher am Sand versickert, schéngt et mir noutwendeg, Synergien tëschent deenen eenzelnen Acteuren ze schafen. Op dës Manéier wär et och bedeitend méi einfach, zum Beispill Gemeinschaftsprojekter tëschent privaten Tourismusubidder wéi Hotellen oder Restaurants, de Gemengen, de Gemengesyndikater an dem Stat auszeschaffen. Firwat net zum Beispill eng Aart Themenhotel schafen iwwert d'Wéngerten an den Akerbau. Eist Land besetzt genügend landestypesch Saachen, déi ee fir den Tourismus op déi eng oder aner Manéier attraktiv gestalte kéint. Fir mech wier et duerchaus denkbar, esou Projeten am Kader vum sechste Plan quinquennal ëmzesetzen.

Fir esou oder ähnlech Projeten a Synergien och professionell an effektiv auszestafféieren, schéngt et mir wichteg, déi modern Kommunikatiounstechnologie mat anzebeziehen. Den Internet kéint an dësem Sënn eng wäertvoll Aarbecht liwweren. D'Kommunikatioun ass och an der Tourismusbranche net ewechzedenken. Duerch d'Vernetzung vun deenen eenzelnen Ubidder, ob privat, kommunal oder staatelech, géif ee sécherlech d'Aarbecht vun deenen eenzelne Büroen an Organisatiounen vereinfachen a verbesseren.

D'Notze vun den neie Kommunikatiouns- an Informatiounstechnologie kann awer och wierkungsvoll an der Vermëttlung vun eisen touristeschen Attraktiounen an Offerten agesat ginn. Den Internetsite vum ONT kennt z. B. eng ganz grouss Popularitéit. 1998 gouf dës Site vun 277.039 interesséierte Leit besicht. D'Joer drop waren et der scho 607.968. Initiativen, déi also an dës Richtung ginn, wéi och de Verkaf vu CD-ROMen iwwer verschidden Themen oder Regionnen, sinn dofir onbedingd auszebauen!

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir dës Iddien a Mesuren, déi jo zum Deel bestinn, weider a besser ze förderen, ass et a mengen Aen awer wichteg, och de professionellen Aspekt méi genau ënnert d'Lupp ze huelen. Vill vun eisen Tourismusubidder schaffe scho laang an dëser Branche. Op Grond vun der ëmmer gréisserer Konkurrenz vun anere Länner an dem Fait, dass de Mënsch ëmmer méi reest, wier et interessant, fir eis Ubidder méi dacks an d'Ausland ze schécken, fir ze kucken, wéi aner Länner dat handhaben.

Bei all dësen Initiativen a Mesurë soll et d'Zil sinn, den Tourismus zu Lëtzebuerg manner eenheetlech a virun allem wesentlech méi wiedereonofhängeg ze maachen. Dofir ass et ëmsou méi wichteg, de Lëtzebuerger Tourismus op méi Zilgruppen auszebauen. Mir hunn zwar kee Mier, keng Wüst an och keng Alpen, awer mir hunn aner landestypesch Schätz, déi ee fir Familljen, Kanner, Jugendlecher an eeler Leit attraktiv gestalten an ausschöpfe kéint.

(Interruption)

Selbstverständlech, Här Gira!

Et gouf och dëst Joer gesot, dass 2000 e gudde Joergang fir den Tourismus wier. Ech denken awer, dass Lëtzebuerg mat ë besse Fantasie an Zesummenaarbecht wäit aus méi aus sengem touristesche Potenzial schöpfe kéint.

Ech soen lech merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Als nächst Riednerin ass d'Mme Marie-Josée Meyers agedroen. D'Mme Meyers huet d'Wuert.

Mme Marie-Josée Meyers-Frank (CSV).- Här President, Dir Dammen, Dir Hären, fir d'éischt wëll ech dem Budgetsrapporteur Gusty Graas villmools merci soe fir déi vill a wäertvoll Aarbecht, déi hien am Kader vum Budget gemaach huet. Ech wëll a menger Interventioun spezifesch iwwert d'Fleegeversécherung schwätzen, fir verschidde Schwaachpunkten ze belichten, mä awer och op déi eng oder aner Méiglechkeet hinzewiesen, ...

(Interruption)

...wéi mir d'Fleegeversécherung méi effikass kënne gestalten.

Ech maachen et ganz kuerz! Ech schränke mech an! Ech wëll och keng Beispiller hei presentéieren, well soss géif ech awer wierklech zwou Stonnen hei d'Pult besetzen!

Den 1. Januar 1999 ass d'Fleegeversécherung a Kraaft getrueden. Et ass e formidabelt Instrument, dat ville Leit d'Liewe méi einfach mécht a garantéiert, datt jiddereen hei am Land, dee Fleeg an Hëllef brauch, och déi aarm Leit, d'Méiglechkeet hunn, fir vun dëse Moyene kënnen ze profitéieren. Et ass also e soziaalt Instrument, wat wierklech ze begrëssen ass!

Den 11. Oktober vun dësem Joer ass am Conseil de Gouvernement eng Bilanz gezu ginn. Bis dato waren 12.081 Demandë gestallt ginn. Dovu sinn der 5.593 évaluéiert ginn. Leider sinn awer an der Zäit vum 1. Januar d'lescht Joer bis elo den 11. Oktober scho 1.530 Patiente verstuerwen, déi eng Demande gemaach haten, awer net évaluéiert gi sinn! Ech mengen, mir wëssen alleguer, datt do vill Onrou an de Familljen an an den Institutiounen herrscht, wann eben

d'Cellule nach net d'Méiglechkeet hat, bis dohin do ze passéieren!

An der Praxis gëtt et leider nach ganz vill aner Problemer. D'Mise en pratique vu sou enger Moosnam wéi d'Fleegeversécherung brauch eng grouss Ulaßzäit. Dëst gouf och am Débat d'actualité iwwert den éischte Bilan vun der Fleegeversécherung festgestallt. Elo ass et awer sou, datt d'Fleegeversécherung gläich zwee Joer fonctionnéiert. Wann Ulaßschwierigkeete bei sou enger Moosnam normal sinn, sou misste mer dach elo lues d'Vitesse de croisière kënnen erreecht hunn.

Et läit net a menger Intentioun, fir d'Législateuren ze kritiséieren! Ech ëmfannen et just als meng Flicht, fir op Schwaachstellen hinzewiesen an drop opmierksam ze maachen. Ech denken, eng konstruktiv Kritik ka jiddefalls net schueden!

D'Cellule d'évaluation et d'orientation ass nach ëmmer iwwerlaascht! Si kënn den Demanden nach ëmmer net no, an dat, obwuel mer elo gläich zwee Joer am Asaz sinn. Mir si kuerz ënner 1/3, déi nach net évaluéiert sinn. Dëst ass natierlech souwuel fir déi betraffe Persounen, fir d'Famill, respektiv fir déi Institution, wou si ënnerbruecht sinn, oder déi, déi d'Servicer maachen, déi, déi doheem betreien, eng grouss Schwierigkeet.

D'Cellule d'évaluation et d'orientation huet an der Tëschenzäit d'Personal opgestockt, wat ganz gutt an ze begreifen ass. Ech weess, datt säit dem November vun dësem Joer verschidden Assistantes sociales aus de Secteure forméiert gi sinn, fir kënnen an der Cellule d'évaluation mat ze hëllefen. Doropshin hunn ech mech informéiert a mer soe gelooss, datt mer, wa mer an der Vergaangenheet an enger Woch 60 Patiente konnten évaluéieren, haut bei bal 100 pro Woch sinn, soudatt also wirklech e grouss Fortschritt ze verzechnen ass! Mä ech mengen, et ass awer sou, datt mer weiderhi müssen dofir suergen, datt mer nach Verstärkung kréien, fir d'Durée vun den Demanden ze verkierzen!

Dofir wëll ech froen, ob et net méiglech wier, fir an der Cellule d'évaluation et d'orientation d'Personal nach eng Kéier opzestocken a sou ze garantéieren, datt déi Dossieren, déi elo scho méi wéi ee Joer waarden, fir évaluéiert ze ginn, endlech kënnen un d'Rei kommen.

A puncto Évaluatioun wëll ech nach op deen een oder anere Problem opmierksam maachen. Eng zweet Évaluatioun vun enger fleegebedürftiger Persoun däreif jo eréischt no sechs Méint gemaach ginn. Elo ass et awer sou - an déi Kolleegen heibannen, déi am Gesondheitswiese schaffen, bestätege mir dat -, datt de Gesondheitszoustand vun engem Patient sech oft am Laf vu sechs Méint drastesch verännert. Dëst stellt de Service an d'Institutionen, déi an der Fleg tätig sinn, virun e gewaltege Problem. Si gesinn, datt de

fleegebedürftige Mënsch méi Soine brauch, wéi dat vun der Cellule d'évaluation et d'orientation erlaabt gouf. De Budget, deen zur Verfügung steet, geet also net duer, an domat komme se an Noutsituatiounen.

D'Personal, dat fir déi verschidde Servicer um fleegebedürftige Mënsch responsabel ass, gëtt an dësem Fall staark veronséichert a steet ganz oft virun engem Dilemma. Hale si sech strikt un de virgeschriwwene Fleegeplang, da kritt déi betraffe Persoun net all déi Soinen, déi se misst kréien. Maache si awer alles, wat an hiren Aen noutwendeg ass, da komme si meeschtens mat der Zäit net aus, déi hinnen zur Verfügung steet, an den Hëllefseréseau kritt de Surplus u Service net bezuelt. Mat sou enger Situatioun kënnen mir jo alleguer net zefridde sinn!

Ass et hei net méiglech, fir méi realitéitsno ze schaffen? Ech mengen, wann den Zoustand vun engem fleegebedürftige Mënsch sech dramatesch verännert, dann dierft et menger Meinung no kee Problem sinn, datt méi fréi wéi no sechs Méint erëm eng Kéier kéint évaluéiert ginn, a fir dat ze maachen, wéi ech et elo just gesot hunn, muss jo dann d'Personal opgestockt ginn. Eng aner Méiglechkeet wier déi, wann een de Servicer géif d'Méiglechkeet ginn, datt si kéinte Réevaluatioun maachen. Déi kéint dann deen Dag ulafen, wou si réevaluéiert hunn, bis datt d'Cellule da passéiert ass. Si géifen dann hire Commentaire maachen, ob déi kéint acceptéiert oder och mol refuséiert ginn.

Här President, Dir Dammen, Dir Hären, ech hunn elo grad den Hëllefseréseau ugeschwat. Si spille jo zesumme mat den Haiser, an deenen déi fleegebedürftig Leit kënnen ënnerbruecht ginn, eng Haaptroll an der Fleegeversécherung. Als Haaptacteurs misste si jo dofir consultéiert ginn, wann et drëm geet, fir Verbesserungen un der Gesetzgebung oder och nëmmen un den Handhabunge vun der Gesetzgebung anzeféieren.

Eng enk Zesummenaarbecht tëscht Theoretiker a Leit aus der Praxis, déi mat alle Problemer konfrontéiert sinn, ass e wichtege Wee, fir eng adequat Léisung op d'Problemer ze fannen. Dat ass an alle Beräicher sou; mä vläicht ass et an engem Beräich, wou et ëm de Mënsch geet, nach vill méi wichteg, well hei kënnen nëmmen déi Leit, déi mat de Fleegebedürftige schaffen, sief dat doheem oder an enger Institution, genau Informatiounen ginn, wat besser kéint lafen an a wéi eng Richtung een déi gesetzlech Dispositiounen misst orientéieren oder gegebenefalls ofänneren.

Ech mengen, datt mir eis all bei der Aféierung vun der Fleegeversécherung bewusst waren, datt eng Rectificatioun no enger gewësser Zäit néideg wier. No zwee Joer Erfahrung hunn alleguer déi Leit um Terrain menger Meinung no genuch Erfahrung gesammelt, fir d'Dispositiounen vun dësem Gesetz der Realitéit méi no ze bréngen.

Ech mengen, et ass ëmmer nach en Informatiouns-manktum am Public, well ganz oft ginn ech domat konfrontéiert, datt Patienten a Familljen net wëssen, vu wéi engem Moment u si d'Fleegeversécherung kënnen an Usproch huelen. Dofir, mengen ech, ass et och gutt, datt een erëm eng Informatiounscampagne géif lancéieren, well mir wësse jo, datt ee muss dräi an eng hallef Stonn pro Woch op Hëllef ugewise sinn, fir datt d'Fleegeversécherung iwwerhaapt kann a Kraaft trieden! Ech weess, datt et an Däitschland fënnef Stonne sinn!

Wann een déi professionell Servicer freet, dann triede si oft a bei de Leit, an da gëtt do sou e Cumul gemaach, datt si en Tarif ausschaffen, deen d'Leit da bezuelen, deen un hiert Akommes gekoppelt ass, wat awer a mengen Aen net ëmmer grad de richtege Wee ass!

Här President, Dir Dammen, Dir Hären, dëst waren e puer Bemierkungen zu der praktescher Handhabung vun der Fleegeversécherung, déi ech wollt maachen. Ech hoffen, datt ech domat verschidden Ustéiss konnt ginn, déi déi Responsabel am Ministère ophuele kënnen, fir Verbesserungsvirsléi auszeschaffen an an d'Weeër ze leeden. Sécher wäert et ëmmer nach Fäll ginn, wou et net méiglech ass, datt si ënnert déi gesetzlech Dispositiounen falen. Mä dat mussen d'Ausnahme sinn! Schliesslech kann e Gesetz net allen denkbare Situatiounen Rechnung droen, an ech mengen, dat verlaangt och keen.

Ech hoffen, datt duerch déi substanzuell Opstockung am Budget fir d'Frais d'expertises médicales, déi ech hei ausseruerdentlech begrëissen, d'Évaluatioun vun deene betrouffene Leit méi schnell a méi realitéitsno ka gemaach ginn a mer der grousser Suerg vun deene betrouffene Familljen a Réseaux Rechnung kënnen droen, well jiddereen, dee sech jo mat 1 % un der Fleegeversécherung bedeelegt, mengen ech, hätt och e Recht, wann en op Hëllef ugewisen ass!

D'Fleegeversécherung ass eng wichteg an eng gutt Saach. Dofir wier et schued, wa si nach laang géif ënnert deene beschriwwene Kannerkrankheete leiden an net den Impakt hätt, dee si kéint hunn. Wäer et elo net un der Zäit, fir de Fonctionnement vun der Fleegeversécherung nach eng Kéier méi genee ënnert d'Lupp ze huelen an déi néideg Rectificatiounen ze maachen? Ech denken, mam politesche Wëllen a wa mir all zesummen zu deem Problem stinn, wäerte mir dat séier an de Grëff kréien!

Ech soen lech merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Als nächst Riednerin ass d'Mme Maggy Nagel agedroen. D'Mme Nagel huet d'Wuert.

Mme Maggy Nagel (DP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, un éischter Stell wëllt ech dem Här Gusty Graas fir säin ausféierleche mëndlechen a

schrëftleche Rapport félicitéieren. Als jonk Deputéiert kann ech nëmme feststellen, datt et wahrscheinlech ee vun deene beschte Rapporte war, well et ass nach ni bis haut - op alle Fall menges Wëssens no - e Rapport sou vill a sou hefteg kommentéiert ginn, wéi mer dat bis elo scho bei dësem feststelle konnten.

Den Här Graas huet a sengem Rapport ganz kloer op d'Défien, déi sech eisem Land an deenen nächste Jore stelle wäerten, opmierksam gemaach. Trotz der Tatsaach, dass eist Land finanziell gutt do steet, mussen mer eng seriös Gestoun vun eise Finanzen ustriewen, fir eis Zukunft net ze verbauen. Et gëllt dofir, an allen Domänen an op allen Niveaux vun eiser Gesellschaft a vun eisem Stat déi néideg Dispositiounen ze treffen.

Et steet ausser Fro, dass mer, fir déi Objektivitéit ze erreechen, déi den Här Graas op sou eng kloer Aart a Weis d'lescht Woch duergeluegt huet, en effikasse Stat brauchen. Hei stellt sech dann d'Fro: Wat fir eng Viraussetzung mussen gi sinn, fir en effikasse Stat ze garantéieren?

Ech mengen, eng vun de Konditiounen ass, dass mer motivéiert Fonctionnairen hunn, Fonctionnairen, déi frëndlech a manéierlech de Bierger hiren Uspréich kënnen entgéintkommen. Fir dass se motivéiert sinn, mussen se spieren, dass déi Aarbecht, déi se leeschten, honoréiert gëtt.

Mä mir brauchen net nëmme motivéiert Fonctionnairen, mir brauchen héich qualifizéiert Fonctionnairen. Dofir muss den öffentlechen Dénsgscht nach méi attraktiv gestalt ginn, an ech denken do zum Beispill un d'Réduction de stage, déi vun dräi op zwee Joer, wéi den Accord salarial vum leschten 29. Mee et virgesäit, erofgesat ginn ass. Den Accord salarial, deen elo duerch d'Gesetz vum 28. Juli 2000 ëmgesat gëtt, dréit sécherlech dozou bäi a fënnt natierlech säin Nidderschlag am Budget fir den Exercice 2001.

Hei d'Hauptpunkten, déi mer do erëmfannen:

1. Den Indice de base gëtt, nodeems e réckwierkend op d'Joer 2000 ëm 2,5 % gehuewe ginn ass, den 1. Januar 2001 ëm ee weidere Prozent gehuewen. Dat wäert sech am Budget 2001 duerch 32,5 Milliounen Euro reflétéieren.
2. D'Annale wäerten e Chiffer vu ronn 7,8 Milliounen Euro ausmaachen, d'lessenszoulag d'Zomm vu 6,6 Milliounen Euro an d'Kilometergeld 768.000 Euro.
3. Fir de Relèvement vum Plaffong ëm ronn 148.000 Euro, wat d'Zënszouschëss ubelaangt, am Fall wou e Fonctionnaire fir de Bau, de Kaf oder d'Renovéierung vun engem Eegenheem e Prêt ofschléisst, sinn am Budget fir den Exercice 2001 594.943 Euro virgesinn.
4. De Käschtepunkt vun der Reduktioun vum Stage op zwee Joer wäert sech op d'Zomm vun 1.536.936 Euro belafen.

(M. Willy Bourg prend la Présidence)

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir hunn elo just festgestallt, dass eise Stat héich qualifizéiert Fonctionnairë brauch. Dat Potential gëtt jo zum Deel vun de Fonctionnairë matbruecht, wa se sech an den Déngscht vum Stat stellen, mä dat geet awer net duer. Et ass wichteg, dass eis Statsbeamte sech permanent weiterbilde kënnen. Déi Weiterbildung gëtt duerch den Institut national d'Administration publique assuréiert. D'Gesetz vum 15. Juni 1999 gesäit eng fundamental Reform vum INAP vir, déi sech iwwer eng Zäitspan vum dräi Joer erstrecke soll.

Aus deem Grond ginn och erëm dës Joer d'Kreditter, déi fir d'Ëmsetzung vun dëser Réorganisatioun virgesinn, an d'Luucht. Déi Réorganisatioun mécht sech och doduerch bemierkbar, dass eng Rei Règlements grand-ducaux vum Regierungsrot adoptéiert a schonns am Mémorial publizéiert gi sinn. Ech denken do ënner anerem un de Règlement grand-ducal, deem d'Schaffen am Kader vum INAP vun enger Divisioun fir d'Formatioun vun de Gemeindebeamte virgesäit. Déi Divisioun soll et erméiglechen, dass d'Gemeindebeamte während hirer Stagezäit, mä awer och duerno am Kader vun enger Formation continue forméiert kënnen ginn.

Mä all gudden Willen notzt eis näischt, wa mer net genuch Personal hunn. Ech stellen awer och hei fest, dass de Stat en notablen Effort gemaach huet. Esou ass zum Beispill virgesinn, dass d'Personal beim Stat am Joer 2001 ëm 191 weider Unitéite verstärkt soll ginn. Bei der Administration des Contributions ass virgesinn, dass véier Fonctionnairë agestallt solle ginn, fir am Kader vun engem Remplacement par anticipation engem Manque u Personal virzebeugen, deem duerch d'Départen an d'Pensioun entsteet. An der Educatioun ass am Postprimaire virgesinn, dass am Kader vun engem Plan de recrutement, dee sech iwwer fënnef Joer erstreckt, 50 Enseignante fir d'Schouljoer 2000/2001 rekrutéiert ginn.

Mä en effikasse Stat kann och nëmmen da funktionéieren, wann déi néideg Infrastrukturen zur Verfügung stinn. Et ass och aus deem Grond - an dat natierlech och virum Hannergrond vun der Informatiounsgesellschaft -, dass dem Stat dat néidegt informatesch Material zur Verfügung stoe muss. Effektiv ass et jo sou, dass dem Ministère de la Fonction publique et de la Réforme administrative am Kader vun der Informatiounsgesellschaft eng wichteg Roll zougeschriwwen gëtt.

Et ass dofir och ze begreifen, dass d'Kreditter vum Centre informatique eng Hausse vun 23 % par rapport zum Joer virdru verzechnen. Et sinn awer och Kreditter am Statsministère virgesinn, déi et erméiglechen sollen, eng nei Strategie ze entwéckelen, wéi de Stat sech iwwer de Medium vum Internet presentéiere kann. Dem Statsministère ass jo och de Service Information et Presse ënnerstallt, deem dofir zoustänneg ass. Dës Service huet och als Aufgab, sech em

d'Internetsitë vun deenen anere Ministèreen ze këmmern. Dofir sinn och Kreditter virgesinn. Dat sinn natierlech Mesuren, déi den Déngscht un eisem Bierger verbessere sollen, mä awer och eis Ministèreen iwwer d'Grenze vun eisem Land eraus representéieren hëllefen.

Weiderhi gesäit de Ministère des Affaires étrangères Kreditter vir, fir en elektronesch System opzebauen, deem d'Réceptioun, d'Circulatioun an den Archive vun Informatiounen am Ministère selwer, mä och an de verschiddene Missions diplomatiques uechtert d'Welt assuréiere soll. Ausserdeem soll, nach ëmmer um Niveau vum Ministère des Affaires étrangères, en Informatiksystem fir d'Gestioun vun de Finanzen an dem Personal an de Missions diplomatiques finaliséiert ginn. Et ass dat e Projet, dee schonn dës Joer an Ugrëff geholl ginn ass.

Mä wa mer vun Infrastrukturen an Effizienz schwätzen, da wëllt ech awer nach eng Kéier mat Nodrock mengem Kolleg, dem Här Gusty Graas, seng Proposition widderhuelen. Den Här Graas huet gesot, et sollt een, ier een d'Projeten hei an der Chamber stëmmt, emol an éischter Instanz kucken, ob déi verschidden Départementer à même sinn, „en hommes et en moyens“, déi nei gesetzlech Dispositiounen ëmsetzen. Hien huet dofir proposéiert, dass een en ähnlech System wéi dee kierzlech agefouerte System vun de Fiches d'impacts financiers an d'A faasse soll.

Ech mengen, et sollt een effektiv op de Wee goe vun enger Réforme administrative permanente. Dës wier ganz am Intérêt vum Stat a besonnesch an deem vum Bierger. Am Kader vun der Réforme administrative sinn och divers Projekte virgesinn, un deenen emseg geschafft gëtt. Déi Projekte sollen et notament erlaben, dass innerhalb vun der Fonction publique déi verschidden Départementer iwwer e gemeinsame Réseau matenee verbonne sinn.

An dee Kontext schreiwe sech de Projet FPGAP (Fonction publique - Gestion automatisée du personnel) an de Projet RACE (Réforme administrative par la coopération électronique) an. De Projet ADMILUX soll et erlaben, op enger Internet-Homepage e Répertoire vun allen Administratiounen a Servicer vum Stat ze regrouperen an domat de Service um Bierger nach ze verbessere. Gläichzäitig soll och en Numéro vert, ënnert der Form vun enger Centrale téléphonique, et erméiglechen, den Numm an d'Telefonnummer vun deem Fonctionnaire ze ermëttelen, deem dem Bierger op seng spezifesch Froen äntwere kann. Fir all déi Projeten ëmsetzen, sinn op dem Poste vun der Réforme administrative Kreditter an Héicht vun enger Millioun Euro virgesinn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir konnten elo a graffen Zich feststellen, dass am Ministère de la Fonction publique et de la Réforme administrative déi néideg Dispositiounen getraff ginn, fir den Déngscht un

eise Bierger ze verbesseren an eise Stat op d'Défien, déi an deenen nächste Joren op en duerkommen, beschtméiglech virzebereeden. Am Joer 2000 sinn d'Jalone gesat ginn, notamment duerch den Accord salarial, fir dat ze bewerkstelleen.

Et stinn awer nach wichteg Reformen un, wéi zum Beispill déi vum Statut vun de Fonctionnaires, un där awer schonns mat grousser Motivatioun geschafft gëtt. Ech sinn iwwerzeegt, dass mer och d'nächst Joer - oder soll ech besser soen: am Exercice 2001 - erëm e weidere grouss Schrëtt a Richtung vun engem nach méi effikasse Stat maache wäerten.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- Deen nächste Riedner ass den Här Alexandre Krieps.

M. Alexandre Krieps (DP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, an deem, wat een elo nennt kognitive Chaos, wou mer hei säit zwee Deeg iwwert déi Budgetsdebatten rieden, ...

(Interruption)

...hunn ech vill Schaumschléier héieren an e puer Kollegen, déi ausgesprache Loftschlässer gebaut hunn. D'Wonschdenken ass net wäit ewech gewiescht.

Ech si berouegt, dass eise Kolleg Jean Asselborn net fir de schlanke Stat ass, mä fir de schlanke Statsbeamten - nach ëmmer -, an ech bedanke mech speziell beim Kolleg Bausch, deen d'DP am Gespréich hält. Mir sinn him dofir dankbar.

(Interruptions)

Ech géif awer gären den Här Budgetminister opfuerderen, zum Här Bausch senger Stellung Positioun ze huelen, wou hie gesot huet, dass haut an hei d'Bankgeheimnis vun der Bankeplaz schonn ofgeschaaft gi wier. Ech halen op déi Ausso, well dat ass eng ganz penibel.

Den Här Bodry iert sech, wann e seet, dass d'Sozialausgabe méi lues géife klamme wéi den allgemenge Budget. Dat ass objektiv falsch. D'Zuele kënnen mer lech ginn!

Par contre, den Här Lux muss ech luewen, well hien huet mat Recht e puer Propositionen ervirgestrach. En huet leider vergiess ze soen, dass hie während 15 Joer net vill bewierke konnt, fir déi Propositionen ëmzesetzen. Déi Begleetmoosnamen hätte scho kënnen virun dräi, véier Joer geholl ginn.

(Interruption)

Jo, awer net all déi, déi Dir gefuerdert hutt!

Den Här Zanussi, wéi erwaart, ass net entgleist! Ech sinn och frou, dass en awer net gefuerdert huet, dass d'Eisebunner missten um Defizit vun der Eisebunn deelhuelen.

(Hilarité)

M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'Etat, Ministre des Finances.- Dat wier jo grad esou, wéi wann d'Doktere missten um Defizit vun de Krankeessen deelhuelen!

(Hilarité générale)

M. Alexandre Krieps (DP).- Merci, Här Statsminister, dat ass méi präzis. Ech soen et dowéinst. Obschonns eisen Defizit net sou héich ass wéi hiren, do si mer eis jo och eens!

M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'Etat, Ministre des Finances.- Dir sidd jo och net zu sou vill!

(Interruptions)

M. Alexandre Krieps (DP).- Aleedend zu den eigentleche Budgetaspekten wollt ech lech zwou Richtegstellungen matdeelen.

Déi éischt pro domo betrëfft eng Ausso, déi ech hei Enn Juni gemaach hat op dëser Tribün, während der Héichschouldebatt, wat d'Centres de Recherche publics ubelaangt, wou ech deemools gesot hat, dass de CRP Henri Tudor net fläisseg a senger Joresberichter wär. D'Fakte si just de Géigendeel. Ech hunn déi Korrektur schonn an der Kommissioun ubruecht, ech widderhuele se hei. D'Mme Stein kann dat bezeien.

Alles anescht natierlech, wat am Juni hei gesot ginn ass, stëmmt nach bis haut, y compris dass d'Règlements grand-ducaux vun de Gesetzer vun 1987 an 1996 nach ëmmer net geholl gi sinn.

Eng zweet Richtegstellung betrëfft d'Nospill vum Här Lucien Lux senger Motioun hei am Parlament vu virun zwou Wochen, wat d'Gewerkschaftsrepräsentativitéit ubelaangt.

Mir wëssen, datt dobaussen eng gewëssen Onrou herrscht, a speziell an de Gewerkschaftskreeser.

D'Gewerkschaftsfändele ginn aus Roserei dobausse verbrannt. Verschidde Gewerkschaften meeschten hir Basis net, an et kënnt, ech wëll net soen zu wëlle Streiken, mä loosse mer soen zu Protester. Aner Gewerkschaften drohe mat engem Streik oder mat engem Generalstreik, y compris déi, wou ech Member sinn.

Déi Malaisen do stëmmen een natierlech relativ traureg. Dat ass awer keng Ursach, fir datt d'Gewerkschaften politesch Parteien ersetzen a bis hei eran an d'Parlament Gesetzer maache wëllen. Ech hunn och deemools dem Här Glesener - hien ass leider elo net hei - seng Erkenntlechkeet vis-à-vis vum Här Lux senger Motioun verstanen. Ech hunn dat ganz gutt verstanen, well déi zwee wëlle jo näischt Fundamenteles um Kollektivvertragsgesetz vun 1965 änneren.

Dobäi muss ee jo ze bedenke ginn, datt am Fong geholl de Secteur vun der Bankeplaz eréischt no 1969

entstane ass. Dem Här Lux seng Motioun ass also net esou onschëlleg gewiescht, wéi hien dat hei op der Tribün gesot huet, an e versicht natierlech, doduerch eng Opdeelung vun der Gewerkschaftszeen nach en etlech Jorzéngten hei viru bestoen ze loossen. Ech verstinn Äre Standpunkt, Här Lux, ganz gutt.

Une voix.- Kommt elo zum Budget.

M. Alexandre Krieps (DP).- Jo, ech komme gläich drop. Ech wëll dann eng Bemierkung maachen. Vill Virriedner hunn och net zum Budget geschwat. Ech weisen lech dorop hin. Et waren der ganz wéineg.

M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'Etat, Ministre des Finances.- D'Regierung brauch och net ze äntweren.

M. Alexandre Krieps (DP).- Dat ass net gefrot. Dat ass eng Feststellung.

M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'Etat, Ministre des Finances.- Dat hate mir och esou verstanen.

M. Alexandre Krieps (DP).- Vill Memberen an der DP gleewen awer, datt de Regierungsprogramm soll applizéiert ginn.

Une voix.- Do gëtt et Schwieregkeeten.

M. Alexandre Krieps (DP).- Jo, do gëtt et och e puer Schwieregkeeten. Ech sinn awer der Meenung, datt den Aarbechtsminister François Biltgen dat do Gesetz net soll iwwert de Knéi brieche. Mir hunn elo 35 Joer gewaart. Da géif ech mengen, datt et elo net op 6 Méint ukënnt.

Une voix.- Da musse mir nach 15 Joer waarden.

M. Alexandre Krieps (DP).- Den Här Biltgen ass jo eréischt säit engem Joer an där Positioun. Ech verstéi ganz gutt, datt do gesot ginn ass, datt do Nuancé wäeren tëschent de grouse politesche Parteien. Ech hoffen awer, datt déi Nuancen net dora bestinn, datt d'Gerichter herno schlussendlech fir d'Anhale vun den demokratesche Grondrechter musse suergen. Dat wär och schued!

Et ass net, fir sech opzereegen. Hei sinn zwou Säiten, déi ech an der gudder Laun elo net virlesen.

(Hilarité)

Ech wollt awer e puer Wuert soen zu der Positioun vun der sozialistescher Partei an och vun onsem Frënd vum ADR.

(Interruptions)

Si hunn alle béid déiselwecht Aussoe gemaach. Mir kënne mat der Rentereform am Privatsektor ufänken. Nom Sozialofbau am öffentliche Dénkscht proposéiert Dir zum Beispill erëm, déi al Sockelbetrag anzeféieren, ouni Relatioun zu der Héicht vun der Cotisatioun oder zu der Dauer vun der Cotisatioun. Dat ass eng sozial Ongerechtegkeet.

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Eng sozial Ongerechtegkeet?

M. Alexandre Krieps (DP).- Jo, jo. Mir kommen an deenen nächste Méint nach op deen Aspekt zrëck.

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Kommt, mir kommen direkt drop zrëck!

M. Alexandre Krieps (DP).- Neen, mir kommen do an engem ganz laangen Débat drop zrëck.

Den ADR huet en Deel vun der OGB-L-Plattform ofgeschriwwen: 7 % Erhéijung.

(Interruptions et coups de cloche de la Présidence)

Den Hummer war natierlech dem Här Gibéryen seng Ausso zu dësem Sujet. Well hien ass, wéi aner Riedner hei, impressionéiert duerch déi grouss Reserve vun de Pensiounsregimer am private Secteur, dat heescht vum absoluten Niveau vun der Reserve. Ech hunn hien net héiere vun der Réserve schwätzen Index 100, pro Aktiven, pro Retraitéierten oder am Verglach zu virun 10 Joer. Dat géif een och interesséieren, wann een dat kéint gewuer ginn.

Ech fäerte souguer, wann den Här Gibéryen esou stur u senger Haltung vun der 5/6-Fuerderung festhält, datt ee verschiddene kleng Rentner, haaptsächlech an der Alters- an Invaliderversécherung, Sue misst ewech huelen, well Verschiddener kréie momentan am semi-Net wäit iwwer 100 %. Also ech wär do ganz virsiichteg, Här Gibéryen.

(Interruptions)

M. Jacques-Yves Henckes (ADR).- Dir braucht nëmmen d'Tableauen ze kucken.

Mme Nelly Stein (CSV).- Wat sidd Dir esou nervös?

M. Alexandre Krieps (DP).- Jo, si sinn nervös. Mäin Tableau vun der Sécurité sociale weist déi. Ech si gewéinlech net esou nervös.

(Coups de cloche de la Présidence)

M. le Président.- Här Henckes, därft de Riedner weiderfueren?

M. Alexandre Krieps (DP).- Ech hätt léiwer den Här Gibéryen gesinn, sech fir déi gescheete Fraen oder fir déi kleng Witwepensiounen asetzen. Hei geet et glaskloer ëm e Versuch vun enger Ëmverdeelung iwwert d'Pensiounsreserven. Dat geet am Fong net. Ech mengen, wann d'Solidaritéit spille muss - a si muss a verschiddene Fäll spillen -, da géif ech dat wann ech gelift iwwert de Statsbudget regelen.

Ech hunn, Här Statsminister, vollt Vertrauen an lech an dësem Dossier an an de Sozialminister Carlo Wagner, fir datt Dir keng hallef gebake Mesuren an deem do Dossier ergräift.

M. Jeannot Krecké (LSAP).- An de Budgetsminister net? Well dee muss bezuelen!

M. Alexandre Krieps (DP).- Dat ass an der Rei. Dee weess dat och.

Wann Der wëllt, da soen ech awer och e puer Wuert zum Budget.

(Hilarité)

Ech kann dem Budgetsrapporteur Gusty Graas fir seng gutt Aarbecht an där vu senger Mataarbechter merci soen. Ech géif och mengen, datt et en zukunftsorientéierte Budget ass. Ech ginn zou, datt ech en net ganz gelies hunn. Ech hunn haaptsächlech dee vun de soziale Versécherungen a vun de Krankekeese gelies. Ech kommen dorop zrëck. Ech mengen awer, datt en d'Erzéiung an d'Ëmwelt ervirsträicht.

Wat elo de Budget vun der Santé ubelaangt, huet de Minister Carlo Wagner säi Wuert a säi Versprieche vis-à-vis vum Jean Huss a puncto Ëmweltmedezin gehalen. Do ass och e Budget vun zwou Milliounen dra komm. D'Preventivmedezin am Mammographieprogramm ass ausgedehnt ginn. Den Dépistage vum Daarmkriibs gëtt ageleet. D'Budgete fir déi Drogenofhängeg an d'Ënnerstëtzung vun hire Famillje sinn erweiert ginn. Mä do wëllt ech awer e puer Bemierkunge maachen.

Am leschte Rapport RELIS - de Réseau luxembourgeois de l'information sur les stupéfiants - steet, datt bei 12- bis 13-jäerege Kanner der méi wéi 40 % scho Schmäerzmëttele geholl hunn, datt am Prisong méi wéi 60 % vun de Prisongéier sech dopen an der dovun eréischt 30 % am Prisong ufänken. Et muss ee mol de Leit dobaussen erklären, wéi dat méiglech ass. Wäit méi wéi d'Halschent vun de 15- bis 16-jäerege Kanner ware schonn a Kontakt mat illiciten Drogen.

Aus dëse Fakten ergëtt sech, datt d'Preventioun an de Schoulen intensivéiert misst ginn. Déi Preventioun misst an déi spéit Jore vun der Primärschoul virverluegt ginn - dat ass mol doudsécher -, am Kader vun enger regelrechter Education sanitaire. Ech géif mer erwaarden, datt eis Spezialkommissiounen iwwert d'Stupéfiants an iwwert d'Jeunesse en détresse hei geschwé mat handfeste Propositione kommen.

D'Spideeler ginn heiansdo mat de Prisonge verglach. Ech géif mir och erwaarden, datt am Prisong net méi iwwer Meterkibb Beton geschwat gëtt oder iwwert d'Zort vun de Fënsteren, mä datt de Funktionement och do ënnert d'Lupp geholl gëtt. D'Education sanitaire misst ausgedehnt ginn op den Alkohol, op d'Fëmmen, op de Medikamentemëssbrauch an esou weider.

M. Camille Gira (DÉI GRÉNG).- Dir sidd e groussen Optimist.

M. Alexandre Krieps (DP).- Jo, ech sinn och en Optimist. Ech kommen herno dorop zrëck.

En aneren Aspekt vun der Gesondheetspolitik ass doudsécher och d'Wuelbefanne vun enger Rei

Matbierger, déi deene sougenannte Minoritéiten ugehéieren. Ech denken do speziell un eis Balkancommunitéit an un eis kapverdianesch Communautéit. Am Ausland gëtt an deene Minoritéitscommunitéite ganz vill Aarbecht geleescht, well Dir wësst alleguer, datt dës Leit ethnischen oder rassistesche Viruerteeler ausgesat sinn an déi op laang Sicht op Käschte vun deenen hirer psychescher Stabilitéit ginn.

Mir hu viru 14 Deeg vun enger schoulescher Integratioun geschwat. Mir missten och do vun enger medezinesch-psychologescher Integratioun schwätzen. Mir sinn hinnen dat schëlleg.

Zum leschte Punkt vun der Santé. Mir wëssen alleguer, datt den Trend vun de Fleegeberuffer ewech op d'Sozialberuffer geet. E klengen Artikel am Budget fir d'Publicitéitscampagnë fir d'Fleegeberuffer géif ganz gutt doen.

Beim Budget vun der sozialer Sécherheet muss een dem Minister Carlo Wagner och félicitéieren, well hien den Undeel vum Stat beim Bäitrag vun de Krankekeesen op engem héijen Niveau beleisst. Hien huet dat och schonn dës Joer gemaach, an d'nächst Joer mécht hien et och.

D'lescht Joer hunn ech hei op der Tribün zur selwechter Zäit de Funktionement an d'Zesummesetzung vun de Krankekeesegremie bemängelt, an dat ass natierlech eng Bemängelung, déi ech weider féieren. Ënner anerem hat ech deemools gefuerdert, datt nieft dem Patronat an de Gewerkschaftsvertrieder och aner Leit mat enger bewisener Kompetenz do geschalt misste ginn.

Ech gleewen och, datt verschiddener vu menge Beruffskolleegen an deene Gremie misste mat an d'Verantwortung gezu ginn - also net als Zaungast do setzen -, an dat ënnert enger Form, déi nach ze bestëmmen wär.

Wat de Funktionement vun der Assemblée vun de Krankekeesen ubelaangt, gesi mir jo all Kéier wann déi zesummekënnt, datt déi nach dem Blockdenken ënnerläit. Dat hu souguer an deem leschten Editorial vum Echo de l'Industrie d'Patronatsvertrieder festgestallt.

Also an den nächste Jore ginn d'Ufuerderungen un d'Kompetenz vun deene Krankekeesegremien éischter méi grouss wéi méi kleng. D'Krankekeesegremie géifen och besser dinn, fir offen ze schaffen, wat mir an der DP ëmmer Transparenz genannt hunn, wa si méi Distanz zur Politik hätten a vläicht direkt virum Patient responsabel wären.

Fir dem Här Gira seng Fro ze beäntwere vu mengem Optimismus: Ech gesinn net déi pessimistesche Approche vun der Lag vun de Krankekeesen. Et ass gesot ginn, et kéim eng Belaaschtung vun den eelere Populatiounen. Do ass eng Associatioun. Do ass keng Kausalitéit.

M. Camille Gira (DÉI GRÉNG).- Et war den Här Mehlen, deen deen Zwëscheruff gemaach hat.

M. Alexandre Kriepps (DP).- Dat ass egal. Ech huelen en och vum Här Mehlen un.

M. le Président.- Här Gira, loosst de Riedner schwätzen.

M. Alexandre Kriepps (DP).- Also, ech widderhuelen: D'Belaaschtung vun de Krankekeese vun der eelerer Populatioun ass eng Associatioun mam Alter an net eng Kausalitéit. D'Aféierung vun den neien Technologien, déi an der Uschafung deier sinn, spueren op laang Slicht Suen. En aneren Aspekt, wou een am Fong net oft drop ageet, sinn d'Uspréich an d'Erwaardungen vun onse Populatiounen.

Déi pessimistesche Approche ass bewise falsch, well se sech op net bewise Behauptungen an op politesch Analyse stäipt.

Ech ginn lech e Beispill. D'Patientevertriebung a.s.b.l. - dat ass jo eng Organisatioun - hunn ech nach net vill héiere Stellung huelen zu där Problematik. Si kréien e generéise Subsid vum Minister. Si kritiséieren seng Politik. Ech erënneren drun - an dat ass zum Deel eng Äntwert op dem Här Asselborn seng Ried vu virdrun -, datt déi Patientevertriebung am Juni 1995 als A.s.b.l. gegrënnt ginn ass.

Wéi 1996 d'Spidolslandschaft tëscht zwou Privatpersounen hei am Land opgedeelt ginn ass, hu mir se net héiere jâizen. Dir kënnt lech jo erënneren, wéi 1996 verschidde Servicer aus dem Centre hospitalier sollten ausgelagert ginn, wéi d'Chirurgie néo-natale an esou virun. Ech brauch net nach eng Kéier dorop zrëckzekommen. Ech denken, datt eise Gesondheitsminister gutt berode wär, fir déi gesetzlech Virschreften, wat den Aktivitéitsbericht an d'Bilane betrëfft, mol ze kontrolléieren.

Als Ofschloss soen ech, datt d'Generalsekretärin vun der Amiperas misst ganz zefridde sinn iwwert d'Expansioun vum Budget fir d'Fleegeversécherung. Mir sinn natierlech ganz op dee Bilan gespaant, well d'Mme Meyers huet hei schonn ugedeit, datt alles a Botter ass. Ech gleewen dat net esou.

Am Ausland ass scho laang festgestallt ginn, datt déi Hëllef doheim fir déi eeler Leit iwwer 20 Joer réckleefeg sinn an op d'Halschent erof ginn, well déi eeler Leit hautdesdaags vill méi gesond si wéi déi virun 20, 30 Joer, datt dee physischen Handicap bei deenen eelere Leit an deenen nächste 50 Joer ëm méi wéi dräimol reduzéiert an d'medezinesch Versuerung bei deene Leit vum iwwer 80 Joer all Dag, wou se liewen, nach méi bëlleeg gëtt. Dat ass total bewisen. Dat däreft zu Lëtzebuerg net anescht sinn, contrairement zu all deene Spiichten, déi een dorëmmer héiert.

Also, loosst lech net duerch e puer intellektuell Impressionisten ofschrecken, an ech schlësse mat där opti-

mistescher Note, datt mir vläicht a 50 Joer der Ofschaffung vun der Fleegeversécherung méi no kommen.

Merci villmools.

M. le Président.- Den nächste Riedner ass den Här Théo Stendebach.

M. Théo Stendebach (DP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt op dëser Plaz fir d'éischt dem Rapporteur, dem Här Gusty Graas, féliciteieren a merci soe fir deen excellente Rapport, deen hien eis an dësem Joer iwwert de Budget gemaach huet.

Et huet sech an der leschter Zäit bei de Bierger vun eisem Land e Gefill vun Onsécherheet breet gemaach. Schold doru sinn net zulescht déi rezent Iwwerfall op d'Geldtransporteren, wou déi Kriminell mat héchster Gewalt virgaange sinn. Wat ass geschitt an eisem Land? Ass et d'Schold vun den oppene Grenzen? Ass eis Police net équipéiert genuch, fir dëser neier Aart vu Kriminalitéit Meeschter ze ginn?

An deem Débat, deen de Moment an eiser Gesellschaft iwwert d'Sécherheet geféiert gëtt, mësche sech nieft deene Froen och vill subjektiv Ängschten an. Ech fannen et deemno immens wichteg, fir iwwert dës Problematik am Kontext vum Budget ze schwätzen, dee par définition mat objektiven, spréich monétaires Argumenter schafft.

Wéi kann also konkret d'Sécherheet an eisem Land verbessert ginn? En éischten Usaz, deen de Budget virgesäit, ass d'Police grand-ducale. Hei geet et drëm, déi néideg Moyenen zur Verfügung ze stellen, fir eis Policekräften ze verstärken, méi gezielt auszubilden a besser ze équipéieren. D'Kreditter vun der Police grand-ducale si fir d'Joer 2001 op 94.203.858 Euro ugesat. Mat deem substantielle Betrag sollen déi nei Strukture vum Fonctionnement vun der Police grand-ducale, déi duerch d'Gesetz vum 31. Mee 1999 iwwert d'Police an d'Inspection générale vun der Police ageféiert goufen, um Terrain ëmgesat ginn.

Ech brauch lech net drun ze erënneren, Dir Dammen an Dir Hären, dass dem Législateur bei deem Gesetz d'Iddi virgeschwieft huet, fir d'Police nach méi no un de Bierger ze bréngen. Et ass kloer, dass den Travail de proximité, eng Disponibilitéit 24 Stonnen op 24, an dat 7 Deeg an der Woch, nëmme mat deenen noutwendege finanzielle Moyenen erreecht ka ginn.

Et ass an dësem Kontext wichteg ervirzehiewen, dass um Niveau vum Budget d'Inspection de la Police vun der Police getrennt behandelt gëtt. Dës Trennung gouf agefouert, fir der Inspectioun hir Onofhängegkeet als Organe contrôleur vis-à-vis vun der Police ze garantéieren. Sou ass e Budget vun 126.080 Euro fir d'Fonctionnementskäschte vun der Inspectioun virgesinn. Donieft kënnt dann och nach e Budget vun 63.585 Euro fir d'Acquisitiounen dobäi.

Wéi ech et scho virdu gesot hunn, ass fir d'Joer 2001 e Kredit vu 94.203.858 Milliounen Euro fir d'Police grand-ducale virgesinn. No deene schreckleche Saachen, déi déi lescht Wochen hei zu Lëtzebuerg geschitt sinn, muss een alles ginn, fir d'Sécherheet vun de Polizisten ze verbesseren. Sou sollen z. B. d'Polizisten d'nächst Joer schosssecher Dieren an hir Dingschtautoen agebaut kréien.

Et ass och wichteg, neit, motivéiert Personal ze fannen. Sou sinn am Budget méi héich Kreditter fir d'Publicitéit virgesinn, déi de Recrutement vum Personal sollen erméiglechen. D'Formation vum eise Poliziste gëtt méi gefuerdert, a sou ginn d'Frais de stage am Ausland, d'Käschte vun de Couren an déi dorun unhänglech Dépensé mat engem Kredit vu 410.000 Euro opgestockt.

An deem Kader ass ze ënnersträichen, dass nieft enger Augmentatioun vum Personal virun allem d'Bereetstellung vu richtigem Material an Équipement wichteg ass. Sou gi Kreditter vun 2,1 Millioun Euro fir d'Acquisitioun vu Ween an aneren Interventionséquipermenter proposéiert. Des Weidere ginn d'Équipements spéciaux mat engem Kredit vu 726.080 Euro ugesat.

D'Événementen vun deene leschte Wochen hunn eis gewisen, dass et a puncto Sécherheet an deem Land net méi zum Beschte steet. D'Iwwerfall op d'Convoyeurs waren do dat lescht trauregt Beispill. Mir müssen eis bewusst ginn, dass et och hei, a besonnesch op enger Bankeplaz wéi zu Lëtzebuerg, zu brutalen Iwwerfall komme kann. Et ass an där Hinsicht natierlech wichteg, fir an deem Domaine sou wäit wéi méiglech préventiv ze schaffen. Wéi kënne mir dat maachen? Mir mussen méi Leit op den Terrain schécken, se besser forméieren an équipéieren. Eis Poliziste müssen och an där Hinsicht mam Fortschritt liewen, well d'Gangstere gräifen och ëmmer méi zu moderne Waffen.

Mä leider geet d'Préventioun net ëmmer duer, an da müssen d'Poliziste sou gutt wéi méiglech drop virbereet sinn, fir a Krisensituatiounen kënne richtig ze reagéieren. Och an där Hinsicht ass d'Formation an den Équipement hei dat Wichtigst. De Budget gesäit jo virun allem, wat d'Acquisitioun vu speziellem Équipement ugeet, eng substanzuell Hausse vir.

Am Kader vun de Mesuren, déi virgesi ginn, fir de Convoyeurs eng méi sécher Situatioun ze bidden, ass eng verstärkt Polizeipräsenz virgesinn. Sou solle bei den Ausfahrten, respektiv den Afahrten vun de Sécherheitsfirmaen an de Grandes surfaces méi Poliziste sinn. Des Weidere ass och eng Kontroll aus der Loft noutwendeg, wou och Lëtzebuerger Beamten drun deelhuelen. Dës Mesurë bréngen et natierlech mat sech, dass méi Personal bei der Police gebraucht gëtt an och nach weidert Équipement gefuerdert ass.

Ech sinn elo méi am Detail op d'Mesurë fir d'Verbesserung vun der Sécherheet zu Lëtzebuerg agaangen, déi

am Budget virgesi sinn. Ech wëll awer och ënnersträichen, Dir Dammen an Dir Hären, dass et net duer geet, d'Police ze verstärken. D'Sécherheet muss och do verbessert ginn, wou d'Proximitéit zum Bierger am gréissten ass, d.h. op Gemengeplang. De Koalitiounsaccord vum August 1999 gesäit vir, dass d'Buergermeeschteren d'Moyene kréien, fir hire Pouvoir de police kënne ze erfëllen. An deem Sënn soll de Statut vun den Agents municipaux reforméiert ginn, fir dass si kënne d'Respektéiere vun de Gemengereglementer kontrolléieren.

Och d'Buergermeeschtere mussen kucken, dass hir Gemengen- a Polizeireglementer exekutéiert ginn. Ech wëll an deem Kader elo keng eegestänneg an individuell Police fir d'Gemenge fuerderen. Ech mengen just, dass mir d'Agents municipaux kënne als e Complément vun eiser Police asetzen.

Dës Aarbechten, déi si géife maachen, si sou variéiert wéi méiglech. Si hunn a mengen Aen awer virun allem de Mérite, dass mir da Leit kënne asetzen, déi kënne op der Strooss Presenz weisen. Mir müssen der Lëtzebuerger Populatioun ëm e Gefill vu Sécherheet vermëttelen. Leider si mir haut an der Situatioun, wou déi eenzeg Méiglechkeet, fir dat Gefill erëm ze schafen, duerch eng verstärkt Presenz vu Kontrollen op eise Stroosse gemaach muss ginn.

Ech hunn an der Aleedung vu menger Ried schonn drop higewisen, dass et immens wichteg ass, dass mir en objektiven a konkreten Débat iwwert d'Sécherheet féieren an eis net vun diffusen Ängshten guidéieren loossen. De Budget fir d'Joer 2001 gesäit dat an deem Domaine jo och vir. Sou si Moyene virgesinn, déi et sollen erméiglechen, datt méi Leit rekrutéiert ginn an dat richtegt Materiel disponibel ass, fir dass mir eng Police vum Terrain an no beim Bierger kréien. Et ass a mengen Aen an engem komplette Konzept fir méi Sécherheet och wichteg, dass de Buergermeeschter erëm Polizeikompetenze kritt, well hie jo och deen ass, dee fir d'Sécherheet a senger Gemeng zoustänneg ass.

Ech soen lech merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Nächste Riedner ass den Här Niki Bettendorf.

M. Niki Bettendorf (DP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech brauch dem Rapporteur Gusty Graas net méi merci ze soe fir säin ausféierlechen a flotte mëndlechen a schrëftlechen Rapport. Dat ass de Moien an de Mëtte schonn öfters gemaach ginn. Ech kommen awer net dolaanscht, fir ze soen, dass et wierklech erstaunlech ass - den Här Gibéryen ass elo leider net hei, soss hätt ech him et gär riicht an d'Gesicht gesot -, dass hie sou iwwert dee Rapport hiergefall ass, ouni dass hie mol déi éischt Zeil dovu

gelies hat. Dat ass wierklech erstaunlech a verdingt, hei erwähnt ze ginn!

Une voix.- Hie war gefrot ginn, ...

(Interruptions)

M. Niki Bettendorf (DP).- De Rapporteur huet sech un Hand vu senge mëndlechen Ausféierungen och Gedanke gemaach iwwert déi laangfristeg Entwécklung vu Lëtzebuerg a senger Gesellschaft. De Rapporteur huet Reflexiounen gemaach a „pistes de réflexions“ opgezeechent, déi et derwäert sinn, fir a breet ugeluegten Diskussiounen verdéift ze ginn, well et wichteg ass, dass a ville Beräicher Léisunge fonnt an nei Weeër beschratt ginn, fir dass eist Land och an Zukunft iwwer en zolidd Fundament verfügt, wourop eis Nofolger och kënnen opbauen.

Zu dësem Fundament gehéieren d'Santé an d'Sécurité sociale, zwéi Kapiteln, op déi ech haut wëll kuerz agoen, wou ech och op d'Interventiounen vu menge Fraktiounskollege Marco Schroell an Alexandre Krieps, déi viru mer geschwat hunn, wëll verweisen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ier ech op d'Santé ze schwätze kommen, fannen ech et wichteg, eng méi generell Remarque ze maachen iwwert de Budget. Déi Richtung, an déi d'Politik an dësem Beräich évoluëiere soll, ass kloer am Koalitionsaccord virgesinn, an dëst fënnt dann och säin Nidderschlag am Haushalt fir d'nächst Joer.

Ech wëll drop opmierksam maachen, wéi d'Dépenses globales fir d'Joer 2001 par rapport zum Joer 2000 uwuessen, fir kloer d'Efforten, déi an der Santé gemaach ginn, ze ënnersträichen. D'global Dépense klammen also fir 2001 an Héicht vun engem Taux vun 11,55 %, an et soll een dës Chiffer, déi 11,55 %, ëmmer virun Aen hunn, wann ech elo déi verschidden Tauxe vun eenzelne Budgetskreditte aus dem Santéministère erwähnen.

Ier ech elo op déi eenzel Budgetsposten aus dem Ministère agoe wëllt, muss ech de Minister wierklech mol eng Kéier an dat richtegt Licht setzen. Hie war an der leschter Zäit d'Zilscheif vu villen ongerechten an onberechtegte Kriticken. Net nëmmen hat hien et schwéier, wéi hien d'lescht Joer säin Amt ugetratt, a sengem Ministère e grouse Koup Schierbele virfonnt huet an dofir a ville Beräicher grouss Efforten huet misse maachen, fir d'Schubkar erëm aus dem Dreck eraus ze zéien, an déi seng Virgänger ...

Une voix.- Oh!

M. Niki Bettendorf (DP).- ...se eramanövréiert haten.

Des Weidere gëtt de Minister regelméisseg mat Wënsch, Fuerderungen, Gejälz a regelrechten Drohung vu Generalstreik asw. konfrontéiert, déi ganz oft awer eng fundéiert an objektiv Sachkenntnis vermësse loosse. Ech wëll de Minister luewe fir déi

Rou, déi hien trotz all deem Gedäisch ronderëm hien ëmmer erëm un den Dag leet, an ech wëll de Minister luewe fir seng Konsequenz, mat där hien déi am Koalitionsaccord festgehalen Richtungsentscheedungen ëmsetze wëll. Ech verstinn, dass politesch Géigner sech Zilscheiwen eraussichen, mä dës politesch Géigner wäerten nach mierken, dass se sech op dat falscht Zil ageschoss hunn!

Här President, wann ech d'Budgetskapitel iwwert de Santéministère kucken, da kommen ech net dolaanscht, fir ganz objektiv folgend positiv Evolutive an Décisionen ze bemierken.

Do ass éischtens de Kredit „frais d'audit du Laboratoire national de Santé“, wou iwwer 148.000 Euro fir en Audit virgesi ginn. Effektiv ass et wichteg, fir mol eng Kéier genauestens ze analyséieren, wéi de Laboratoire national de Santé intern fonctionnéiert, wat do net fonctionnéiert, wat falsch leeft a wat besser ka fonctionnéieren. Et ass wichteg, fir genoe iwwert dës Punkten informéiert ze ginn, ier een un eng Réforme interne vum LNS erugeet.

Ech denken zum Beispill un déi vill Mësstänn, déi do am interne Fonctionnement wieren, wéi de Virwurf, deen den aktuellen Direkter betrëfft, dee parallel zu sengem Direkterposten och nach Chef de service wier vun zwou Divisiounen, wat zu grouse Problemer géeng féieren.

Dann ass et och wichteg a richtig, datt dësen Audit och eng Analyse financière vun de leschten Exercicen zum Objet huet, well et ass eis jo nach an Erënnung, a wéi een onrühmlechen Zesammenhank den LNS mat dem berüchtegten Dysfonctionnementsskandal vum Santéministère 1997 bruecht gi war.

Zweetens, wann am Projet iwwert den neie Plan hospitalier virgesinn ass, datt en neie Service national de médecine à l'environnement geschafe ka ginn, da läit de Posten iwwert d'Organisation de cours de formation en médecine de l'environnement do voll an der Linn.

An dësem Poste sinn iwwert 49.000 Euro virgesinn, wat enger Steigerung vun 300 % par rapport zum Joer 2000 entsprécht. All interesséierte Mediziner kann iwwert dës Wee eng spezialiséiert Formatioun an der Médecine de l'environnement suivéieren.

An dësem Zesammenhank erwähnen ech och d'Formation continue an der Sportsmedizin, wou virun engem Mount en entsprechen Diplom un ongeféier 35 Mediziner iwwerreecht ginn ass, déi eng Weiterbildung an der Sportsmedizin suivéiert haten. Ech wëll menger Hoffnung Ausdrock ginn, datt d'Weiterbildung an der Umweltmedizin en ähnlech positiven Echo fanne wäert.

Drëttens weist de Poste vum Service médical d'urgence et de garde, service de permanence et de garde des hôpitaux eng Steigerung vu 15 % par rapport zu 2000

op. D'Organisatioun vum SAMU néonatal gëtt hei viséiert.

Véiertens, wann am Koalitiounsaccord der Formation continue vun de Mediziner eng wichteg Roll zouerkannt gëtt, da spigelt de Budget d'Efforten erëm, déi an deem Beräich ënnerholl ginn. Esou klëmmt de Poste „subsidés dans l'intérêt de la formation du personnel des professions de santé“ par rapport zu 2000 ëm 120 % op den Niveau vun 44.620 Euro.

D'Formation continue ass eng vun de Prioritéite vun der aktueller Santéspolitik an un Hand vun deem Poste ginn ënner anerem staark gestëtzt:

- d'qualité de soins dans l'exercice des professions de santé
- d'hygiène hospitalière
- d'Formatioun vun der Aide-soignante
- d'Formatioun um Niveau supérieur.

An deem Kontext wëll ech dann och op d'Wichtegkeet vun der Organisatioun vun engem „troisième cycle de médecine générale“ hei zu Lëtzebuerg hiweisen. Vlächtt kann eis den Här Minister informéieren, wéi wäit d'Verhandlungen an d'Planifikatioun an deem Punkt ukomm sinn?

D'Médecine préventive ass eng Prioritéit vun der aktueller Santéspolitik a gëtt deementspreechend och am Regierungsprogramm ervirgehuewen. Am Statsbudget spiert een direkt bei zwee Kreditposten de Wëlle vum Minister, an deem Beräich den Asaz ze verstärken.

Do ass zum Beispill de Poste „prophylaxie et traitement des maladies sociales et d'autres affections (service de l'éducation pour la santé); frais de sensibilisation et d'information“, dee par rapport zum Joer 2000 ëm 25 % klëmmt a sech elo op 456.000 Euro chiffriert. Viséiert sinn hei ënner anerem d'Hygiène bucco-dentaire, den Tabagisme, de Cancer colorectal, de Kampf géint de SIDA, an esou weider.

Weider muss een de Budgetsartikel „programme de dépistage du cancer; frais d'organisation et d'évaluation d'un programme de dépistage du sein par mammographie“ erwähnen, deem ëm 14,5 % op de Chiffer vun 197.348 Euro klëmmt. D'Zilgrupp vum Mammographieprogramm gëtt d'nächst Joer op d'Altersgrupp vun de 65- bis 69-jäerege Fraen erweidert, wat ganz luewenswäert ass.

A wa mir vu Präventioun schwätzen, da musse mir leider feststellen, datt an deem Kapitel säit 1992, dem Joer vum Krankekeesegesetz, net allzevill geschitt ass. Ausser dem wichtege Programm vun der Mammographie si weider net vill Initiativ geholl ginn. Dat gëtt Gott sei Dank elo anescht. Hei huet de Gesondheits- a Sozialminister nei Initiativen a Programmer an Aussicht gestallt, déi hien zesumme mat der UCM op d'Bee stelle wëllt, a wou dës Budgetposten en

éischten Ausdrock vun deem Wëlle sinn. Dat ass zum Beispill d'Détection précoce vum Déckdaarmkriibs. Aner ähnlech gelagert Programmer ginn zum Beispill bei de gesondheetleche Problemer vun der Prostate envisagéiert. Des Weidere gëtt och als Präventioun envisagéiert, d'Vaccinatioun géint d'Gripp zesumme mat de Krankekeesen an dem Gesondheitsministère ze realiséieren.

Sechstens: Wann den Artikel „participation aux frais d'associations conventionnées œuvrant dans divers domaines de l'action socio-thérapeutique“ eng Steigerung vum Kredit vun 38,1 % virgesäit, dann ass dëst, well de Ministère virhuet, mat der Association luxembourgeoise du Diabète eng Konventioun ze ënnerschreiwen, wéi dëst schonns mat aneren Associatiounen de Fall ass

Siwents: Eng aner Prioritéit läit an der Lutte géint d'Toxicomanie a virun allem am Asaz um Terrain, fir dem Drogenofhängegen ze hëllefen, wou hien am meeschten Hëllef brauch. An deem Sënn muss een d'Artikele „Participation aux frais de fonctionnement de services d'accompagnement psychologique et d'encadrement social“ a „Subsidés divers à des associations œuvrant en matière d'action socio-thérapeutique“ erwähnen, déi ëm 30,5 %, respektiv ëm 117 % eropklammen.

An deem Punkt wëll ech och dat neit Drogegesetz ernimmen, wat an der Commission spéciale „stupéfiants“ an Ausaarbechtung ass, a wou no laange Viraarbechten endlech favorabel Avië vum Conseil d'Etat virleien zu engem kohärenten Text, wéi mir mengen, esou datt dëst Gesetz kann um Ufank vum nächste Joer, Februar, Mäerz, an der Chamber débatéiert a gestëmmt ginn.

An aachtens kommen ech nach mat e puer Wieder op d'Travaux sanitaires et cliniques ze schwätzen, wou ebenfalls folgend Kreditter eng sensibel Steigerung opweisen:

Do geet d'Participation aux frais de construction, d'aménagement, de modernisation et d'équipement de centres de diagnostique et de traitement ëm 78 % erop. Dësen Effort kënnt der Aidsberodung vun der Croix-Rouge zegutt. Mat der Kreatioun vum Foyer Henri Dunant gëtt endlech eng entspreechend Struktur fir eng Durée de séjour moyenne vun de Patiente geschafen.

De Poste „application de la législation régissant l'aide à l'investissement dans l'intérêt de l'aménagement de foyers, ateliers et autres structures thérapeutiques de psychiatrie décentralisée; participation aux frais d'investissement“ geet ëm 38 % an d'Luucht. De Programme pluriannuel d'investissement pour la psychiatrie extrahospitalière gëtt mat dëser Mesure weider ëmgesat.

A finalement klëmmt d'Dotatioun vum Budgetsartikel vun der Alimentation du fonds spécial d'investissements hospitaliers ëm 17,6 %.

Dir gesitt also, nodeem ech déi Punkten hei opgezielt hunn, wéi wichteg dass et der Regierung war an dem Santésminister, fir déi eenzel Postë substantiell ze héije par rapport zu dem geplangten totalen initiale Wuesstum vun nëmme 11 %.

Nodeem ech elo de Budget vum Santésministère e bëssche méi genee ënnert d'Lupp geholl hunn, wëll ech nach e puer Wieder iwwert de Ministère vun der Sécurité sociale verléieren. Ech wëllt awer elo net weider op déi fortwährend Debatten iwwert d'Kranke-keesen an iwwert d'Pensiounsproblematik agoen, well ech mengen, datt engersäits heizou schonns e groussen Deel gesot ginn ass, a verschidde Käpp souwéiso zou si fir objektiv Argumenter, an anerersäits wäerte mir nach genuch Geleeënheet kréien, fir op déi eng a virun allem op déi aner - ech viséieren hei d'Pensiounsfro -, nees zréckzekommen.

Ech wëll just erwähnen, datt d'Contributioun vum Stat am Finanzement vun de Krankekeesen d'nächst Joer ëm 10,85 % wäert eropgoen, fir den Niveau vun iwwer 431 Milliounen Euro ze erreechen.

D'Bedelegung vum Stat am Finanzement vun de Pensiounen klëmmt d'nächst Joer ëm 12,70 % par rapport zu 2000 an erreecht de Rekordniveau vu 686 Milliounen Euro. Zu dësem Sujet stinn an dem betreffende Kapitel aus dem Budgetsrapport ganz interessant Reflexiounen a ginn hei, menger Meenung no, déi richteg Froen opgeworf. Effektiv soll een hei nach d'Etüd vum B.I.T. ofwaarden, ier ee mat de Knëppelen op d'Tromm schléit a verantwortungslos vis-à-vis vun der jonker Generatioun, rücksechtslos Fuerderungen an d'Welt erausposaunt. Mir kréien nach Zäit, fir doriwwer am Detail hei an der Chamber ze diskutieren.

Erlaabt mer nach just e puer Wieder zu der Assurance dépendance ze soen. D'Mme Meyers-Frank huet schonn doriwwer geschwat. Den Här Alexandre Krieps huet se och ugesprach. Ech mengen awer, et ass un der Zäit fir emol erëm eng Kéier d'Auer richteg ze riichten.

Wann an engem réffegen Zeitungsartikel dem Sozialminister versicht gëtt e Stréck ze dréien, well vun August 1999 bis den Dezember 2000 vun 977 Demandes d'admission an e Fleegeheim, nëmme 494 Leit eng Plaz zougewise konnt ginn, während 275 Leit nach ëmmer op der sougenannter Liste d'attente stinn, an an dësem Zäitraum der 72 gestuerwe sinn, ouni datt si eng Plaz an engem Heim zougewise kritt hunn, dann ass dat net nëmme onfair, mä dann ass dat och e kloert Zeechen, datt een net wäit recherchéiert huet oder einfach d'Wourecht ignoréiere wëllt.

ler een hei virschnell der heiteger Regierung Virwërf mécht an an d'Welt setzt, datt déi zoustänneg Ministeren hei géingen op der ganzer Linn versoen, da fuerderen ech déi Leit op, dach emol an déi no Vergaangenheet ze kucken.

(Interruption)

Genee den 31. Mäerz 1999, Här Lux, ass déi sozialistesche Ministerin an engem Bilan intermédiaire vun der Applikatioun vum Gesetz iwwert d'Fleegeversécherung vun nëmme 5.700 Fleegefall ausgaangen, déi eng Demande un d'Cellule d'évaluation agereecht hunn. Dozou folgend Zitat aus dësem Bilan: „On peut admettre, au vu du ralentissement de l'arrivée de nouvelles demandes, que du moins en ce qui concerne les personnes âgées, l'ordre de grandeur des demandeurs semble atteint; que par conséquent les 5.700 demandes constituent l'essentiel de la demande actuelle.“

Bemierkenswäert ass awer, datt an der parlamentarescher Debatt iwwert de Bilan intermédiaire vum 28. Abrëll 1999 déi deemoleg Majoritéitsparteien eng Virahnung haten, datt et mat dem Personal vun der Cellule d'évaluation kéint e bësschen enk ginn, fir déi Aarbecht kënnen ze assuméieren, mat där si konfrontéiert waren. Entsprechend ass dann och eng Motioun an der Chamber deposéiert an ugehall ginn, déi d'Regierung invitéiert huet, fir de Personalkader vun der Cellule an d'Luucht ze setzen.

Da fuere mer an der Zäit viru bis den Dezember 2000 a mussen erkennen, datt all Estimatiounen an all chiffrierten Effort vun der virechter Regierung bei wäitem iwwerschratt gi sinn, an datt d'Realitéit um Terrain eng aner ass wéi déi, déi si an hire Virstellung sech zesummegeraimt haten.

Esou war d'Cellule d'évaluation bis den 31. August vun dësem Joer mat 12.081 Demandé befaasst. Dës Zuel läit also wäit iwwert all Schätzung, déi an de Jore virdru vun der deemoleger Sozialministerin gemaach gi war, an et ass kloer, datt d'Cellule d'évaluation, déi net fir esou eng grouss Quantitéit vun Demanden ageriicht war, hei net méi mat der Aarbecht nokomme konnt. Den neie Sozialminister huet eng drëtt an eng véiert Equipe multidisciplinaire op d'Bee gestallt, an trotzdem konnte bis den 31. August 2000 iwwert 4.000 Demanden net traitéiert ginn.

(Interruption)

Mme Delvaux-Stehres, Dir hutt versicht mech elo heiansdo ze ënnerbriechen.

Ech hunn lech öfters gesot, dass Der d'Päerd falsch opgesuedelt hutt. Dir hutt hannen ugefaangen amplatz vir. Dir hutt et fäerdegruecht, fir d'alleréisch Leit, déi an den Heimer gutt ënnerbruecht waren, ze évaluéieren, an déi Leit, déi dobausse waren an déi Hëllef gebraucht hunn, si vill ze spéit évaluéiert ginn. Wann Der den ëmgedréite Wee gefuer wäert, wéi ech

lech dat öfters gesot hunn, da wier et net esou wäit komm wéi mer haut sinn.

M. le Président.- Här Bettendorf, erlaabt Der, dass d'Mme Delvaux lech eng Fro stellt?

(Assentiment)

Mme Mady Delvaux-Stehres (LSAP).- Vu dass den Här Bettendorf sech perséinlech u mech adresséiert huet, wollt ech hei just kloerstellen, dass, wann dat alles falsch war, een dat virdu sécher net konnt esou kloer erausfannen, dass ech genau sechs Méint zoustänneg war fir d'Mise en vigueur vun deem Gesetz, dass ech säithier leider net méi dofir zoustänneg sinn an also och déi Verantwortung net kann iwwerhuele fir dat, wat duerno geschitt ass, a wann déi Prioritéite falsch waren, dann hat déi jëtzeg Regierung jo schonn 1 Joer Zäit, fir déi ze änneren, mä ech hunn dovunner awer nach näischt festgestallt.

M. Niki Bettendorf (DP).- Här President, ech muss mech dann hei awer eng Kéier selwer zitéieren. Ech hunn hei op der Chambertribün gesot: „Mir müssen dovun ausgoen, datt mir et mindestens mat 11.500 Fleegefall ze dinn hunn“. Dat hunn ech de 26. Mee 1998 hei op der Tribün gesot.

Ech hunn och gesot: „Ech si ganz fest dovun iwwerzeegt, datt d'Zuel vun de Fleegebedürftege bei wäitem ënnerschat ginn ass“. Dat war den 28. Abrëll 1999.

Ech muss lech soen, dass ech net houfreg driwwer sinn, dass ech Recht behalen hunn, mä et ass awer esou, a leider Gottes si mer dann haut mat deene Fäll befaasst, déi mer kennen, wou mer net nokommen. A wann Der deemools op eis gelauschtert hätt, wéi ech lech déi Zuel vun 11.500 Leit genannt hunn, da wiere mer net esou wäit komm, wéi mer haut sinn.

Et ka mir also haut dach keen erklären, datt kee gewosst hätt, a wéi eng Richtung den Zuch vun der Fleegeversécherung géif fueren.

Et ka kee mir, der DP an dem Sozialminister virwerfen, hien hätt net gewosst, wat op eis géif duerkommen. Déi Eenzeg, déi dat deemools net wësse wollten, sinn déiselwecht, déi sech haut am meeschten driwwer opreegen an an engem pauschal Uerteel dem Minister an der Regierung d'Schold zouweise fir en Desaster, dee si selwer veruersaacht hunn.

Här President, ech mengen, dass diesen Dossier vill ze eescht ass, fir hei pauschal een deem anere Virwërf ze maachen. Et soll een net mat Steng geheien, wann ee selwer am Glashaus sëtzt, an et soll ee sech an enger roueger, sachlecher Atmosphär zesummesetzen, fir an deem Domän déi Schrëtt ze ënnerhuelen, déi dobaussen de betroffene Leit virun hëllefen.

Dës ass en Opruff un d'Oppositoun. Et ass och en Opruff un eis selwer, fir mat Verantwortung an dem néidegen Eescht un diesen Dossier, wéi och un déi aner Froen, déi sech eis an der Sozialpolitik stellen,

erunzegoen an déi richteg Äntwerten ze fannen, fir datt mer eise Kanner mat engem gudde Gewëssen e Land an eng Gesellschaft hannerloossen, wou d'Liewen nach liewenswäert ass. Mir däerfen hinne kee Land iwwerloossen, wou d'Problemer méi grouss si wéi haut, well mer haut déi falsch Prioritéite gesat an déi falsch Entscheidungen eventuell geholl hätten.

Ech soen lech merci fir d'Nolauschteren.

M. le Président.- Déi nächst Riednerin ass d'Mme Agny Durdu.

Mme Agny Durdu (DP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Och ech wëllt a menger Interventioun dem Rapporteur Gusty Graas félicitéiere fir säin ausféierlechen a prezise Rapport, sougutt dee schrëftleche wéi dee mëndlechen. Hien huet effektiv en Exercice gemaach an e puer Pistes de réflexion opgezeechent, déi et elo gëllt, an enger breeder Diskussioun ze verdéiwen an déi Léisungen, wou mer mengen, dass se am beschte si fir eist Land, ze fannen.

A menger Interventioun wollt ech e spezifesch Kapitel méi genau analyséieren, an zwar d'Landwirtschaft. Wa mer nämlech vun nohalteger Entwécklung schwätzen, da gëtt et en Acteur, deen dës Problematik beschstens kennt, sech mat hir ewell längst ausernee gesat huet, meeschtens ewell generatiounelaang, souguer ouni dass en et sech regelrecht bewosst war. Et ass de Bauer an d'Roll vun der Landwirtschaft an eiser Gesellschaft. Sécherlech, däsers sinn ech mer bewosst: Dës Thema rappt kee Mënsch méi esou richteg vum Hocker, wéi een dat an engem méi large Sënn seet. Et gëtt vill Leit hei am Land an och an deem Haus, déi bei deem Thema d'Oueren zoumaachen a sech soen, wat hu mir dann nach mat där Landwirtschaft do ze dinn.

Abee, ech soen lech eent: Mir hu ganz vill mat hir ze dinn, well all Dag, op d'mannst dräimol, solle mer u si denken, wa mer beim Dësch setzen an iessen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wa mer also elo vun der Landwirtschaft schwätzen, da gëtt et grosso modo zwou Tonalitéiten. Et gëtt eng fatalisteschen Stëmm, eng Stëmm, déi nëmme souert, warnt an no Hëllef rëfft. Dës Stëmm gëtt natierlech bestätegt duerch alarmant Zuelen, déi am Avis vun der Chambre d'Agriculture festgehale gi sinn, en Avis, deen iwwregens excellent ass a wou ech jidderengem d'Lection dovunner recommandéieren.

Ee Problem, deem mer begéinen, ass de Revenu vum Bauer, dee regelméisseg a konstant erofgeet. D'Chambre d'Agriculture ëmräisst et folgendermoossen: „La distorsion entre le revenu agricole et le revenu moyen au Luxembourg va sans cesse en s'agrandissant“.

D'Grënn hefir si villfältig.

1. D'Produktiounskäschte steigen. Ech brauch jo wuel net ze soen, dass, wann dann och nach d'Waasser- an Energiepräisser an d'Luucht ginn, dëst d'Problematik net vereinfacht.

2. Den allgemengen Trend vum Konsument, deen engersäits nom Präis vum Produkt kuckt, dat e keeft, an op där anerer Säit awer och schrecklech virsiichteg a mësstrauesch ass, soubal esou Krisen erauskomme wéi déi vun de geckege Kéi oder aner Skandalen, wat och ze verstoen ass.

3. Eng generell défavorabel Evolutioun vun de Präisser um nationalen, europäeschen an internationale Marché. An deem Kontext muss ech dann och d'Präisreduktiounen erwähnen, déi am Kader vum Agenda 2000 décidéiert gi sinn, mam Objektiv, d'Europäesch Unioun op d'Erweiterung vun den ost- a mëtteleuropäesche Länner virzebereeden. Esou ass am Beräich vun de Céréalen eng Reduktioun vu 15 % ze verzechnen, am Beräich vum Rëndfleesch eng vun 20 % a bei der Mëlch eng vu 15 %.

Och wa mer probéieren, diesen Ausfall duerch direkt Bähëllef auszegläichen, wësse mer awer, dass dëst ni kann 100 %eg gemaach ginn.

Den zweete Grond, firwat déi negativ Stëmme an deem Beräich Iwwerhand huelen, ass, dass dee gréissten Deel vum Revenu agricole aus Subventiounen a Bähëllef besteet.

Esou läit fir 1998 den Undeel vu staatlechen an europäesche Bähëllef um landwirtschaftlechen Akomes bei 70 %. An anere Wieder heescht dat näischt anescht, wéi datt de Bauer haut net méi vu senger Aarbecht a vu senge Produkter leeft, déi hie verkeeft, mä dass hien ofhänkt vun de staatleche Subsidien, also vum politesche Wëllen. Dat ass keng flott Situatioun, fir keen, an och net fir de Bauer.

En drëtt Argument ass, dass allgemeng bedauert gëtt, dass d'Zuel vun den aktive Bauere Joer fir Joer erofgeet. D'Chambre d'Agriculture huet besonnesch een Trend ervirgestrach, deen ech och wëilt hei ernimmen. Dat ass, dass op Basis vun enger Enquête vum Statec erauskomm ass, dass bei deene Bauere, déi méi wéi 54 Joer al sinn, d'Nofolleg bei nëmme 15 % vun hinnen assuréiert ass.

An dach, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, sinn trotz diesen negativen Émstänn Hoffnungen do, déi mech ënnerstëtzen a menger positiver Astellung par rapport zum Bauer an zur Landwirtschaft. Dir froet mech elo bestëmmt: Ob wat baséiert Der dann Ären Optimismus?

1. Den Initiativgeescht vun deene Jonken an deene Leit, déi si encadréieren.

Wéi mer virun e puer Joer mat der Agrarkommissioun op Ettelbréck an den LTA kucke waren, war ech beandrockt vum Geescht a vun der Initiativ vun dese

Proffen. Ech si mat der Iwwerzeegung heem gaangen - an dat trotz der Infrastruktur, déi net blendend ass -, dass dës Schoul leeft an also och eng nei Chance fir de Milieu besteet.

Aus deem Grond sinn ech duebel frou, dass Décisiounen a puncto Gebai gefall sinn an dass och den néidege politesche Wëllen do ass, fir dës Gebailechkeeten ëmzeänneren.

Et war mer eigentlech ni fir de Contenu baang, deen an dëser Schoul matgedeelt gouf, an ech sinn et ëmsou manner, well déi jonk Leit aus dem Milieu selwer sech fir eng gutt Ausbildung asetzen. Ech denken do un de President vun de Jongbauere an Jongwënzer, deen un d'Press gaangen ass mat senge Fuerderungen a puncto Ausbildung. Ech hu mer soe gelooss, dass en doropshin eng Entrevue mat der Mme Brasseur hat, wou iwwert déi spezifesche Ausrichtungen an der Agrarausbildung geschwat ginn ass. Ech ka mech iwwert diesen Dialog nëmme freeën.

(Interruption)

„Life-long learning“ ass en Thema, och fir d'Bauere.

2. D'Initiativ vu Bauerenassociatiounen, déi sech net scheien, déi beschten Expären ze sichen a se dann och definitiv festzeneelen, a sech och net scheien un Unien erunzetrieden, mat hinnen ze schaffen an esou en Ausgläich tëschent Economie, Ekologie an de Produktiounsnécessitéite vum Bauer ze fannen.

Ech denken do konkret un d'Lëtzebuerger Setzgromperegossenschaft, mä och un d'Lëtzebuerger Saabaugenossenschaft, déi ouni vill Zauber an Zodi eng ganz seriös a qualitativ héichwäerteg Aarbecht leeschten. An deem Kontext wëllt ech dann och soen, dass déi Produiten, déi hei produzéiert ginn, Ofsaz fannen. Momentan gi se haaptsächlech iwwert de Ministère de la Coopération an Afrika, mä awer och an Ex-Jugoslawien. A wann et sécherlech gëllt, an enger éischter Phas an dese Länner humanitäre Besoine Satisfactioun ze ginn, esou sinn ech dovun iwwerzeegt, dass mer an deem engen oder anere Land an Zukunft vläicht en Handelspartner kënnen fannen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Doriwwer eraus sinn ech der Meenung, wann een de ganzen Asaz gesäit, deen an deem Milieu besteet, dass och d'Politik hire Beitrag muss leeschten, fir dem Baueremilieu déi Chance, déi e verdéngt, och ze ginn. Dat neit Agrargesetz, dat hoffentlech an deem nächste Joer séierméiglechst kënnt, wat de Landwirtschaftsminister eis versprach huet, soll diesen Exigence Rechnung droen.

Sou sinn am Plan de développement rural vill Mesurë virgesinn, déi an dat neit Agrargesetz afléisse sollen. De Minister huet eis gesot, dass déi europäesch Kommissioun hiren Aval ginn huet, sou dass an dëser Hinsicht eigentlech keng nei Problemer dierften

opkommen. Dat neit Agrargesetz soll a muss d'Multifunktionalitéit vum Bauer ënnersträichen, well et ass grad an dëser Multifunktionalitéit, wou e groussen Deel vum Bauer a besonnesch vum Lëtzebuerger Bauer seng Zukunft läit.

De Plan de développement rural huet och scho säin Nidderschlag an dësem Budget. Ech wollt do e puer Beispiller ginn.

1. Et si Bähëllef virgesinn, déi sollen ausgebaut ginn, wouriwwer ech mech nëmme ka freeën. Ech denken do prezis un d'Prime à l'entretien de l'espace naturel an un d'Prime à la sauvegarde de la biodiversité.

2. Bei der Strukturpolitik denken ech un de Plan d'amélioration matériel, deen am neie Kadergesetz eng nei Ausrichtung soll kréien.

Des Weideren denken ech un eng laangjäreg Fuerderung vun eiser Partei, déi elo endlech ëmgesat gëtt an hiren Nidderschlag ewell am Budget fënnt. Dat ass d'Prétraite, déi et op där enger Säit der eelerer Generatioun erlaabt, aus dem aktive Liewen erauszeklammern, an op där anerer Säit Kapassitéite fräi mécht, déi dann deene Jonken zegutt kënne kommen.

3. Mir müssen een Thema nach vill méi ugoe wéi mer dat bis ewell ëmmer gemaach hunn, an dat ass d'Förderung vun eise landwirtschaftleche Qualitéitsprodukter. Viséiert sinn hei d'Schaffen, d'Verbesseren an d'Ënnerstëtze vu bestehenden an neie Labelen, sougenannte „label de qualité“ oder „label d'origine“. Et geet awer net duer, dass dës Labelen entstinn, mä et muss ee se och nach dem Konsument nobréngen. Et muss een d'Vertraue vum Konsument bestätegen a confortéieren, an dat ëmmer erëm op en Neits. Mir brauchen eng konsequent an dauerhaft Promotioun an e Marketing fir eis Produkter, an alle Beräicher.

D'Chambre d'Agriculture mécht an hirem Avis de Wee definitiv op fir eng kohärent an effikass Politik, déi op Basis vun der Qualitéit, der Liewensméttelsécherheet, der Hygiène vu gesonden an natierleche Produktiouns- a Veraarbechtungsmethoden e Gesamtkonzept virschléit, wou d'Promotioun, d'Informatioun vum Konsument an de Marketing vun de Lëtzebuerger Produkter eng wichteg Fonctioun anhuelen.

De System vu Sanitel, Produits du Terroir, der Marque nationale a verschiddenen Informatiounscampagnë sinn de richtegen Ufank, mä et gëllt se ze verfeinern an auszubauen.

4. Am Beräich vun der Strukturpolitik gesinn ech awer och d'Nischeproduktioun an eng Diversificatioun vun der landwirtschaftlecher Produktioun. Ech denken u Beispiller wéi Biolandwirtschaft, gezielt regional Initiativen oder d'Produktioun vun alternative Produite wéi Kéis, Pouleten asw.

5. Eng aner Nisch sinn zum Beispill awer och d'alternativ Energien. De Conseil économique et social mécht

a sengem Avis de Virschlag vu „chauffage à copeaux de bois“.

Eenzelner heibanne grinsen elo vläicht a soen: Wat hunn d'Bauern dann domat ze dinn? Abee, et gëtt ewell sou Initiativen. Ech denken un de Réidener Kanton mat sengem Projet iwwert de „chauffage à copeaux de bois“ - Dir erlaabt, datt ech net déi Lëtzebuerger Terminologie gebrauchen, well do verhedderen ech mech ëmmer -, an och a menger Gemeng gëtt et sechs Baueren, déi véier Wandmillen exploitéieren! Déi schéngen zefridden ze si mat deem zweete Standbeen, wat se do fonnt hunn!

Weider ausbaufäeg Alternativë sinn d'Biogasanlagen an d'Solarenergie. Aner Nische sinn awer och d'Produktioun vu Raps fir Biodiesel an Hanf.

6. De Wee hin zur Simplificatioun vun de Procédures administratives mussen mer nach ëmmer goen. Et ass an dësem Beräich ewell sou munches geschitt, mä vu datt d'Prozeduren ëmmer an ëmmer erëm verfeinert ginn, mussen och hei déi néideg administrativ Mesuren ergraff ginn, fir datt de Bauer sech kann ëm säi Betrieb bekëmmern an net onbedingt muss stonnelaang bei engem Computer a bei Pabeier setzen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, e Bauer ass am Émgang an an der Zuucht vun Déieren en Expär. Hien ass Expär am Beräich vum Planzenubau. Hien ass Mechaniker, Manager, Ökonom a Verkeefer. Hie schafft un der Fleeg vun der Natur a muss grouss Notiounen vun der Kontabilitéit hunn. Et ass also e Beruff, wou ee muss ganz vielfälteg Talenter ënner een Hutt zesumme kréien.

Dem Bauer seng Produkter ginn eis all eppes un! Dofir mussen mir him hëllefen, selbstänneg ze bleiwen, respektiv erëm ze ginn. Mir müssen e guidéieren am Feld vun den Exigence vun Ekologie, Santé an Économie. Ech sinn dovun iwwerzeegt, datt dës Regierung dee richteg Guide wäert sinn, an et sinn och ewell déi richteg Pisten an dësem Budget erëm ze fannen. Mir sollen an dës Richtung schaffen, an ech soen lech merci fir d'Nolauschteren.

M. le Président.- Domat ass d'Generaldebat zum Projet de loi vum Budget ofgeschloss.

(Interruption)

D'Mme Beissel ass net do. Si ass zu Bréissel am Comité des Régions. Si kann also net schwätzen.

D'Regierung hält en nächsten Dënschde Stellung zu dësen Debatten, a mir fuere mar de Moien um 9 Auer weider mat eisem Ordre du jour.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 18.27 heures)